DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

04 /// 2016

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 10.06.2016








EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Rapport succinct de la réunion du conseil communal du 10 juin 2016 **04**

Gemengerotssëtzung vum 10. Juni 2016 **08**

1. Correspondance; **10**

2. Circulation:

   2.1. modification du règlement général de la circulation - route de Luxembourg;
   2.2. approbation d'un règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de génie civil et réseaux pour le PAP rue Ribeschpont;

3. Approbation des modifications à apporter au règlement général de police;

4. Finances communales: **16**

   4.1. approbation des modifications à apporter au chapitre XXXV: Taxe d'occupation du domaine public - du règlement-taxes général;
   4.2. approbation d'un acte de vente de deux parcelles de terrain au lieu-dit «Place Gymnich»;
   4.3. approbation du contrat de bail avec la société Munhowen S.A. au sujet de la location d'une partie du centre CNA/CCRD Amarcord;
   4.4. approbation du relevé et du rôle supplémentaire de la taxe sur les chiens de l'exercice 2015;
   4.5. approbation des modifications à apporter au chapitre X: Eau - du règlement-taxes général;
   4.6. approbation des modifications à apporter au chapitre XI: Eaux usées et assainissement - du règlement-taxes général;
   4.7. approbation des modifications à apporter au chapitre XIX: Piscines - du règlement-taxes général;
   4.8. approbation du devis estimatif pour un montant de 19.000,00 € pour la réalisation de l'étude au sujet de l'installation photovoltaïque sur la toiture de l'école Gaffelt;
   4.9. approbation d'un crédit spécial de 19.000,00 € relatif à la réalisation de l'étude au sujet de l'installation photovoltaïque sur la toiture de l'école Gaffelt;

5. Avis à donner au sujet de la proposition au classement comme monument national de l'école primaire du quartier «Brill»; **32**

6. Enseignement fondamental - approbation du projet d'organisation pour l'année scolaire 2016/2017; **35**

7. Fabrique d'église:
   7.1. relevé des comptes de l'exercice 2013 et budget de l'exercice 2014; **60**
   7.2. avis à donner au sujet de la vente d'un terrain «Burange - chapelle» par la fabrique d'église;

8. Subsides ordinaires et extraordinaires aux clubs et associations locales; **62**

9. Approbation du changement au sein du groupe de travail «Promotion du centre commercial»; **67**

10. Personnel: création de 2 postes d'agent administratif dans la carrière D sous le statut de l'employé communal à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée pour (services: Structures d'Accueil, Enseignement); **68**

11. Questions au collège des bourgmestre et échevins; **59**

**Séance à huis clos:**

12. Enseignement fondamental - approbation:

    12.1. des propositions de réaffectation des institutrices et instituteurs sur la première liste - cycles 2 à 4;
    12.2. des propositions de réaffectation des institutrices et instituteurs sur la première liste - cycle 1;

13. Personnel:

    13.1. nomination provisoire de deux fonctionnaires communaux à plein temps dans la carrière du rédacteur (service: Comptabilité);
    13.2. promotion au grade 6 d'un fonctionnaire communal de la carrière du garde-champêtre;
    13.3. promotion au grade 11 d'un fonctionnaire communal de la carrière du technicien diplômé;
    13.4. augmentation de la tâche hebdomadaire de 20 à 30 heures d'une employée communale dans la carrière de l'éducateur gradué (service: Structures d'accueil);
    13.5. augmentation de la tâche hebdomadaire variable de 10-20 à 20-30 heures d'un employé communal dans la carrière de l'aide éducateur (service: Structures d'accueil);
    13.6. nomination d'un employé communal dans la carrière de l'éducateur gradué/assistant social à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée (service local de l'Emploi).
    Pour le collège des bourgmestre et échevins, (s) Dan Biancalana, (s) Patrick Bausch, bourgmestre, secrétaire communal faisant fonction,

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
N° 04 /// 2016
Parution SEPTEMBRE 2016

Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, André Weisgerber,
Pulsa, Mike Zenari, BENG, iStock

FSC www.fsc.org MIX Paper from responsible sources FSC® C018673

# RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 10 JUIN 2016

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins ; Monsieur Bob Claude ; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler ; Mesdames Romaine Goergen, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten ; Messieurs Marc Lazzarini, Romy Rech, Monsieur Marc Schiffmann (à l'exception des points numéro 8, 9, 10, 12 et 13 de l'ordre du jour); Madame Brit Schlussnuss et Monsieur Jos Thill (à l'exception des points numéro 7.2, 8, 9, 10, 12 et 13 de l'ordre du jour), conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal faisant fonction.

**Absents:** Monsieur René Manderscheid, échevin, excusé.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance à 8.00 heures en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

En amont de la liquidation de l'ordre du jour, sur demande du collège échevinal, le conseil communal est unanimement d'accord d'apporter les modifications suivantes à l'ordre du jour de la séance tenante:

- ad point numéro 2 de l'ordre du jour:
  - 2.1. - le règlement de circulation définitif pour l'installation d'arrêt-bus dans la route de Luxembourg est adapté pour tenir compte des remarques de la commission de circulation de l'Etat;
  - 2.2. - la réglementation temporaire de la circulation dans la rue Ribeschpont (travaux de voirie et de génie civil pour le PAP Ribeschpont) est mise en vigueur par la ratification du règlement d'urgence pris par le collège échevinal afférent

- ad point numéro 4 de l'ordre du jour:
  - 4.8. et 4.9. les approbations du devis estimatif et du crédit spécial au sujet de l'installation photovoltaïque sur la toiture de l'école Gaffelt sont ajournées à l'ordre du jour d'une prochaine réunion du conseil communal.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Sub point numéro 1 de l'ordre du jour, correspondance, le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance des membres du conseil communal:

1. le rapport d'activités du syndicat intercommunal SYVICOL, dont la page de couverture reprend une photo aérienne de l'Hôtel de Ville de Dudelange et de ses alentours;
2. après que la situation de propriété ait été réglée, le collège des bourgmestre et échevins compte entamer les démarches pour provoquer l'assainissement des sols et poursuivre activement le développement du site « Neischmelz »;
3. un projet dénommé « pacte pro-commerce » a été initié par le Ministre de l'Economie pour fortifier le commerce local dans les villes et localités. La Ville de Dudelange participe à ce projet;
4. des changements sont annoncés au sujet de l'installation d'une crèche communale, projetée initialement dans la maison « Petit », rue du Parc. Après analyse, il a malheureusement été constaté que pour la réalisation de ce projet, cet immeuble devrait être démoli complètement pour permettre ensuite de construire sur les lieux libérés un nouvel immeuble. Au vu de l'estimation sommaire des coûts de ce projet, le collège échevinal a pris les décisions suivantes:
   - abandon du site de la maison « Petit » pour l'aménagement d'une crèche;
   - poursuite de son projet d'aménagement d'une crèche communale à implanter au quartier « Italie »;
   - réaffectation et réaménagement de la maison « Petit » à des fins de logement subventionné.

   Le collège échevinal s'engage à porter des informations détaillées à la connaissance du conseil communal au courant d'une réunion informelle du conseil municipal.

2. Circulation: le conseil communal approuve à l'unanimité:

   1. la modification du règlement général de la circulation pour l'installation d'un arrêt-bus dans la route de Luxembourg, à hauteur des maisons numéros 92-96 ;

   2. le règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation du collège des bourgmestre et échevins visant à réglementer la circulation à l'occasion de l'exécution du chantier de travaux de voirie et de génie civil pour le PAP Ribeschpont dans la rue Ribeschpont pendant la durée du 20 juin au 29 juillet 2016.

3. Le conseil communal adopte d'un commun accord les modifications à apporter au règlement général de police ayant trait plus particulièrement aux étalages de marchandises et aux terrasses de café, d'hôtel, de restaurant ou autres qui pourront dorénavant être installées entre le 1er janvier et le 31 décembre de l'année et qui resteront soumises à la réglementation afférente.

4. Finances communales:

   1. la modification du règlement-taxes général concernant l'occupation de la voie publique par des terrasses de consommation de cafés, restaurants ou assimilées, modification adaptative aux nouvelles dispositions sub 3 ci-dessus est acceptée avec les voix de tous les membres. Dorénavant cette occupation donne lieu au paiement d'un tarif s'élevant par saison et m² occupé à 15,- €;

   2. la décision relative à l'approbation de l'acte de vente de deux parcelles de terrain par la Ville de Dudelange au profit de Madame Brit Schlussnuss[1] et de son époux Monsieur Thomas Mathias Jules Dominique est ajournée unanimement à l'ordre du jour d'une réunion subséquente du conseil communal pour attendre la péremption du délai de réclamation au vœu de l'enquête de commodo immobilier;

   3. le contrat de bail signé entre la société anonyme Munhowen, le Ministère de la Culture et la Ville de Dudelange concernant le local de la brasserie « Amarcord », sis au bâtiment commun Centre culturel régional et Centre national de l'audiovisuel est approuvé à l'unanimité;

   4. le relevé et le rôle supplémentaire de la taxe sur les chiens 2015 concernant 22 chiens sont avalisés d'un commun accord;

   5. la modification du règlement-taxes général concernant la redevance pour l'utilisation de l'eau destinée à la consommation humaine est acceptée avec 13 voix et 2 abstentions[2]. La redevance est assise sur l'eau destinée à la consommation humaine fournie par le réseau de distribution de la Ville de Dudelange. La redevance couvre l'ensemble des charges liées à la conception, la construction, l'exploitation, l'entretien et la maintenance des infrastructures nécessaires à la fourniture d'eau, y compris les amortissements de ces infrastructures. La redevance se compose d'une partie fixe annuelle par compteur et d'une partie variable. La partie variable est mesurée par le compteur d'eau et facturée à des tarifs différents pour le secteur de ménages, le secteur agricole et le secteur industriel. La partie fixe est proportionnelle au diamètre du compteur d'eau;

   6. la modification du règlement-taxes général concernant les eaux usées et assainissement est acceptée avec 13 voix et 2 abstentions[3]. La redevance se compose d'une partie fixe annuelle par compteur, proportionnelle au nombre d'équivalents habitants moyens annuels et d'une partie variable proportionnelle au volume d'eau provenant de la distribution publique prélevée par l'utilisateur ou déterminée à l'aide d'un dispositif de comptage. La redevance distingue en outre entre trois secteurs pour les schémas de tarification, à savoir: le secteur des ménages (personnes physiques, institutions publiques et entreprises qui ne font ni partie du secteur industriel, ni du secteur agricole), le secteur

---

1 Madame Schlussnuss a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote.
2 Madame Dall'Agnol a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote.
3 Madame Dall'Agnol a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote.

industriel (entreprises dont la charge polluante excède les 300 équivalents habitants moyens et/ou qui sont à considérer comme secteur industriel selon la redevance eau destinée à la consommation humaine), et le secteur agricole (agriculteurs, viticulteurs, éleveurs, arboriculteurs, horticulteurs, pépiniéristes, jardiniers, maraîchers, pisciculteurs, sylviculteurs et apiculteurs). Le schéma de tarification adopté garantit le respect des principes de l'article (1) de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau;

7. le conseil communal, avec 11 voix et 5 abstentions fixe des nouveaux prix d'entrée à la piscine en plein air. Dorénavant les prix suivants sont applicables:

a) Adultes

| | |
|---|---|
| 1 billet | 5,00- € |
| carnet de 10 billets | 40,00- € |

b) Enfants de moins de 12 ans

| | |
|---|---|
| 1 billet | 2,50- € |
| carnet de 10 billets | 15,00- € |

c) Etudiants, militaires et personnes handicapées

| | |
|---|---|
| 1 billet | 3,50- € |
| carnet de 10 billets | 25,00- € |

8. le point est reporté à une séance ultérieure du conseil communal;

9. le point est reporté à une séance ultérieure du conseil communal.

5. A l'unanimité[4], le conseil avise favorablement la proposition de prévoir une préservation de l'école Brill tout en exprimant ses réserves quant à la nature de la protection et en proposant à Monsieur le Ministre de la Culture de revoir le classement et de favoriser une inscription à l'inventaire supplémentaire aux termes de la loi du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux.

6. Enseignement:

   1. d'un commun accord, le conseil communal adopte le projet d'organisation scolaire de l'enseignement fondamental pour l'année 2016/2017;
   2. la proposition de motion du parti « Déi Lénk Diddeleng » pour une augmentation du contingent de leçons attribuées par le MEN en vue d'assurer l'enseignement fondamental est rejetée par le conseil communal avec 9 voix contre, 1 voix pour et 6 abstentions.

***

Le conseil communal, ayant donné son accord préalable relatif à la modification de l'ordre du jour, le point numéro 11, questions au collège échevinal est traité ensuite. Pour ce, le bourgmestre prend oralement position par rapport à la question soumise au collège des bourgmestre et échevins par le parti « Déi Lénk Diddeleng » au sujet la communication des conclusions de la consultation citoyenne relative à la définition du nouveau PAG de la ville de Dudelange.

***

7. Fabrique d'église:

   1. le relevé des comptes de l'exercice 2013 et le budget de l'exercice 2014 de la fabrique d'église sont avisés unanimement[5];

   2. le conseil communal, avec 14 voix contre 1, avise favorablement le dossier soumis par la Fabrique d'église de Dudelange du 1er avril 2016 et concernant un projet immobilier à réaliser par un promoteur immobilier e.a. sur une partie de terrain près de la chapelle de Burange, d'une superficie de 24,34 ares appartenant à la Fabrique d'église, d'une valeur de 550'000,- €.

8. Subsides:

   1. avec 9 voix et 5 abstentions, le conseil arrête la liste des subsides ordinaires à accorder aux clubs et associations locales pour l'exercice 2016. Au total 54'660,- € sont répartis entre 7 différentes catégories

---

4 Monsieur Schiffmann a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote.

5 Monsieur Spina, Madame Dall'Agnol et Monsieur Claude ont quitté temporairement la salle et ne participent pas au vote.

d'associations: Divers (1'050,- €), Sport (32'325,- €), Scoutisme (6'650,- €), Social/ Éducation/Mémoire (6'045,- €), Art & Culture (2'645,- €), Nature & Environnement (1'940,- €) et Loisirs (4'005,- €);

2. d'un commun accord est attribué un subside de 50,- € à la « Lëtzebuerger Pompjees-Fédératioun » à l'occasion du 50e anniversaire des « Lëtzebuerger Jugendpompjeeën ».

9. Le conseil communal, sur proposition de la Fédération des Commerçants et Artisans de la Ville de Dudelange, nomme unanimement[6] Monsieur Georges Waringo comme remplaçant de Madame Esther Erang dans le groupe de travail « Promotion du centre commercial ».

10. Personnel: le conseil communal décide d'un commun accord de créer 2 postes d'agent administratif dans la carrière D sous le statut de l'employé communal à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée pour les besoins du département administratif de l'administration communale (service des structures d'accueil et service de l'enseignement).

Le point numéro 11, questions au collège desbourgmestre et échevins ayant été traité auparavant, le conseil communal poursuit sa réunion en séance à huis clos avec les dossiers de personnel.

Personnel (12.1 et 12.2.): - Enseignement fondamental:

Les votes suivants pour la première liste des cycles 2 à 4 de l'enseignement fondamental sont pris par le conseil communal : 1 poste (100%): Madame Jill Martin; 5 postes de surnuméraire (100%), Mesdames Loredana Klein, Lina Schroeder, Anja Bemtgen, Chris Staar et Monsieur Philippe Urbany.

En ce qui concerne les candidats pour la première liste du cycle 1, le conseil communal retient Monsieur Cyril Grün (1 poste (100%)) et Mesdames Steffi Cescutti et Nora Assa pour chaque fois un poste de surnuméraire à 100% pour l'année scolaire 2016/2017.

Personnel (13.1. – 13.6.):

Deux nouveaux rédacteurs sont nommés pour le service de la comptabilité : Madame Anabela Bastos et Monsieur Tiago Marques Ferreira.

Des promotions sont accordées à deux fonctionnaires communaux et les cadres de deux employés communaux sont ajustés.

Finalement le conseil communal nomme Madame Stefania Mangini au poste d'assistante sociale sous le statut d'employé communal pour être affectée au service local de l'emploi de la commune.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées au lundi, 11 juillet 2016 à 18.00 heures (extension parking résidentiel) et au vendredi, 15 juillet 2016 à 8.00 heures (de 8.00 à 9.00 heures : réunion informelle (crèche communale) et à partir de 9.00 heures réunion officielle).

Fin de la séance vers 12.50 heures.

***

[6] Madame Goergen a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote.



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 10. JUNI 2016

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Kollegen a Kolleginnen, ech begréissen Iech an eiser Gemengerotssitzung, de René Manderscheid huet sech entschëllegt well hien am Ausland ass.

Ech géif dann elo mam Ordre du Jour ufänken. Et sinn awer nach e puer Adaptatiounen déi Dir elo och ausgedeelt kritt. Engersäits sinn et Verkéiersreglementer. Op déi zwou, déi virleien, wäert d'Claudia Dall'Agnol herno agoen. Awer och de Punkt, deen d'Finanzen ugeet, de Punkt 4.8 a 4.9, et geht ëm d'Fotovoltaikanlag op der Schoul Gaffelt. De Prinzip hale mir fest, mä deen doten Devis muss nach eng Kéier iwwerpréift ginn, respektiv en anere Büro drop gesat gi fir dat ze maachen. Dat heescht, de Prinzip ass schonn, datt mir dat solle maachen an der Gaffelt, mä deen heiten Devis erofhuelen a fir den nächste Gemengerot dropsetzen.

**Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? Gutt, da soen ech Iech villmools Merci.**

## 1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir op d'Korrespondenz iwwer goen. Mir hunn eis et net huele gelooss, Iech wéi all Joer och hei de Rapport annuel vum SYVICOL auszedeele vum Joer 2015.
Op alle Fall hutt Dir awer och am Rapport d'activité e flotten Abléck an déi verschidde Positiounen an Avisen, déi de SYVICOL am Joer 2015 geholl huet zu verschidde Projet-de-loien an awer och am Kader vu senge Komiteessitzungen.

Dann awer och nach als Info, deen een oder aneren Dossier a Projet, deen dës Gemeng beschäftegt.

Engersäits hu mer do de Projet Nei Schmelz. Ech wëll de Gemengerot informéieren, datt mir am Kader vun den neie Propriétéitsverhältnisser, déi jo gekläert sinn, wou d'dernière Ligne droite ass fir den Transfert de propriété och iwwert en Akt ofzeschléissen, do hu mir als Stad Diddeleng, zesumme mam Fonds de Logement beim Logementsministère ugeklappt fir zesummen och den Timing ze definéieren.

Wann elo d'Propriéteitsverhältnisser gekläert sinn, ass et jo immens wichteg - de Projet Nei Schmelz, respektiv d'Areal selwer ass am PAG eng Zone à étude - datt mir iergendwann an de Gemengerot kommen an eng Modification ponctuelle vum PAG maachen, fir datt och déi jeeweileg PAPen drop kënne gemaach ginn, sou wéi d'Gesetz dat och virgesäit. Awer éier dat alles ka gemeet ginn, muss och zesumme gekuckt gi mam neie Propriétaire a mam Staat, wéi dee ganze Phasage gemeet gëtt um Niveau vum Assainissement.

Am Fong ass et elo einfach wichteg, datt een sech en Échéancier gëtt an kuckt, wéi een déi verschidde Phasen ebe graduell ugeet.

Ech mengen, datt een, sou wéi mir déi läscht Joeren och ëmmer als Partner eben un deem Projet geschafft hunn, och hei déi nei Schrëtt eben zesumme bestëmmt an datt een och do déi néideg Schrëtt gemeinsam als ëffentlech Acteuren ënnerhëlt an och steiert, fir datt dee Projet en bonne et due forme kann iwwert d'Bühn goen.



A mir hei am Gemengerot wäerten nach méi wéi eng Kéier iwwert dee Projet schwätzen an och domat befaasst ginn, mä et ass awer prinzipiell déi Marschrichtung, déi mir eis ginn hu wat deen dote Projet ugeet.

Dann en anere Projet, wou mir och vum Ekonomiesministère ugeschwat gi sinn, wou mir och an enger Sitzung waren, dat ass de Pacte PRO-Commerce. Den Ekonomiesministère huet d'Initiative geholl fir eng ganz Rei Gemengen unzeschreiwen an ze kucken, wat fir eng national Strategië mat de lokale Partner kënnen ëmgesat ginn, fir d'Geschäftswelt a gréissere Stied ze stäerken. An dat e bësse par rapport zu enger jorelaanger nationaler Politik, wou éischter d'Geschäfter an der Peripherie gestäerkt gi sinn. Dat och deelweis au détriment vun der Attraktivitéit vun de Stadskären an och vun der Geschäftswelt an dee Pacte PRO-Commerce, deen den Ekonomiesministère ënnerholl huet - do ware mir och op eng Sitzung am Ministère, do waren och nach aner Gemengen dobäi an do sinn eng ganz Rei Initiativen, déi den Ekonomiesministère wëllt huelen - fir zesumme mat de Gemengen d'Stadkäre méi attraktiv ze maachen.

Jiddereen a senger Roll, engersäits d'Gemengen iwwert d'urbanistesch Ëmgestaltung, wat mir hei zu Diddeleng amgaang sinn ze maachen, de Ministère de l'Économie an sengem Rôle awer, mä dat alles och zesumme mat de Geschäftsverbänn.

Et ass, wéi gesot, eng national Strategie, déi natierlech um lokale Plang definéiert gëtt en fonction vun de Besoinen um lokale Plang, mä och dat hu mir prinzipiell begréisst.

Dann en anere Projet, deen ech dem Gemengerot net wollt virenthalen an elo en toute transparence wollt matdeelen. Zwee Projeten, déi mir budgetiséiert hunn, wou awer e Changement d'affectation vu bestoende Projete besteet, dat ass e Switch wat d'Maison Petit an der Rue du Parc ugeet, d'Crèche Petit. Do si mir an déi Ausriichtung gaange mam Architekt, datt d'Struktur, de Prinzip vun der Crèche, oprecht erhale bleift, mä net an der Rue du Parc mä am Quartier Italien.

Dir wësst, am Budget 2016 hu mir engersäits d'Maison Petit budgetiséiert, mä och eng ëffentlech Struktur am Quartier Italien. Ech wollt an deem Kader och eng Kéier mam Gemengerot zesumme kommen, fir datt mir en informelle Gemengerot virun der Summervakanz maachen, wou mir Iech dee Wiessel an seng Motivatioune duerleeën an en toute transparence erklären, fir datt mir dann och kënne fir d'Hierschtrentrée Devisë virleien hu fir déi Projeten definitiv ze stëmmen.

Einfach prinzipiell d'Ausriichtung firwat et zu deem Changement komm ass: Wa mer déi Crèche an der Maison Petit gemat hätten, dann hätt dat mat sech bruet, datt d'ganz Haus hätt missen ofgerappt an nees nei opgebaut ginn, respektiv dat wat schlussendlech de Projet kascht hätt par rapport zu der Unzuel vu Kanner, déi een do hätt kéinten eranhuelen, wär et disproportionéiert gewiescht an, datt mir och déi ëffentlech Gelder net sou kënnen an deem Sënn verwalten, an dofir war et fir eis wichteg datt mir dann de Wiessel maachen, dass de Prinzip vun der Gemengecrèche oprecht erhale gëtt, datt si an de Quartier Italien soll goen an déi ëffentlech Struktur.

Déi zwee Architekten sinn och scho mat Projete befaasst ginn, an do hu mir eben d'Chance, datt mir en Neibau kënne maachen a wann een en Neibau mëscht, dann huet een och vill méi Gestaltungsfräiheeten an do kann een, wat d'Capacitéit ugeet, op alle Fall och vill méi weit goen wéi dat am Moment an der Rue du Parc de Fall ass.

Op där anerer Säit heescht et awer och, wat maache mir mat deem Haus, datt mir kaf hunn an der Rue du Parc? Do ass d'Ausriichtung éischter, d'Haus stoen ze loossen an an de subventionéierte Wunnengsbau ze goen, wat natierlech och mat sech bréngt, datt een net brauch ofzerappen an datt een op där anerer Säit och eng Contrepartie huet vu Logementer, dat och vum Ministère matt finanzéiert gëtt.

Dat elo mol zu der Ausriichtung vun deenen doten zwee Projeten.

D'Architekten, mat deene mir och Reuniounen haten, schaffen elo un deenen zwee Projeten an d'Iddi ass, datt mir vläit zum Schluss vun dësem Gemengerot en Datum festhale fir en informelle Gemengerot ze maachen, wou mir Iech och méi am Detail kënnen déi verschidden Iwwerleeungen duerleeë fir se dann och herno kënnen ëmzesetzen.

Dat zu deenen doten zwee Projeten. Dat war alles wat ech Iech wollt soen ënnert dem Punkt Korrespondenz an da géif ech Iech proposéieren, datt mir iwwerginn op d'Circulatioun. Do leien zwee Reglementer vir an dofir ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.



## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

**2.1. Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement - Route de Luxembourg**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Beim Punkt 2.1 geet et em d'Busarrête fir d'Linn 200 vum RGTR, déi jo soll bis op Diddeleng verlängert ginn. Mir hunn Iech allerdéngs eng nei Deliberatioun ausgedeelt, wéi déi, déi Dir an Ärem Dossier hat. Ech hoffen dir sidd bereet, iwwert déi nei ofzestëmmen, wann ech Iech bis erkläert hunn, ëm wat et geet.

An zwar hu mir déi zwou Bushaltestellen, déi beim LNS virgesi waren, missen aus der Deliberatioun eraushuelen. Firwat? Och wann dat elo e bësse komesch klengt – dat ass elo wierklech kee Witz wat ech Iech elo hei soen – ma well Ponts & Chaussées eis matgedeelt huet, datt si, no X Joeren, festgestallt huet, datt hiert d'Schëld an der Entrée vun Diddeleng, wann ee vu Beetebuerg op Diddeleng fiert, falsch steet an datt se dat musse no hanne verréckelen. A wann ech soe verréckelen, dann ass dat Richtung Garage Cruciani a Garage Cardoni.

Firwat ass dat sou? Ma well d'Gesetz vun 1955 seet - an ech zitéieren dat elo - wat eng Agglomeratioun ass. Eng Agglomeratioun ass en "Espace de fonds bâtis comprenant au moins dix maisons d'habitation rapprochées."

Dat heescht, mir sollte jo déi Bushaltestell op Wonsch vun der RGTR beim LNS maachen a vu datt awer elo d'Schëld vu Ponts & Chaussées, op dat sech baséiert gëtt, falsch steet, ass dat net méi d'Agglomeratioun.

An eppes wat net zu der Agglomeratioun gehéiert, sou wéi d'Gesetz vun 1955 dat da virschreift, dat brauche mir dann och net ze reglementéieren, dat muss u sech Ponts & Chaussées selwer maachen.

Dat heescht, datt den RGTR sech fir déi doten zwou Bushaltestelle muss u säin eegene Ministère, also Ponts & Chaussées wennen oder ëmgedréint, Ponts & Chaussées sech un den RGTR, fir dann déi Bushaltestellen ze kreéieren an dann och ze reglementéiere fir datt dee Bus 200 herno och ka beim LNS halen. Ech ginn dovun aus, datt dat och wäert klappe wann déi Ministèren ënnert sech wäerte schwätzen, da wäerten se dat jo och séier hi kréien.

Vläit awer nach zu der Buslinn 200 e puer Infoen. Ech hunn d'lescht Woch nach eng Kéier hin an hir telefonéiert fir rauszefanne wéi et mat der Linn 200 dann elo ass an du krut ech gesot, si soll dann elo ab dem 1. September fueren. Ech muss awer nach eng Kéier dobäi soen, dat hunn ech schonn e puer Mol hei gesot, offiziell si mir als Gemeng nach ëmmer net kontaktéiert ginn.

Ech hu mir och d'Méi gemat, nach eng Kéier op de Säite vum Verkéiersverbond, respektiv um Internet ze kucken, ob se do schonn en neien Horaire proposéiert hunn. Neen, dat ass nach ëmmer deen Horaire wéi e bis elo ass, dee Bus deen eng Kéier d'Stonn fiert. Datt mir iwwerhaapt haut konnten déi Bushaltestelle reglementéieren, dat huet domat ze dinn, datt eisen neie Mann an der Circulatioun sech net ginn huet, an datt deen den RGTR permanent ugeruff huet fir méi gewuer ze ginn.

Dat gesot, bieden ech Iech déi Bushaltestell, déi nach iwwereg bleift, déi an der Lëtzebuerger Strooss vis-à-vis vun den Haiser 90, 92 ze reglementéieren.

Firwat eigentlech nëmmen déi, well e Bus fiert jo erop an erof? Dat ass esou well mir op der anerer Säit scho Bushaltestellen hunn. Den LNS hu mir wéi ge-





sot erausgeholl, beim Kierfecht do hu mir eng Bushaltestell, idem och bei der Nuddelsfabrik, och wann den TICE-Bus do net gehal huet. Déi Bushaltestell war jo ni ofgeschaaft ginn, well jo de Schülertransport nach do gehalen huet.

Dat selwecht gëllt och fir den Arrêt op der Héicht vun den Haiser 94 a 96 vun der Lëtzebuerger Strooss. Och do gëtt et nach ëmmer en Arrêt well do de Schülertransport gehalen huet, sou datt mir haut nëmmen ee musse reglementéieren an zwar deen op der Héicht vun den Haiser 90, 92. An dann hoffen ech, datt ech näischt vergiess hunn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia. Si Froen dozou?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt just soen, datt mir dat explizit begréissen, datt mir déi Linn 200 elo op Diddeleng kréien. Da si mir och déi lescht Südgemeng, déi eng Buslinn bis an d'Stad kritt, déi aner hunn dat alleguerten, och wann si am TICE-Verbond sinn, déi aner konnten direkt an d'Stad scho fueren. Mir begréissen dat explizit.

Déi Explication de motif ass natierlech logesch, mä trotzdem awer komesch. Dat heescht, alles dat wat virun deem Schëld ass - wou mir dann elo iergendwann en neit Schëld eng Kéier kréien - dat gehéiert am Fong offiziell net zu Diddeleng, hunn ech dat richteg esou verstanen?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Zur Agglomeratioun.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Zur Agglomeratioun? Ah, dat ass en Ënnerscheed, OK.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat heescht, alles wat net zur Agglomeratioun, wéi d'Gesetz et virgesäit, gehéiert, muss Ponts & Chaussées selwer reglementéieren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): An déi maachen dat awer dann och am Delai? Datt mir dann awer bis den éischte September…

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ma dofir sot ech jo, deen ee Ministère streit mat sech selwer wann et net géif klappen, sou datt ech unhuelen, datt dat dann och klappt.

Ech muss soen, ech si gëschter Owend einfach eng Kéier aus Firwëtz iwwer Butschebuerg gefuer fir ze kucken, wéi dann do d'Schëlter stinn.

Also, sou op den éischte Bléck stinn se do awer richteg. Ech huelen awer un, datt wa Ponts & Chaussées dat do elo opgefall ass, da wäerten si jo och eng Kéier en Tour duerch ganz Diddeleng maachen an dann gegebenfalls, wann dann nach ee Problem ass bei engem Schëld, dat dann och réckele fir datt dat doten net nach eng Kéier virkënnt.

Et ass natierlech just komesch, datt dat heiten elo an dësem Zesummenhang opfält wéi mir ugefrot hu fir eng Bushaltestell. Mä wéi gesot, ech hoffen alt, datt wann den RGTR mat Ponts & Chaussées diskutéiert, datt dat dann och bis den éischte September klappt.

Jean-Paul Gangler (CSV): Just eng Fro, déi mech elo spontan emol einfach interesséiert. Wann déi Agglomeratioun elo geréckelt gëtt, vu wou u muss een da mat 50 fueren? Dat geet jo vum Schëld un normalerweis. Gëtt dat dann och geréckelt?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Deemno wou d'Schëld steet géing ech soe jo.

Jean-Paul Gangler (CSV): Dat heescht, et kann een elo méi wäit mat 70 fueren?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Komm mir waarde mol bis Ponts & Chaussées d'Schëld geréckelt huet a bis wouhin si et réckelen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wéisst dat awer léiwer virdrun, wéi dass ech duerno ee Protokoll kréien…

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et musse ee bemierken, och wann d'Schëld ännert, et gëtt jo gekuckt wat op der N31 d'Vitesselimitatioun ass. Dat



ass dat wat zielt an och dat ass dann och reglementéiert, vu datt et eng Staatstrooss ass. Dat heescht net automatesch, datt ee virum Schëld mat 70 däerf fueren.

Dat gëtt reglementéiert, et ka sinn, datt op der ganzer N31 bis d'Schëld aner Dispositioune kënne lafen, sou wéi et administrativ virgesinn ass.

Nach aner Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Kënne mir dann zu der Ofstëmmung vun deem dote Reglement kommen?

**Wien ass mat deem dote Reglement averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

**2.2. Genehmegung vum temporäre Verkéiersreglement uléisslech vun de Bauaarbechte fir de PAP an der Rue Ribeschpont;**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Da komme mer zu deem zweeten a leschte Verkéiersreglement. Do geet et em de PAP Ribeschpont. Hei geet et ëm d'Phas 2 vum Lotissement bei der Rue de Lebork, do mussen nach fir de Kanal, Gas, Waasser, Post, ELTRONA, CREOS Leitunge gebaut ginn, an och d'Strooss muss nach gebaut ginn, fir datt herno iwwerhaapt Haiser kënnen drop gebaut ginn.

Och do muss ech lech fir Äert Averständnis fir eng Modifikatioun vum Ordre du Jour froen. An zwar bleift hei den Inhalt d'selwecht awer aus engem Règlement temporaire wéi dir en an Ären Dossieren hat, muss eng Confirmation de règlement d'urgence vum Schäfferot ginn.

Firwat?

Den Entrepreneur – ech nennen elo keen Numm – deen dat heiten am Fong ënnert sech huet an deen och d'Firma huet déi baut, deen huet eis via E-mail am spéiden Nomëtteg vum 20. Abrëll eréischt déi éischt Donnéeën eraginn, wat hie genee misst hu fir säi Chantier kënnen anstänneg ze maachen.

Mir haten dunn den 22. Abrëll moies schonn e Gemengerot an och do hätte mir missten e Règlement temporaire huelen, wat och hätt misse formell iwwert eng Modifikatioun vum Ordre du jour gemat ginn, well dir jo schonn Är Convocatioun de 15. Abrëll, also eng Woch virdru krit hat.

Dat hu mir awer net gemaacht well mir am Fong léiwer en normale Règlement temporaire am nächste Gemengerot huelen. Sou war dat dann och dës Kéier virgesinn an dofir hutt Dir dat dann och esou an Ärem Dossier leien, Dir hutt dat esou geschéckt kritt.

Wéi ëmmer wa mir esou eppes maachen, froe mir d'Commission de circulation de l'État, ob si mat eisem Reglement d'accord sinn an déi hunn eis awer eréischt den 9. Juni gesot, wa mir dat elo haut den 10. Juni géinge stëmmen, d'Reglement net bis den 20. Juni kéint a Kraaft sinn.

Dat heescht, et kann net approuvéiert gi vun eiser Autorité supérieure. An datt mir dofir besser hätten, e Règlement d'urgence am Schäfferot ze huelen an dann haut am Gemengerot ze stëmmen a mat der Versécherung datt si déi Urgence dann och géifen unerkennen.

Den Entrepreneur, dat versteet sech vum selwen, wëll natierlech mat Zäite mat sengen Aarbechten ufänken, virun allem wa mir wëssen, datt e Congé collectif usteet. Hie wëllt den 20. Juni ufänken, well d'Aarbechten ëmmerhi ronn 5 Woche wäerten daueren, bis den 29. Juli.

Dofir hu mir dann décidéiert fir, wéi virgeschloe vun der staatlecher Verkéierskommissioun, e Règlement d'urgence vum Schäfferot ze huelen, wéi gesot mam selwechten Inhalt wéi dat wat an Ärem Dossier läit, fir dem Entrepreneur ze garantéieren, datt e pénktlech den 20. Juni kann ufänken an dann och mat Zäit, pénktlech fäerdeg ginn.

Et ass also éischter eng Formsach an et huet u sech näischt mam Inhalt ze dinn. Et ass ebe fir datt mir kënnen déi Schëlter reglementéieren a virun allem datt mir se och kënnen opstellen an en règle si wann dee Chantier dann den 20. Juni ugeet.

Vläit awer och zum Inhalt. Et geet drëm, eng Route barrée, dat heescht do däerfen da just déi Leit erafueren, déi eppes mam Chantier ze dinn hunn, ze reglementéieren ab der Rue de Lebork, laanscht de Chantier a Richtung Route de Noertzange.

An dann och eng Circulation interdite, do däerfen dann natierlech déi Leit, déi do wunnen, respektiv och d'Livreuren an och d'Bauere mat hiren Trakteren - well mir schwätzen do vun enger Plaz wou jo och Felder sinn - eran. An zwar ass dat vum Ufank vun der



Näerzengerstrooss u bis bei de Chantier.

Dat gesot hoffen ech, datt Dir bereet sidd, aus dem Règlement temporaire e Règlement d'urgence ze ratifizéiere fir kënnen dem Entrepreneur ze erlaben, mat Zäit mat deem Chantier unzefänken.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Sinn nach Froen dozou oder Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da komme mer direkt zur Ofstëmmung.

**Wien ass mat der Modifikatioun averstanen? Dat ass unanime.** Merci de Membere vum Gemengerot.

### 3. Genehmegung vun Ännerungen am Polizei-Reglement

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Punkt komme mer zum generelle Polizei-Reglement vun der Stad Diddeleng, an do geet et ëm Terrassen. Firwat maache mir déi Modifikatioun?

Am Laf vum Joer 2015 ass de Geschäftsverband zesumme mat enger Rei Cafetieren un d'Gemeng erugetruede fir ze froen, ob am Kader vun den Terrassen d'Méiglechkeet géif bestoen, eng Verlängerung unzestriewen.

Engersäits wat d'Period ugeet, anerersäits wat d'Auerzäit ugeet, et engersäits méi an de Wanter eranzéien, respektiv dann awer och d'Horaires d'ouverture. Dat eben awer och well si mierken, datt generell, och duerch dat néit Fëmmgesetz, d'Leit sech méi dobaussen ophalen. Dass dann heiansdo méi kokeleg Situatiounen opkomme wann d'Wieder awer besser ass an et ass een op der Terrasse, wou awer de Moment d'Zäiten delimitéiert sinn, dass och heiansdo wa Leit sech op den Terrasse befannen, d'Terrasse muss ofgeraumt ginn, respektiv och d'Police kënnt an datt do heiansdo onnëtz Diskussiounen opkommen.

Mir hunn alleguerten déi Doléancen opgeholl, mir hunn eis dat duerch de Kapp goe gelooss. Mir kucken de Moment wat déi aktuell Dispositiounen sinn, wat den Artikel 16 ugeet vum generelle Polizeireglement. Dee seet jo, datt eng Terrasse an der Stad Diddeleng opgeriicht ka gi vum éischte Mäerz bis den éischten November, datt d'Terrassen op si bis 23 Auer, a wann een eng fräi Nuet huet, datt déi fräi Nuet jo net fir d'Terrass gëllt. Dat ass déi aktuell Dispositioun.

Déi aktuell Dispositioun seet awer och, datt am Mount Juni, Juli, August, d'Terrass vun 11 Auer bis 1 Auer moies ka verlängert ginn, déi Deeg wann de Gemengerot och eng fräi Nuet accordéiert huet. Mir hu jo Deeg, wou dat de Fall ass, an dann ass dat natierlech esou, datt d'Terrassen spéitstens um halwer 2 zou musse sinn.

Déi nei Dispositioun, déi mir elo hei virleien hunn, déi soll eng aner Ausriichtung kréien a mir hunn natierlech e bësse gekuckt, wéi dat an anere Gemenge gehandhaabt gëtt. Do gëtt et allerdéngs keng kloer Linn, mä mir hu mol probéiert hei dat festzehale wat eis schéngt fir Diddeleng gutt ze sinn, ënner dem Virbehalt och vum Equiliber tëschent Nuetsliewen an natierlech och der Nuetsrou. Well wann ee géif mierken, datt dës nei Dispositiounen an eng Richtung géife goen, wou d'Nuetsrou vun de Leit, déi am Stadkär wunnen, staark beeinträchtegt wier, misst een awer ganz kloer op déi al Dispositioun zeréck kommen.

D'Ausriichtung vun deem neien Artikel 16, dee gesaït vir, datt am Fong d'Terrasse während enger Année civile, der ganzer Année civile kënnen opgeriicht ginn, vum 1. Januar bis den 31. Dezember. Dass vu sonndes bis donneschdes d'Terrass bis 11 Auer owes kann op sinn, datt si d'office freides a samschdes bis 1 Auer kann op sinn, mä datt d'Terrass awer spéitstens um halwer 2 muss zou sinn an natierlech, datt wann een eng fräi Nuet huet, déi net valabel ass fir d'Terrass.

Eng fräi Nuet ass jo wéi gesot bis 3 Auer an et kann net sinn, datt eng Terrass eng fräi Nuet kritt bis 3 Auer. Dat ass e bëssen d'Ausriichtung, déi dësen Artikel kritt.

Déi Diskussioune goufen och an der Sécherheetskommissioun den 21. Abrëll 2016 diskutéiert, déi war och heimat averstanen, also hu mir och do e positiven Avis.

Wéi gesot, mir hunn eis och informéiert wéi et an anere Gemenge leeft an do ass et och ganz disparat. Et gi Gemengen, déi bleiwe vu Mäerz bis November, anerer maachen och d'Année civile, et si Gemengen, wann do een eng fräi Nuet huet, da kann och d'Terrass eng fräi Nuet kréien.

Dee Modus dee mir hei probéiert hunn emol festzehalen, kann een neien sinn dee mir hei wëllen applizéieren. Natierlech ëmmer ënnert dem Virbehalt, datt dat awer net sou ausschléit, datt d'Nuetsrou ze vill beeinträchtegt gëtt.



Esouvill zu den Erklärungen zu dësem neien Artikel 16 vum Polizeireglement.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech denken, et ass wéi Dir gesot hutt, Här Buergermeeschter, et ass am Fong eng Legalisatioun vun enger Realitéit, déi mir hei maachen.

Duerch d'Antifëmmgesetz sinn effektiv ëmmer méi Leit, déi sech souwisou dobaussen ophalen. Ech denken, wat elo d'Durée am Joer ubelaangt, ass et wichteg, datt mir de Cafetieren eng gewëssen Autonomie ginn. Et war ëmmer schuet wa scho schéi Wierder war virum éischte Mäerz an da konnten si keng Terrasse opriichten a mir wëssen, datt et de Cafetieren och net esou super geet allgemeng, ebe well si sech och ëmmer beschwéieren iwwert d'Antifëmmgesetz, datt vill Leit verluer ginn. Dat hei gëtt awer eng Méiglechkeet, datt déi Geschäftsleit awer eenegermoossen iwwert d'Ronne kënne kommen.

Et musse ee sech natierlech och e bësselche Suerge maachen, et ass wéi Dir gesot hutt, et musse ee kucke wéi dat elo an der Praxis geet.

An der Woch gëtt d'Nuetsrou ëm eng Stonn esouzesoen no hanne geschiebt a freides a samschdes bis eng Auer. Mir hoffe jo op e géigesäitegt Versteesdemech vun de Geschäftsleit vis-à-vis vun den Anrainer, datt mir op déi kënnen ziele fir dass dat awer eng Kompatibilitéit gëtt tëschent der Nuetsaktivitéit an der Nuetsrou.

Bon, et musse ee kucke wéi et geet. Et ass wéi Dir gesot hutt, et ass elo mol eng Propose fir dat esou ulafen ze loossen an da gesi mir, wéi et weider geet.

Ech wollt awer och nach an deem Zesummenhang nach eng Kéier kuerz eppes soen. Et ass ee Cafetier, dee mech dorop ugeschwat hat, deen hat ganz brav seng Tax fir dëst Joer och bezuelt, an der Hoffnung, datt de Shared Space Chantier e bëssen éischter géif ophalen, mä vu que dass dee jo elo awer anscheinend d'ganzt Joer soll unhalen, ass meng Fro ob déi Leit, déi hier Terrassentax scho bezuelt hunn, ob déi awer eng Note de crédit kréien?
Ech hoffen, dass mir an déi Richtung ginn, an ech géif och an deem Zesummenhang nach eng Kéier vläit awer och e waarmen Appel un eis Gemengeresponsabel richten, en allgemenge Geste un all eis Geschäftsleit am Zentrum ze maachen, déi duerch de Shared Space Chantier ganz haart awer getraff sinn a mir géife proposéieren, wéi et zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg gemat ginn ass, wéi d'Ënneschtgaass opgerappt ginn ass, dass een de Geschäftsleit zum Beispill eng Note de crédit vun der Durée vum Chantier maache kann, wat d'Taxe communales ubelaangt.

Dat wier, géif ech fannen, e Geste, e Message un eis Geschäftsleit: "Mir wëssen, dass Dir et momentan net einfach hutt, mir honoréieren Äert Duerchhalevermégen a mir gleewen un Iech a mir loossen Iech net am Reen stoen." Ech mengen, dat géif bei de Geschäftsleit gutt ukommen. E wier e Geste, deen och tragbar wier mat engem Budget supplémentaire oder wéi och ëmmer, ech mengen dass mir dat heibannen och géifen alleguerten droen. Dat wollt ech just eng Kéier an dësem Zesummenhang ufroen, ob dat méiglech wier an dat nach eng Kéier just bemierken. Merci.

Brit Schlussnuss (LSAP): Dat Ganzt ass jo an der Sécherheetskommissioun diskutéiert ginn, ass och op grousst Versteesdemech gestouss, mir sinn all begeeschter fir dat Reglement do esou kënnen ze änneren, notamment mat dem Wëssen ëm eis schéi Shared Space Zone, déi mir da wäerte kréien.

Zwou Remarquen: Et ass och doriwwer geschwat ginn iwwert déi Doléancë vum Chantier an do ass décidéiert ginn, wann ech mech lo net ieren, dass déi Tax net gefrot gëtt fir Terrassen, déi direkt vum Chantche betraff sinn an och gestéiert sinn.

Zur Nuetsrou, do ass u sech näischt wat geännert huet, well freides a samschdes war et ëmmer eng Auer an dat bleift och esou, wann ech dat richteg matkritt hunn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madame Schlussnuss. Sinn nach weider Stellungnahmen? Wann dat net de Fall ass, ginn ech awer gären op ë puer Punkten a fir datt mir eis hei net falsch verstinn.

Ech hu jo virdru gesot, vu sonndes bis donneschdes ass d'Terrasse bis 11 Auer owes op, dat heescht, datt an der Woch, wa ganz vill Leit och schaffe ginn, ganz kloer d'Zeechen hei gesat ass, och mat der neier Dispositioun, datt mir ënnert der Woch eng gewëssen Nuetsrou ganz kloer wëllen hunn an et ass am Fong da just freides a samschdes, wou d'Méiglechkeet





besteet, d'Terrass d'office bis eng Auer op ze hunn, respektiv spéitstens um halwer 2 muss si eidel an och ofgeraumt sinn.

Den Datum, Phase 1: Shared Space, deen huet net geännert par rapport zu der Annonce, déi mir ursprénglech gemaach hunn, Enn des Joers. Et ass ni gesot ginn, dass mir éischter fäerdeg wieren. Op alle Fall, wat den Shared Space ugeet, war ëmmer dat den Timing, dee gesat ass, a mir hunn effektiv d'Décisioun geholl, dass déi Terrassen, déi direkt vum Chantier betraff sinn, dass déi Cafetieren déi Tax net brauchen ze bezuelen. Dat ass dee Geste, dee mir gemaacht hunn.

Wann een natierlech op der anerer Säit generell – dat war par rapport zu de Cafetieren – kuckt, de Projet Shared Space, d'Madame Kayser huet geschwat vun eng Note de Crédit fir Taxes communales, do muss een natierlech kucke wéi wäit een do geet, wéi eng Taxen, allegueren d'Taxen, just verschidden Taxen, wou setzt een do un, ass et just en Deel deen ze bezuelen ass ...?

Ech mengen, datt dat och aner Diskussioune mat sech bréngt. Et kann een sech et sécher eng Kéier duerch de Kapp goe loosse mä “wehret den Anfängen” well dat och zu Prezedenzfäll féiere ka bei anere Schantercher.

Mir hunn all Versteesdemech fir de Chantier an d'Geschäftsleit déi op där enger Säit abéissen, op där anerer Säit probéiere mir jo och als Gemeng, wéi gesot, mir hu jo och am Budget en décke Budget stoe fir d'Promotioun vum Centre commercial, wou mir jo och während der Chantiersphase probéieren, iwwert d'Medien, iwwert Publikatiounen de Message ze ginn, datt et och trotz Chantier ganz kloer och nach derwäert ass, op Diddeleng ze kommen. Dofir déi Installatiounen, déi mir an der Entrée Diddeleng gemaacht hunn, datt zwar e Chantier am Stadkär ass, mä datt d'Geschäfter op sinn.

Déi Signaletik, déi mir am Stadkär selwer gemat hunn, op deene véier Säite ronderëm de Chantier, mat enger Signaletik fir dass ee ka bei d'Geschäfter goen, ech mengen dat sinn och Invester aus ëffentlecher Hand, déi mir gemaacht hu fir grad de Geschäftsleit entgéint ze kommen.

Et kann een engersäits argumentéieren, Ausstelle vun Note-de-crédite noder Noloosse vun Taxen, op der anerer Säit hu mir scho ganz vill Efforte gemaacht an eisem ëffentleche Rôle, dee mir hunn als Stad Diddeleng, fir de Geschäftsleit entgéint ze kommen a fir ze soen, dass trotz der Chantiersphase, trotz deem dote wichtege Projet, d'Geschäfter an der Stad Diddeleng op sinn.

Nach muss een awer hei och soen, dat weist och eng ganz Rei international Studien déi gemaacht gi sinn iwwerall do wou Chantieren sinn an engem Stadkär, do ass natierlech och en Abousse vun engem Chiffre d'affaires.

Wat ass d'Alternativ? Kee Chantier. Ass dat besser? Wësse mir och net. Geet doduerch de Chiffre d'affaires erop oder erof? Dat ass eng generell Diskussioun, déi ee féiere kann, mä Fazit ass, datt mir als Gemeng scho probéieren, mat deene Moyenen déi mir hunn, esou Situatioune wéi déi doten deementspriechend ofzedecken.

Wéi gesot, mir hu vollstens Versteesdemech fir déi Geschäfter, mir si jo och a Kontakt mat de Geschäftsleit, déi eis Echoe ginn. Et si Geschäftsleit, déi béissen e bësse méi a wéi üblech, et sinn awer och Geschäftsleit, déi béissen net an. Also och do gëtt et Variatioune vun engem Geschäft zu deem aneren.

Zeréck op d'Terrassereglement, ech mengen et ass ëm dat wou et haut hei generell geet. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? An der Hoffnung, dass mer do ë gudden Equiliber behalen tëschent engem attraktiven Nuetsliewen an der Stad Diddeleng, déi wierklech awer eng flott Attraktivitéit huet, an awer och der Nuetsrou fir eis Bierger déi am Stadszentrum wunnen.

**Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.** Ech soen Iech villmools Merci.



# 4. GEMENGEFINANZEN

**4.1. Approbatioun vun de Modifikatiounen am Kapitel XXXV: Tax fir d'Besetze vum ëffentlechen Eegentum – Allgemengt Taxereglement**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An der Kontinuitéit vun der Décisioun, déi mer elo geholl hunn, am Bezug op d'Taxereglement wat d'Terrassen ugeet, do ass déi aktuell Dispositioun, dass déi Leit, déi eng Terrass hunn, 10 Euro musse bezuele fir de Quadratmeter.

Mir hunn d'Terrasse jo sou reglementéiert, dass eise Bannhidder ëmmer kucke geet, dass d'Terrassen ëmmer delimitéiert ginn.

Zéng Euro de Quadratmeter an der Saison vum 1. Mäerz bis den 1. Dezember, an hei ass d'Idee, an der Continuitéit ze bleiwe vun der Modifikatioun vum Gemengereglement, also am Fong d'Polizeireglement, an dass een hi geet an seet, wann d'Terrass eng Année civile op ka sinn, vum 1. Januar bis den 31. Dezember, da kënne mer och méi Taxen an deem Sënn froen, well iwwert d'Terrass, déi méi laang dobaussen ass, och de Chiffre d'affaires dann en anere ka sinn, an hei minimal an d'Luucht geet.

Dat heescht vun 10 Euro de Quadratmeter op 15 Euro de Quadratmeter, wat d'Terrass ugeet well et jo eng Occupatioun ass vum Domaine public.

Weider Froen zum Reglement?

Da kënne mer zur Ofstëmmung kommen: **Ass de Gemengerot mat der Modifikatioun averstanen? Dat ass unanime.** Villmools Merci.

**4.2. Approbatioun vun engem Acte de vente vun zwou Terrainsparzellen op der "Place Gymnich"**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu engem Acte de vente op der Gymnich-Platz, do geet et em 2 Parzellen, déi an der Gemengepropriétéit sinn, mä déi am Fong säit jee hier vun deene verschiddene Propriétairen an och vun deenen aktuelle Propriétairë genotzt ginn, well sech virun der Entrée vun der Propriétéit, respektiv en Deel vum Gaart vun der Propriétéit ass, an dat ass eis opgefall iwwert déi Akten, déi gemeet gi sinn, virun allem duerch déi nei Propriétairen, déi do viru kuerzem dat Haus kaf hunn.

Am Dossier gesitt Dir, wou déi Platze situéiert sinn, mer hunn hei dann eng Vente, déi mer wëlle maachen als Stad Diddeleng un den Här Tom Dominique an d'Madame Brit Schlussnuss, wou mer am Fong 2 Parzelle verkafen. Déi eng ass 12 Zentiar, déi aner ass 20 Zentiar grouss, mir si Propriétairë dovun a verkafen dat zum Präis vu 4.800 Euro.

Dee Montant kënnt zustane well mer jo prinzipiell, wa mer esou Ventë maachen als Stad Diddeleng, 15.000 Euro den Ar froen. Mir hate schonns oft esou Akten, wou dat d'Ausriichtung ass déi mer hunn, an d'Idee ass, dat heiten an de Gemengerot ze huelen, respektiv Iech d'Approbatioun ze ginn, sous réserve awer - mer haten Iech dat jo an der Woch no geschéckt - dass keng Reklamatioun vun der Vente erakënnt, well an der viregter Publikatioun war eng Parzelle vergiess ginn.

Och mussen déi zwou Parzellen am Avis Commodo-Incommodo ausgehaange ginn, dat ass elo gemeet, an d'Fro ass elo, dass de Gemengerot dësen Akt soll approuvéieren, sous resérve dass keng Reklamatioun kënnt. Wann eng géif kommen, dann ass et eben net esou, mä mer wëssen och scho vum viregten Aushang, deen zwar net esou gelaf ass wéi et hätt sollten, dass





keng Reklamatioun erakomm ass. Esou ass dovun auszegoen, dass dat bei dësem Aushang och wäert de Fall sinn.

Jean-Paul Ganger (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech muss soen, ech hat am Fong en ongutt Gefill bei dësem Formfeeler, dee vir komm ass, a wéint dësem Formfeeler sollt déi Prozedur do iwwerduecht ginn.

D'Prozedur gesäit jo vir, dass fir d'éischt den Avis au public gemaach gëtt, dann 14 Deeg gewaart gëtt, ob kee sech mellt a wann da keen sech mellt, da geet et an de Gemengerot an da kann et och do accordéiert ginn.

Elo gëtt dat hei op eemol ëmgedréint, an ech verstinn net wierklech firwat. Ech stelle mer d'Fro, hate mer sou e Fall schonns, dass mer d'Prozedur esou emdréine. Mer baséieren eis hei jo just op enger Hypothes. D'Hypothes ass déi, dass hoffentlech elo keen nach eng Reklamatioun mécht. Ech froe mech, firwat hale mer net einfach d'Prozedur an? Firwat waarde mer net einfach bis keng Reklamatioun erakomm ass, a ginn dann an de Gemengerot a maachen dann den Accord en bonne et due forme. Firwat gëtt dat hei ëmgedréint.

An ech well elo kloer soen, ech ginn hei elo guer net géint iergend eng Persoun, dat heiten ass eng Prinzipiesaach. Mer hu ganz oft an der Bautekommissioun, dass Leit onheemlech laang musse waarde bis se eng Äntwert kréien, well hei an do net richteg ass an esou. Wou ass elo hei d'Urgence dass mer mussen déi Prozedur hei mussen emdréinen?

Firwat kënne mer eis net erlaben, déi 14 Deeg ofzewaarden an an engem nächste Gemengerot - ech huelen un, dass mer nach een am Juli hunn -, dass mer do da géifen déi Prozedur do stëmmen. Dann hätte mer de Wäerdegang agehalen, dee mer bei allen "Normalstierflechen" maachen. Ech stelle mer d'Fro vum Image, wat soen d'Leit dobaussen, wann et elo ob eemol heescht: „Oh jo, elo ass et eng aus dem Gemengerot, do muss et op eemol séier goen, an da gëtt alles ëmgeännert, a mer anerer mer musse waarden."

Ech weess et net, et ass och nach ee Member vun Ärer Partei, da soen d'Leit herno "Jo wann et em hier Partei geet...". Kënne mer net villäicht fäerten, dass eis Leit d'Wuert Favoritismus virgeheien? Ech gi villäicht e bësse wäit sichen, mä ech hu kee gutt Gefill well net alles Urgence hei ass. Firwat muss dat elo iwwert de Knéi gebrach an ëmgedréint ginn? Firwat waarde mer net einfach 3 Wochen an da si mer en règle, da ka keen eis eppes virgeheien. Ech mengen, mer stinn alleguer schlecht do, ech weess och net ob et legal ass, eng Prozedur esou ze änneren, wat seet herno den Inneminister dozou?

Mä ech well nach eng Kéier kloer soen, ech ginn hei guer net géint eng Persoun. Ech wëll och net dass dat herno an engem Tageblatt steet, d'CSV spillt d'Gemengerotsmembere géinteneen aus oder sou eppes. Et geet mer einfach ëm de Prinzip, well wéi verkafe mer eis no bausse wa mer heiansdo esou kleng Mauschlereien do maachen, déi am Privileg vun engem sinn, deen normalerweis sech dann als méi kéint ugesinn ewéi deen normale Bierger dobaussen.

Ech hoffen, dass Dir meng Iwwerleeungen do verstitt, ech hu kee gutt Gefill dobäi.

Ass den Enjeu wierklech esou grouss, dass dat elo muss esou séier goen? Wat maache mer da wann dann elo eng Reklamatioun kéim? Dann heescht et dobaussen, si hu jo schonns gestëmmt, a mer kënnen emol näischt soen, a wa mer eppes soen ass et souwisou schonns duerch.

Wann eng Reklamatioun kënnt, muss jo souwisou erëm eng Kéier dee gehéiert ginn, da muss gekuckt gi fir mat deem en Arrangement ze fannen. Muss et net esouguer nach eng Léier op de Ministère goen, deen do säin Avis ofgëtt? Dann dauert déi Prozedur jo souwisou méi laang.

Fir dat ze vermeiden, géif ech mengen, mer sollen net elo déi Hypothese drasetzen, hoffentlech mellt sech jo da keen an da stëmme mer et elo mol an dat wäert schonns an d'Rei goen. Dat gesäit net gutt aus dat doten, ech fannen dat net korrekt ech verstinn net firwat et esou séier muss goen.

Mä et geet mer net drëm, iergendwellech Leit auszespillen, och net iergendwellech Decisiounen unzeprangeren, mä dat doten ass fir mech e Prezedenzfall, dee mer domat schafen an da kréie mer villäicht och an der nächster Zukunft bei Leit ze héieren, déi leider méi laang musse waarden, jo bei hinne geet dat do a bei eis net.

Ech wollt eis dat eben évitéieren, ech wollt dass mer korrekt hei stinn, souwuel Dir als Partei, wéi mir als



Gemengerot, an dass mer dat doten einfach op e Gemengerot ze vertagen, deen no dem Oflafe vun deem Delai vum Avis au public ass.

Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Gangler, gëtt et nach aner Wuertmeldungen?

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech hunn ähnlech Bedenken. Ech kann nämlech soen, ech sinn deen, deem et opgefall war, dass deen Dossier iergendwéi net géif klappen, dass déi Texter déi virleien net mam Acte notarié géifen iwwerteneestëmmen. An ech war bei d'Madame Schlussnuss de leschte Sonndeg fir ze froen, ob et do eng Erklärung géif ginn, oder ob et e Feeler wier wéi en heiansdo mol virkënnt.

Ech hat an deem selwechte Sënn wéi den Här Gangler eng ähnlech Bemierkung, dofir wär ech frou wann de Schäfferot eis hei kéint bestätegen, dass dee Montant vu 15.000 Euro e feste Präis ass, dee fir jiddereen applizéiert gëtt.

Ech hunn nämlech gesot, dass et e bësse komesch ass, dass wou de Präis fest geluecht gëtt, eng Stellungnahm vun der Architektin vun der Stad Diddeleng ass, wou d'Madame Schlussnuss de Chef dovun ass. Ech mengen, Leit déi bei der Gemeng schaffen, dierfen net an de Gemengerot, ebe fir esou Situatiounen ze verhënneren, an eben aus deene selwechte Grënn, déi den Här Gangler elo virgedroen huet, denken ech, dass dat och eng Saach ass, déi dobaussen net onbedengt gutt ukënnt, wann dat net wierklech fir jiddereen d'selwecht gehandhaabt gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Ech hat iwweregens der Madame Schlussnuss dat och mat op de Wee ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Ech well awer hei kloer stellen, dass zu kengem Moment un der Integritéit vun eiser Architektin ze zweiwelen ass. 15.000 Euro ass e Montant, dee mer schonns bei enger ganzer Rei Akten applizéiert hunn, wou d'Gemeng verkaf huet, also an de leschte Joeren ass dat e Präis, un deem mer eis ëmmer orientéieren.

Wann ech richteg verstinn, ass éischter d'Meenung, dass een e Bureau d'expertise, deen een deier bezilt, hätt sollte beoptrage fir eng extern Opstellung ze maache wou mer herno zou der selwechter Conclusioun komm wieren.

Well wat eis hei leet, ass am Fong de Präis, dee mer ëmmer hunn an dat heiten ass de Prozedere, dee mer ëmmer gemeet hunn an ech mengen dass dat heiten en bonne et due forme ofleeft an absolut guer kee Favoritismus ass vis-a-vis vun enger Persoun, déi Member hei ass vum Gemengerot.

D'Iwwerleeungsgrënn vum Schäfferot, fir dat heiten an de Gemengerot ze huelen, ware ganz anerer wéi déi, déi hei elo gesot gi sinn. Et war jo schonns eng Kéier en Aushang, quitte dass eng Parzell vergiess ginn ass, et war schonn en Aushang, dee gemeet ginn ass, wou keng Reklamatioun war. Dat heescht, d'Prozedur ass en tant que telle schonns gelaf, et ass jo net wéi wann d'Prozedur elo eréischt géif ulafen. Si ass schonns gelaf, do goufen et keng Reklamatiounen, an et ass mir effektiv och opgefall wéi ech dat heiten duerchgeliest hunn, dass mer do eng Parzelle vergiess haten.

Dofir war ech der Meenung, vu dass schonns déi ganz Prozedur lancéiert war a keng Reklamatioune waren, dass een dat nach eng Kéier sollt aushänken a fir einfach am Dossier virun ze kommen, dës Formulatioun drasetze loossen: "sous réserve expresse qu'aucune réclamation à l'encontre de la vente ne soit présentée endéans du délai de l'affichage de l'avis au public."

Et waren also éischter pragmatesch Grënn well mer d'Prozedur schonns ulafe gelooss haten, fir dat ze maachen.

Ech muss awer och soen, wann de Gemengerot sech awer rapport zum Vote zu deem doten Akt méi à l'aise spiert, dass mer herno d'Prozedur solle weiderlafe loossen, a wann da bis d'Delaien ofgelaf sinn, dass mer dat dann an deem nächste Gemengerot virun der grousser Vakanz eran huelen.

Domat hunn ech absolut guer kee Problem, ech hu just d'Beweggrënn erkläert firwat dass mer dat heiten esou lafe gelooss hunn. Nach mécht et en Ënnerscheed, wéi den Här Gangler gesot huet, och par rap-

port zu der Bautekommissioun, dat sinn awer zwou verschidde Saachen.

Wann en Dossier analyséiert gëtt an der Bautekommissioun, wou een am Fong eng Baugenehmegung ausstellt, dat ass awer e bëssen eppes aneschters wéi en Akt, also dat sinn deux paires de manche.

Mä wéi gesot, ech verstinn d'Iwwerleeungen, déi getätegt ginn an et ass kee Problem, dee Punkt ze vertagen. Wann d'Delaien ofgelaf sinn, huele mer en an den nächste Gemengerot.

Ass dat OK? Ass dat e Prozedere, mat deem de Gemengerot liewe kann? Gutt, dann ass dat domat decidéiert. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech wëll just soen, et ass ganz kloer, dass ech keng Zweiwel un der Integritéit vun der Architektin hunn. Ech wëll och perséinlech soen, dass 15.000 Euro fir en Terrain, mat dem kee Mënsch eppes kann ufänken, dee wou hei d'Stad Suen era kritt, wéi gesot ouni datt hir eppes verluer geet...

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass awer net esou eriwwer komm!

Joseph Thill (Déi Lénk):... dat fannen ech esouguer relativ héich. Mä mer hunn an dësem Staat, an all demokratesche Staat, Regele vu Gewaltentrennung an et soll een dorop oppassen. Genau wéi den Här Gangler sot, d'Politiker sëtzen schonns a gliesenen Haiser, et soll een deenen dobaussen net villäicht onbedengt Steng gi fir drop ze geheien, do wou et net néideg ass.

A mat der Versécherung, dass dat de Präis ass fir jiddereen, an datt dat och no bausse gedroe gëtt, ass dat jo och kee Problem. Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och, wéi gesot ech confirméieren, dass déi 15.000 Euro pro Ar déi Approche ass, déi mer ëmmer hei am Gemengerot tätegen.

Gutt, da vertage mer deen heite Punkt fir am nächste Gemengerot doriwwer ze diskutéieren.




**4.3. Approbatioun vum Contrat de bail mat der Gesellschaft Munhowen S.A. betreffend d'Locatioun vun engem Deel vum Centre CNA/CCRD Amarcord;**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu engem neie Contrat de bail tëschent der Stad Diddeleng, respektiv dem Centre culturel Opderschmelz, respektiv dem CNA, mat der Brauerei Munhowen, wat de Restaurant Amarcord ugeet, an deen neien Contrat de bail, dee mer hei virleien hunn, fousst op enger Rei Analysen a Constaten, respektiv Entrevuen, déi de Schäfferot hat mat de Vertrieder vun der Brauerei Munhowen, respektiv och mam Här Lecuit vum Restaurant Amarcord.

Ech ginn Iech elo den Historique, firwat dass mer en neie Contrat de bail proposéieren.

Wéi deemools de Centre culturel am Joer 2007 opgaangen ass, hate mer 2008 hei am Gemengerot en ähnleche Contrat de bail tëschent dem Centre culturel an dem CNA an der Brauerei Munhowen an do stoung dran, dass d'Brauerei der Stad Diddeleng e Loyer bezilt vun 1.500 Euro, toutes charges comprises, an net indexéiert.

An deem Loyer, dee mer do kritt hunn, waren alleguerten déi Fraise wat Elektresch, Waasser a Gas ugeet, wat och d'Exploitatioun vum Restaurant betrëfft, do mat dran. Wéi bei all Contrat de bail huet natierlech d'Brauerei mam Exploitant och e Contrat de bail, mat deem jo dann d'Sous-locatioun geregelt gëtt.

Hei ass jo d'Locatioun an da gëtt jo eng Sous-locatioun gemaach vun der Brauerei vis-à-vis vum Exploitant, an do war och dee selwechte Montant vu Loyer gefrot ginn, mä indexéiert. Dat war d'Ausgangsbasis, dat sinn déi zwee Punkten, déi mer haten.

No all deene Joeren hu mer awer generell gemierkt, dass déi ganz Fraise wat d'Elektresch ugeet, wat d'Waasser ugeet, wat de Restaurant jo am Fong brauch fir am Alldag kënnen ze funktionéieren, dass déi vill méi héich ware wéi den initiale Loyer, dee mer festgesat hunn.

Deemools hu mer de Loyer och festgesat op deem doten Niveau fir ze kucke wéi de Restaurant evoluéiert, well dat jo och en neie Moment war fir den Exploitant a bal 10 Joer dono ass d'Situatioun sécher eng aner.



Dat heescht, am Kader vun deenen dote Diskussiounen hu mer probéiert, och am Kader vun deem heite Contrat de bail der Realitéit méi no ze kommen, wat och déi reell Fraisen ugeet, an deen neie Bail ass d'un commun accord opgesat ginn. Deen ale sollt nach en vigueur sinn, also deen aktuellen, ech soen schonns deen alen, ass nach en vigueur bis 2017, mä am Fong gëtt dat elo changéiert well deen neie Kontrakt hei virläit.

An do ass am Fong d'Ausriichtung déi, dass den neien Contrat de bail ab dem 1. Januar 2016 uleeft, an dass e fir 9 Joer leeft. Dat heescht och do, souwuel der Brauerei wéi och dem Restaurant eng gewësse Garantie ginn.

Just par analogie, de Contenu wat d'Durée a wat de Loyer an d'Avancen ugeet an dësem Contrat de bail, do huet d'Brauerei an der Sous-locatioun dat selwecht iwwerholl par rapport zum Exploitant.

Dat heescht, do ginn et keng Diskrepanzen. An dësem Sënn gëtt dëse Contrat de bail fir 9 Joer ugesat, no deenen 9 Joer kann e verlängert gi fir eng Durée, déi mer gemeinsam definéieren.

De Loyer ass op 2.000 Euro de Mount fixéiert gi a mer froen awer eng Avance vu 400 Euro fir déi jeeweileg Käschte wat d'Waasser an d'Elektresch ugeet kënnen ofzedecken, wat am viregte Contrat de bail net de Fall war, oder manner de Fall war.

Et gëtt och wéi ëmmer mam Centre culturel a mam CNA en Dekont um Enn vum Joer gemaach an da gesäit ee jo, wat fir Avancë bezuelt gi sinn, wat déi reell Consommatiounen oder Fraise waren, an entweder kritt een eppes zeréck oder et muss ee méi bezuelen, dat gëtt herno um Niveau vum Dekont gekuckt.

Wéi gesot, wat och nach an dësem neien Contrat de bail dra steet, ass dass mer och schätze gelooss hunn iwwert Global facilities, dat ass jo am Fong dee Bureau, deen am Centre culturel an am CNA déi ganz Analysen a Miessunge muss maachen, wat d'Consommation générale am Haus ugeet, an do ass eraus fonnt ginn iwwer eng ganz Rei Analysen, dass déi Consommatioun, déi méi bezuelt ginn ass, respektiv wou mär méi bezuelt hunn, wou am Endeffekt den Exploitant hätt misse bezuelen, dass dat dee Chiffer ass vun deenen 10.000 Euro, déi hei am Contrat de bail sinn. An am Fong gëtt d'Brauerei Munhowen der Gemeng Diddeleng an enger Kéier déi 10.000 Euro fir déi Fraisen, déi iwwert d'lescht Jore gedroe gi sinn, déi am Fong geholl den Exploitant vum Restaurant hätt missen droen, mä déi awer d'Stad Diddeleng mam CNA gedroen huet.

Hei gëtt dann och déi dote Situatioun ex post finanziell regulariséiert, sou dass mer eng Recette hunn.

Wat nach an dësem Contrat de bail steet, dat sinn déi selwecht Conditiounen ewéi och 2007, eng ganz Rei Engagementer, déi natierlech och d'Brauerei Munhowen hëlt, wat d'Ouverture vun der Brasserie ugeet.

Do ass näischt geännert gi par rapport zum viregte Kontrakt. Si engagéieren sech och, de Réglement d'ordre intérieur vum Centre culturel a vum CNA ze respektéieren.

Dee leschte Punkt vun dësem Contrat de bail ass, dass dësen neie Contrat de bail deen ale Kontrakt vum éischten November 2007 annulléiert a remplacéiert.

Dat sinn d'Prezisiounen zu dësem neie Contrat de bail. Den CNA ass mam Contrat de bail averstane gewiescht, dofir ass en och ënnerschriwwe ginn, d'Brauerei Munhowen an den Exploitant, an op der anerer Säit ass jo och schonns en neien Contrat de bail ënnerschriwwe ginn tëschent der Brauerei Munhowen an dem Exploitant zu deene selwechten Conditiounen, déi mer och hei an deene Loyéen Contrat de bail erëm fannen, deen d'Stad Diddeleng mat der Brauerei Munhowen geréiert.

Esouvill zu den Erklärungen zou dësem neien Contrat de bail.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech hu just eng Fro, ech hunn dat elo net verstane mat deenen 9 Joer wou den Exploitant do kann dra bleiwen. Heescht dat, dass hien elo eng Garantie huet, dass de Munhowen him elo net kann en aneren do dra setzen? Ass dat richteg esou?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jein, also neen, et ass esou: Mir hu mat der Brauerei Munhowen e Contrat de bail vun 9 Joer, si hunn och e Contrat de bail vum Restaurant och fir 9 Joer, mä wann se allebéid oder ee vun deenen aus iergendwelleche Grënn décidéiert, aus deem Kontrakt wëllen erauszegoen, wou natierlech an all Contrat de bail Dispositioune musse respektéiert ginn, kann een dat maachen.





Wann den Exploitant iergendwann décidéiert wëllen opzehalen oder en anere Restaurant opzemaachen, muss hien am Kader vum Contrat de bail de Contrat de bail resiliéieren an da muss en aneren Exploitant fonnt ginn.

Mä hei war d'Erhéijung vum Loyer vu 1.500 Euro op 2.000 Euro, respektiv mat der Avance wollte mer en contrepartie dem Exploitant vum Restaurant och eng Garantie an eng Planungssécherheet ginn, wat d'Exploitatioun ugeet.

Dofir hu mir dat ob 9 Joer ugesat, renouvelable op eng Durée, déi dann no 9 Joer ka gekuckt ginn. Dat war d'Iwwerleeung.

Jean-Paul Gangler (CSV): Mä de Munhowen kann net den Exploitant eraussetzen ouni d'Gemeng ze froen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Natierlech gëtt dat an Ofsprooch mat der Gemeng gemaach, wann et sollt esouwäit kommen.

Colette Kutten (Déi Gréng): Ech hunn och just eng kleng Fro an zwar zu den Ouvertureszäiten. Et steet jo do, et ass all Dag op, 7 Deeg op 7 Deeg, ech menge vun 15 Auer nomëttes bis owes 1 Auer, wat jo extrem laang ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Vun 8 bis 1 Auer.

Colette Kutten (Déi Gréng): Vun 8 bis 1? An de leschte Wochen oder a leschter Zäit war dach ëmmer méindes owes zou oder net?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass schonns eng ganz laang Zäit wou och méindes owes op ass. Bal iwwert e Joer.

Colette Kutten (Déi Gréng): Ah sou, also an deem anere Kontrakt war dat anescht oder wéi? Ech ka mech dat net méi erënneren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass deelweis och den Exploitant, deen décidéiert par rapport zum Personal, deen huet mam Repos, mat den Aarbechtszäiten ze dinn. All Restaurant ass jo normalerweis een Dag an der Woch zou, dat war och beim Exploitant vum Restaurant de Fall, mä et ass elo bal e Joer wou och schonns méindes op ass, an ech mengen, dass och dat dem Betrib gutt deet.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech hätt 2 oder 3 Froen dozou.

Éischtens, de Vermieter, de Bailleur, dat sinn der eigentlech zwee, de Ministère de la Culture an d'Stad Diddeleng. Gesinn ech dat richteg, dass déi Recettë vum Loyer awer bei d'Stad Diddeleng fléissen?

Déi zweet Fro: De Contrat de bail ass am Oktober d'lescht Joer ënnerschriwwe ginn. Gëtt et e Grond dofir, firwat dat elo esou spéit an den Schäfferot kënnt?

Déi drëtt Fro betrëfft de Punkt 4 C vum Contrat de bail vun de Conditions de bail. Dat hutt dir och ugeschwat, dat ass mer awer net kloer. Do gëtt gesot, d'Firma Munhowen géif dem Bailleur, also der Stad Diddeleng e Prêt zougestoe vun 10.000 Euro.

Vun deem Prêt, wann deen dann zougestane ginn ass, steet néierens eppes am Budget wou d'Lëscht vun alle Prêten, déi d'Stad Diddeleng huet, opgezielt gi sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass kee Prêt.

Joseph Thill (Déi Lénk): Dofir dann och meng Fro, ëm wat handelt et sech dann do genau?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also, et ass richteg, vu dass do eng Computatioun ass tëschent dem Centre culturel, der Gemeng an dem CNA Établissement public, ass et och kloer, dass dëse Contrat de bail vun deenen zwou Parteie gemaach gëtt an dass herno am Kader vum Dekont dee ganze Loyer afléisst, och um Niveau vun der Opdeelung.

Déi aner Saach ass, dass effektiv am Oktober ënnerschriwwe ginn ass, mä en cours de route vun hei bis op de Centre culturel ass am Haus de Contrat de bail



eng Zäitchen hänke bliwwen. Dofir sinn och déi Delaien e bësse méi laang ginn, ech drécken et emol esou aus, an dofir si mer haut hei fir et ze regulariséieren

An ech hu mer, wéi ech de Contrat de bail gelies hunn, och déi Fro gestalt a mech och e bësse schwéier gedoen, an hu Récksprooch mat der Brauerei Munhowen geholl. Et ass kee reelle Prêt, et ass eng Recette, si nennen et e Prêt vun hirer Säit aus, well si eis déi Sue ginn, mä et ass am Fong eng Recette déi d'Stad Diddeleng kritt, also e Plus, a kee Minus dee mir misst-en zeréck bezuelen. Dofir sot ech, et ass e One shot wou mer déi 10.000 Euro kréien, an déi wäerten herno dann och an der Recette vun der Stad Diddeleng verbucht ginn.

Dat zou den Erklärungen. **Ass de Gemengerot mat deem neien Contrat de bail averstanen? Dat ass de Fall an dat ass unanime,** Merci villmools.

### 4.4. Approbatioun vum Relevé a vum Rôle supplémentaire op der Hondstax fir d'Joer 2015;

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer bei de Rôle supplémentaire vun der Hondstax fir d'Joer 2015, de Rôle supplémentaire, dat si 770 Euro festgeleegt, dat sinn nach zousätzlech 22 Hënn, sou dass mer eis drun erfreeë kënnen, dass sech am Joer 2015 1139 Hënn um Territoire vun der Stad Diddeleng legal ophalen.

Dat zu dem Rôle supplémentaire, vun deenen illegale schwätze mer net, mä op alle Fall déi legal, déi mer erfaasst hunn. Illegaler ginn et och an do musse mer regelméisseg schreiwen.

Ech wëll hei awer kloer soen, dass an de leschte Méint Courrieren eraus ginn un eng ganz Rei Propriétairen, déi mer opfuerdere mussen, d'Gesetz ze respektéieren an dass och eng Rei Propriétairen der Meenung sinn, dass se och der Gemeng net brauchen ze äntwerten, an dass mer och do op Rappele respektiv op d'Force publique zeréckgräife fir dass se dann och obtemperéieren. Dat awer och als Niewebemierkung.

**Wat de Rôle supplémentaire vu 770 Euro ugeet, ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

### 4.5. Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel X: Waasser – vum allgemengen Taxereglement

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mer weider op zwee Reglementer, déi eis concernéieren, dat ass engersäits, d'Waasser an d'Ofwaasser, Reglement.

Dir kënnt Iech erënneren, am Kader vun de Budgetsdiskussiounen hate mer en neie Waasser- respektiv Ofwaassertarif agefouert, dat war am Dezember 2015 an do hu mer eng Réckmeldung kritt vum Waasserwirtschaftsamt a vum Minister, dass déi zwee Reglementer ënnert där Form net kënnen approuvéiert ginn.

Et sinn eng Rei Gemengen, déi nach net esou wäit si wéi mir dann elo hei ginn. Well et awer zimlech opwenneg war fir deen heite Calcul ze maachen, wëll ech awer nach erklären, a wéi eng Richtung et geet. Dofir begréissen ech eisen Ingenieur den Nic Krumlovsky, deen och Chef vum Waasser a vum Gaswierk ass, fir d'Erklärungen ze gi fir déi ganz savant Calculen hei.

Den Ausgangsprinzip ass jo d'Directive-cadre iwwer d'Waasser, respektiv d'Waassergesetz vun 2008, wat de Prinzip vum Awunnergläichwertsprinzip aféiert, an iwwert deen dote Wee och de Prinzip vum Utilisateur-Payeur, wat d'Waasser respektiv Pollueur-Payeur, wat d'Ofwaasser ugeet.

Dat sinn déi zwee grouss Prinzipien an deen drëtte Volet ass, dass et och wat d'Tarifer ugeet am Waasserpräis, sief et an der Partie fixe wéi och an der Partie variable et dräi Secteure ginn, nämlech d'Stéit, d'Industrien an d'Agrikultur.

Dat sinn déi dräi Voleten an et ass och gesot ginn, dass an deem Kontext dräi verschidde Präisser sollen affichéiert sinn, souwuel wat d'Partie fixe wéi och d'Partie variable soll ugoen, mä ëmmer mat der Ausriichtung, dass eng Gesamtrecupératioun vun den Coûte soll och hei soll d'Gemengeréit leeden, wann se dat dote Gesetz ëmsetzen.

Et ass awer och esou ausgesat ginn, och am Gesetz selwer an och an deene ganze Reie vun Circulairen, déi mer kritt hunn, dass bei der Agriculture a bei der Industrie d'Partie fixe méi héich soll sinn ewéi bei der Partie fixe beim Ménage an ëmgedréint beim Ménage d'Partie variable méi héich soll sinn ewéi bei der Agriculture a bei der Industrie, wat de Kubikmeterpräis ugeet.





Dat sinn d'Grondprinzipien, wat dëst Gesetz ugeet, a mer sinn am Fong elo higaangen, mer fänken einfach mam Taxereglement iwwert d'Waasser un, wou mer dat doten afléisse gelooss hunn, wou mer och mam Bureau d'étude déi zwee Reglementer ausgeschafft hunn, fir deem Rechnung ze droen. Mir sinn higaangen an hunn déi Distinctioun gemaach wou d'Partie variable fir d'Waasser 2,50 Euro soll si fir d'Stéit, 1,25 Euro fir d'Agrikultur, a fir d'Industrie 1,05 Euro, a wéi gesot d'Partie fixe fir d'Stéit 3 Euro ouni TVA, d'Agrikultur 14,50 Euro an d'Industrie 16 Euro.

D'Waasserwirtschaftsamt an de Ministère hunn nach Rekommandatioune gi wat d'Präisser ugeet. Mir wollten eis awer hei un deem alignéieren, wat mer am Dezember ofgestëmmt haten, dat heescht och déi Modifikatioun bréngt an der Ausriichtung fir d'Konsumente par rapport zu der Lecture déi mer am Dezember gemaach hunn, keen zousätzleche Käschtepunkt.

Mir sinn do am Fong an der Hausse d'selwecht bliwwen, just d'Ëmverdeelung hei am Calcul ass aneschters gemaach ginn um Niveau vun der Partie variable wéi och um Niveau vun der Partie fixe.

Dat par rapport zum Waasser an ech géif iwwer goe bei d'Ofwaasser. Herno féiere mer déi zwou Diskussioune gemeinsam.

**4.6. Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel XI: Ofwaasser an Ofwaasserrengegung - vum allgemengen Taxereglement**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Beim Ofwaasser spillt de Prinzip vum Pollueur-Payeur, wou herno den Här Krumlovsky méi am Detail wäert erklären, wéi dat Ganzt opgeholl ginn ass.

Fazit ass, dass an der Moyenne d'Consommatioun hei zu Lëtzebuerg estiméiert gëtt op 50 Kubikmeter pro Persoun pro Joer an dass de Ménage constatéiert gëtt als 2,5 Leit par rapport zum Equivalent-habitant moyen, an natierlech muss dat dann déi Deklinaisoun gemaach gi par rapport zu de Ménagen, par rapport zu der Industrie, par rapport zu der Agrikultur, an da kommen natierlech déi Präisser eraus wéi hei, hors TVA, d'Stéit 26 Euro Partie fixe, an 2 Euro Partie variable, wéi gesot fir d'Ofwaasser fir d'Stéit. Fir d'Industrie sinn et 64 Euro Partie fixe - also méi héich wéi bei de Ménagen - an 1,05 Euro ouni TVA fir d'Partie variable a bei der Agriculture Redevance fixe 56 Euro an d'Redevance variable 1,25 Euro ouni TVA.

Och do hu mer probéiert, dee selwechte Prinzip bäizebehale wéi d'Philosophie am Reglement vum Dezember 2015, et ass sécher eng Präiserhéijung déi stattfënnt, mä en fin de compte wat d'Ëmverdeelung ugeet, bedeit et par rapport zum Reglement vum Dezember keng weider Erhéiung an dësem Reglement.

Et ass am Fong eng Ëmverdeelung um Niveau vun der Partie fixe an um Niveau vun der Partie variable.

Dat zu der Ausriichtung zu deenen zwee neie Reglementer, Waasser an Ofwaasser an ech géif dann elo hei dem Nic Krumlovsky d'Wuert weidergi fir nach méi an den Detail ze goen.

Nic Krumlovsky (Iwwerwaachungskommissioun vun den industrielle Gas-, Waasser- a Kanalisatiounsservicer): Ech géif da mam Drénkwaasser ufänken. Wat wichteg ze wëssen ass, wat am Dezember 2015 gestëmmt ginn ass, dorunner gitt Dir haut net fréckelen, dat heescht, déi Präisser bleiwen.

D'Stéit hei an Diddeleng, déi hunn, fir e Beispill ze ginn, 60 Euro als Drénkwaasser Taxe fixe am Joer bezuelt, an déi wäerten déi och weider bezuelen dëst Joer, an d'Partie variable dat waren 2,50 Euro fir d'Stéit, an am Dezember d'lescht Joer gouf dat gestëmmt, an dat bleift och dëst Joer 2,50 Euro.

Wat mär an der Vergaangenheet gemaach hunn, mär hu gesot, mär hunn déi 3 Secteuren, dat ass d'Agrikultur, d'Industrie an d'Stéit, mer hunn einfach an der Vergaangenheet gesot, déi sinn d'nämlecht, an d'Agence de l'eau ass domadder net averstanen. Dofir maache mer hei elo déi Differenz mat deenen dräi Secteuren, si hätte gären do dräi verschidde Präisser.

Ob eng Manéier ass et ze verstoen, op déi aner Manéier muss ech awer hei soen, fir eis an de Servicer ass et wahnsinneg vill Aarbecht fir dat an d'Praxis ëmzesetzen.

D'Drénkwaasser kréie mer nach an de Gréff.

Wann ech awer elo op d'Ofwaasser kommen, do gëtt deen nämmlechten Exercice gemaach. D'Leit dobaussen, d'Stéit hu 65 Euro Taxe fixe am Joer bezuelt am Ofwaasser, dat ass am Dezember gestëmmt

STEP

ginn an si hunn 2 Euro Partie variable bezuelt.

Do gi mer och net dru fréckelen, dat bleift och elo sinn ewéi et ass.

Et ass just, dass de Präis vun der Taxe fixe, déi ass en fonction vun der Gréisst vum Waasserzieler gerechent ginn, an d'Agence de l'eau seet, mat Recht och, et gëtt iwwerhaapt keng Relatioun zwëschent enger Gréisst vun engem Waasserzieler an den Dreck, dee muss op der Kläranlag zu Betebuerg gekläert ginn.

Also appliziéiere mer, mer kucke wéivill Knascht jidderee mécht, dass mer dem Pollueur-Payeur gerecht ginn.

Do sinn se higaangen, an déi Equivalent-habitant moyen an d'Liewe geruff. Do gëtt da gesot, eng Famille gëtt d'office mat zwee an en halwen Equivalent-habitant moyen gerechent, d'Bauere jee nodeem ob se eng Mëllechkummer hunn oder net, op se vill Ranner hunn oder net, déi hunn dann och en Equivalent-habitant zougeuerdent kritt.

Wat d'Industrien ubelaangt, do ass e Bureau d'étude beoptraagt ginn, dee vum STEP aus all Industrie an Diddeleng an um Bann Betebuerg kucke gaange si fir festzestellen, wéivill Vestiairen hunn déi, wéivill Waasser brauche si, wat stellen déi hir, geet d'Waasser, dat Drénkwaasser, geet dat mat an de Prozess eran oder gëtt et just geholl fir d'Sanitäranlagen, asw.

Dat war ganz vill Aarbecht, mä et ass awer méi gerecht. An dat huet elo mat sech bruecht, dass mer dat och wëllen hei appliziéieren, oder mussen hei appliziéieren, am Ofwaasser, dat heescht, mer hunn do déi dräi Secteuren, d'Industrie, d'Stéit an d'Agrikultur an de Präis fir d'Stéit dee bleift wéi gesot d'nämlecht.

Mer sinn higaangen an hu gesot, dee Präis, deen am Dezember gestëmmt ginn ass, dat war eng Taxe fixe vu 65 Euro am Joer. Mer hunn déi ëmgerechent an dunn erausfonnt, dass mer dann op 65 Euro am Joer erauskommen an dat sinn 2,5 Equivalent-habitant, déi mer da mat 26 Euro multipliziéieren, da si mer genee op deem Präis vun deene 65 Euro am Joer Taxe fixe, déi mer am Ofwaasser haten, sou dass sech fir de Bierger dobaussen näischt geännert huet. A mer hunn trotzdem d'Bedingung vum Waasserwirtschaftsamt a vum Ministère de l'Intérieur, déi dat mussen approuvéieren, erfëllt.

Ech hunn dat elo a kuerze Sätz versicht ze formuléiere wat awer ganz kompliziéiert ass.

Wat richteg kompliziéiert gëtt, dat dierf een och net vergiessen, d'Cafféen, d'Restauranten, d'Maison-relaisen, d'Spideeler, d'Crèchen, alles wat net Eefamilljenhaiser sinn, do muss all Joer gekuckt ginn, wéi de Verschmotzungsgrad ass. An do ass déi Tabelle, déi Dir hei dobäi geluecht kritt hutt, do steet dann dran, d'Restauranten déi méi wéi souvill Still hunn, Restauranten, déi manner wéi souvill Still hunn, Crèchen, déi souvill Menüen servéieren an esou weider. Dat heescht, mer musse kucken, dass mer déi Persoune fräistellen, déi déi ganz Enquêten do maache fir dass mer ëmmer dee Präis ëmmer richteg appliziéieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi detailléiert Erklärungen. Dat heiten ass ganz vill Aarbecht fir d'Servicer an de Bureau d'études, wëssend dass dat fir d'Stad Diddeleng als véiert gréisst Stad natierlech en aneren Volume vun Aarbecht bedeit wéi wann een dat wéi aner Gemengen mécht - et sinn eng Rei Gemengen, déi hunn dat heite schonns ëmgesat, mä déi hunn déi Gréisst net – an déi kënnen dat dann natierlech och zueleméisseg vill méi schnell an anescht erfaasse wéi hei zu Diddeleng, unhand vun hiren Commercen, unhand vun hire Caféen, unhand vun hiren nationalen Industriezonen.

D'Envergure ass bei enger gréisserer Gemeng eng ganz aner wéi bei méi klenge Gemengen, ouni dat wëlle pejorativ hei wëllen eriwwer ze bréngen, mä de Calcul geet do dann och vill méi wäit. Mir sinn eng vun deenen éischten, eenzegen a gréissere Gemengen, déi dat an deem Sënn ëmsetzen.

D'Diskussioun ass op.

Romy Rech (LSAP): Ech mengen, fir eis elo hei ass et emol wichteg, dass ab dem 1. Juli 2016 kee Stot méi bezilt wéi dat wat mer am Dezember 2015 gestëmmt hunn. Dat ass déi éischt wichteg Saach fir hei ze soen, lo kann een natierlech philosophéieren an debattéieren ob dee Waasserpräis zevill héich oder net héich genuch ass, dat kann een alles a Fro stellen.

Ech mengen awer, an dat ass jo net dat éischt Joer wou mer doriwwer diskutéieren, ech mengen awer dass hei och de Versuch gemaach gëtt, an dee Rappel vum



Ministère fir elo nom Gesetz, also no där Carcasse législative vun 2008 endlech dann op e wa méiglech käschtendeckende Präis ze kommen, souwuel beim Verbrauch vum Drénkwaasser wéi och beim Ofwaasser, an d'Opdeelung op déi dräi Secteuren schéngt mer awer déi méi gerecht Method ze si fir festzehalen, wéi wat an der Zukunft ze bezuelen huet.

Eis Fraktioun stëmmt déi doten Tariffer, wuel wëssend dass mer se schonns eemol gestëmmt hunn, et ass just hei eben elo d'Applicatioun vum Gesetz an den Detailer stattfënnt.

Ech soen Iech Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech denken, ech wäert Iech net iwwerrasche wann ech op deen Deel aginn, deen d'Stéit betrëfft, an do soen, wéi mer et och an eiser leschter Zeitung geschriwwen hunn, dass mer do nach ëmmer déi selwecht Positioun hunn.

Bei de Stéit huet den Här Krumlovsky eis jo gesot, dass do näischt geännert hätt, mer sinn nach ëmmer der Meenung dass een de Prinzip vun der Käschtendeckung kéint anescht ausleeën, an dass een, wann een et géif ausleeën am Sënn vun engem gestaffelte Waasserpräis, deen esouwuel méi sozial wéi och méi ekologesch wier.

Mir trieden dofir an, datt d'Waasser, well dat e Basisbesoin ass fir all Mënsch, eigentlech e Grondrecht, déi éischt 50 Liter pro Kapp pro Dag solle gratis sinn, dass fir déi Literen zwëschent 50 an 150 de Präis, deen déi technesch Déngschter errechnen, soll applizéiert ginn, an datt iwwer 150 dee Präis soll zielen, fir dat Ganzt käschtendeckend ze maachen.

Leit, déi kënnen hiren Auto wäschen all Woch, oder sech kënnen eng Schwemm leeschten, déi hunn och d'Sue fir méi beim Verbrauch vum Waasserpräis kënne matzemaachen, an dofir bleiwen ech bei der Stellung, déi mer och schonns am Dezember haten. Mir wäerten eis bei dëser Ofstëmmung enthalen.

Mir kéinte jo eigentlech dogéint Stëmmen, mä ech muss soen, dass d'Gemeng Diddeleng awer nach relativ sozial virgaangen ass, wéi een dat aus de Kommissiounsberichter vum Dezember konnt erauslíese bei der éischter Ofstëmmung an dofir stëmme mer och dës Kéier mat Enthalung.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Ech wëll ganz kuerz just op eng Saach agoen: Esou e sozial gestaffelte Waasserpräiss, do misste mer hei, wa mer dat géifen applizéiere bei 20 000 Awunner eng Analyse maachen, wéi wat verdéngt. Ech weess net, wéi opwenneg dat da wier a wat dat fir Käschte géif mat sech bréngen. Ech fannen einfach, wann ee Problemer huet fir d'Waasser ze bezuelen, oder Stroum oder Elektresch oder Gas, do hu mer e Service, deen heescht Service social, an do kritt selbstverständlech all Mënsch gehollef.

Eng Kéier just dat zu sozial gestaffelte Waasserpräisser.

Joseph Thill (Déi Lénk): Däerf ech just dozou erklären, dass mer natierlech net géifen eng Enquête maachen, wat d'Revenue vun de Leit sinn. Mir gi jidderengem an all Stot 50 Liter gratis, well dat en normale Basisverbrauch ass, deen net iwwerméisseg ass, an dofir wann ee d'Quantitéite vu méi wéi 150 Liter den Dag pro Kapp méi besteiert, dann huet dee gestaffelte Waasserpräis eben och eng Ëmweltkomponent, well dann déi Leit, déi iwwerméisseg vill verbrauchen, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, deementspriechend och méi musse bezuelen.

Just dat zur Erklärung.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Et fält mer elo bëssen schwéier, op déi savant Calculen do erëm zeréckzekommen, an ech muss soen, ech hu keng Loscht op dat üblecht Gespréich iwwer käschtendeckend Waasserpräisser a sozial Komponenten elo anzegoen.

Ech hätt einfach nach e puer konkret Froen, besonnesch dat wat mer am Dossier leien hunn, do ass et mer e bësse kribbeleg ginn, wéi ech do zweemol gelies hunn, mer wieren net konform zum Gesetz mat eisem Präis, an dass mer do somméiert gi sinn, dat séier unzepassen.

An ech muss soen, do gëtt et engem dann trotzdem e bëssen ellen, an ech froe mech awer, si mer dann elo konform? Dir hutt virdru gesot, mer wieren elo eng vun deenen éischte gréissere Gemengen, déi dat do géifen ëmsetzen. Dat heescht, aner Gemenge si ganz genau an der nämmlechter Situatioun an dat ass dann awer guer net sou schrecklech, dass mer net konform zu deem Gesetz sinn.



Ech hunn dunn och a mengen Archive gekuckt an hunn da schonn direkt nom Gesetz vun 2008, do hate mer och mol Berechnunge virleie vum Här Kali, an do war dann och sou eng Ofschätzung, ob een da sollt eng Opdeelung maachen, op déi dräi Secteuren, Gemengen, Industrie an Agrikultur, an ech hat den Androck wéi wa mer do awer en anere Berechnungsmodus erausfonnt hate wéi deen, wou mer schliisslech elo an deem leschte Gemengerot, wou mer d'Waasserpräisser an och d'Ofwaasserpräisser festgeluegt hunn. Et schéint mer wéi wann dat hei sou opgebaut wär wéi di Ufangsberechnungen. Ech wollt dat awer nofroen, op mer zwëschenduerch do eppes ofgeännert hätten, oder ob mer an der nämmlechter Linn awer bliwwe wiere vun 2009 un.

An da wollt ech nach eppes nofroen, well ech hu mer do och d'Recommandatioun zou de variablen a fixe Waasseran Ofwaasser taxen ugekuckt par rapport zu deem, wat de Ministère eis do virschreift, oder probéiert virzeginn, an ech mengen, ech hat elo un Ären Ausféierunge verstanen, wéi dat misst ofgewiicht ginn.

Et ass mer nämlech opgefall, dass mer effektiv bei der Festleeung vun eise Waasserpräisser an Ofwaasserpräisser net genee op där nämmlechter Linn leien, an dass mer da proportional méi héich leien. Dat ass bei der Partie variable vum Kubikmeterpräis bei deenen dräi Kategorien de Fall. Bei der Partie fixe do gëtt et dann Ënnerscheeder, wéi méi héich oder wéi méi niddereg mer leie par rapport zur Landwirtschaft, a vun den Industrien a vun de Stéit.

Hunn ech dat elo richteg verstanen, dass dat domadder ze dinn huet, dass déi Partie variable par rapport zur Partie fixe muss an engem gewësse Gewiicht sinn?

Ech wier frou, wann Dir mir dat nach eng Kéier kéint kloer erklären, dass mir da kënne mat guddem Gewëssen deem zoustëmmen.

Ech géif awer soen, dass mir vun der Grénger Fraktioun ouni Weideres deem Taxereglement do zoustëmmen, well eben déi Prinzipien, hannert deene mir stinn, do respektéiert ginn, a mer hunn dat och ëmmer hei vertrueden a mer hunn och elo kee Problem mat dem heiten, quitte dass et kompliz éiert eriwwer kënnt.

Nic Krumlovsky (Iwwerwaachungskommissioun vun den industrielle Gas-, Waasser- a Kanalisatiounsservicer): Ech géif dann emol op déi éischt Fro äntwerten: Wéi d'Gesetz erauskomm ass an och 2009, wei driwwer diskutéiert ginn ass, och an der Waasserkommissioun, mer hunn am Fong d'Strategie net geännert, mer sinn ëmmer an der nämmlechter Linn bliwwen.

Déi Faveur, déi mer deemools an d'ganzt Land, vun der Agence de l'eau gemaach kritt hunn, dat ass, dass mer fir déi dräi Secteuren hunn dierfen en nämmlechte Präis maachen, der Einfachheet halber. Well d'Gesetz ass gestëmmt ginn, an et ass keng gréisser Gemeng am Land prett gewiescht, fir dat an d'Praxis ëmzesetzen.

Well och elo, et ass schonn eng gutt Zäit hier, dass d'Gesetz gestëmmt ginn ass, sinn der nach amgaangen, vun Hand, also au cas par cas ginn alleguerten déi eenzel Restauranten an Crèchen an sou weider gekuckt, déi mussen agedroe ginn, an da muss ermëttelt ginn, wéi wat wou, hunn se souvill Menüen, an dat ass eng Aarbecht, dat hëlt vill Zäit op.

Et ass och eng vun den Ursaache firwat déi gréisser Gemengen haut och nach net konform sinn, dat heescht, wat mär haut versichen, konform ze maachen, do sinn nach aner Gemengen, déi dat net fäerdeg bruecht hunn.

Awer net well se schlecht sinn, mä well et wierklech immens vill Aarbecht ass, fir dat heiten an d'Praxis ëmzesetzen. Fir eng kleng Gemeng ass dat kee Problem, do ass relativ einfach ze maachen.

Wann ech op déi zweet Fro kann äntwerten: D'Partie variable an d'Partie fixe, do ass et sou dass déi Fraisen, well alles wat Invest ass, dat si fix Fraisen, déi kommen an de Plan d'amortissement eran, an de Plan d'Amortissement gesäit da vir, wéivill all Joer muss ofgeschriwwe ginn, iwwert 40 Joer, zum Beispill d'Conduiten, déi mer am Buedem leien hunn.

Dann hu mer awer och Frais variablen, dat sinn déi Fraisen, déi, wéi d'Wuert et seet, variéiere kënnen, dat sinn zum Beispill d'Gehälter, oder d'Fuitten déi mer hunn am Réseau, an en fonction vun deene Fraisen, déi do entstinn, gëtt dat och zeréck gerechent an dat sinn d'Chargen, an da gëtt dono gekuckt wéivill d'Recettë musse si fir do käschtendeckend, wéi de Gesetzgeber dat virschreift, ze rechnen.

An dat ass d'Ursaach firwat do verschidde Gemenge ganz liicht en anere Ratio hu wéi mär elo hei zu Diddeleng.





Et gëtt och en Ënnerscheed gemaach bei deene Chargen. Gemengen, déi eng grouss Densitéit hunn, eng Gemeng wou d'Populatioun eng manner grouss Densitéit huet, wou de Réseau grad esou laang ass wéi zu Diddeleng, mä wou d'Haiser vill méi wäit ausernee leien, an dat huet aner Auswierkungen op d'Präisser, déi fix an déi variabel, wéi dat elo hei zu Diddeleng ass.

Marc Schiffmann (ADR): Här Buergermeeschter, ech wollt just matdeelen, dass mir als ADR, säitdem mer hei banne sinn, ni eng Hausse vun enger Taxe matgestëmmt hunn.

Och si mer der Meenung, dass e Fräibetrag vum Waasser muss do sinn a wéi gesot, esou laang dat net de Fall ass, wäerte mer eis bei esou Projeten enthalen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech nach e puer Erklärungen dozou ginn, oder op e puer Erklärungen agoen.

Par rapport zum Waasserpräis si mer a verschidde Richtunge gaangen, gestaffelte Waasserpräis, Prix unique, dat war och eng Zäit an der Diskussioun, harmoniséierte Waasserpräis, de Wee de mer hei ginn dréit op alle Fall hei zu Diddeleng eisen Invester, Infrastrukturen an eisem Réseau Rechnung.

Och dat fënnt een an dësem Präis dran erëm a wa mer Bierger hunn, déi iergendwellech Problemer hu wat deen dote Präis ugeet, wéi d'Madame Di Bartolomeo gesot huet, den Office social ass do, mir hunn eng Allocation de vie chère, déi mer och am Budget 2016 erop gesat hunn. Dofir sinn dann déi Moyenen do fir deene Leit ënnert d'Ärem ze gräifen, wann se ënnert enger précairer Situatioun sinn, an effektiv do hir Facturen an deem Sënn net méi kënne bezuelen.

Dass mer net konform sinn, dat stéiert mech an deem Sënn net esou, well mer hei net alleng sinn. Et si ganz vill Gemengen, déi an der selwechter Situatioun sinn, an et muss ee jo dann och soen, dass mer esou gesinn och virum Vote am Dezember 2015 schonns net konform ware par rapport zum Waassergesetz.

Mä wéi gesot, mer sinn do net alleng, a mir sonn eng vun deenen éischte gréissere Gemengen, déi deen heite Schrëtt wot.

Par rapport zu de Präisser wollt ech awer och soen, dass et nëmmen eng Rekommandatioun vum Waasserwirtschaftsamt ass.

Hei spillt och nach ëmmer de Volet vun der Autonomie communale, an dat ass och gutt esou, well grad d'Autonomie communale eis d'Méiglechkeet gëtt, e Präis hei festzehalen, eng Partie fixe an eng Partie variable, déi grad deenen Invester a grad den Diddelenger Gegebenheete Rechnung dréit an och dat ass wichteg.

Dofir kommen dann och déi verschidde Variatiounen.

Dëst gesot zu deenen doten zwee Reglementer, géif ech proposéieren, dass mer zur Ofstëmmung kommen.

**Wien ass mat deem neie Waasserpräis averstanen? Dat ass LSAP, CSV an déi Greng.**
**Ween enthält sech? Dat sinn Déi Lénk an den ADR.**
Da géif ech eriwwer goen op **dat neit Taxereglement vum Ofwaasser, wien ass domadder averstanen? Dat sinn LSAP, CSV an déi Gréng.**
**Wien enthält sech? Dat sinn Déi Lenk an den ADR.**

Da géife mer op dee leschte Volet komme vun de Gemengefinanzen, an dat ass eis Oppe Schwemm, an do ginn ech eisem Sportsschäffe Loris Spina d'Wuert.

### 4.7. Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel XIX: Piscinnen – vum allgemengen Taxereglement

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci Här Buergermeeschter, dat géif elo gutt komme bei der Hëtzt, mer bleiwe beim Waasser, Fräizäitwaasser an dësem Fall, mer wollten d'Taxereglement iwwert d'Tarifikatioun vun eisen Entréespräisser vun der Schwemm op den Ordre du jour huelen, well mer do op Grond vun deene leschte Joeren déi Aarbechten, déi do gemaach gi sinn, ënnert anerem d'Mise en conformité, awer och a punkto Attraktivitéit, ass do jo sou munches geschitt. Dofir wollte mer d'Präisser och upassen a mer wäerten och mat deenen neien Tariffer an der Groussregioun déi bëllegst bleiwen, dat ass och net onwesentlech, dat nach eng Kéier ze ernimmen.

Dir wäert et an ären Ënnerlagen erëm fonnt hunn, den Adulte bezilt 1 Entréesbilljee vu 4 op 5 Euro, d'Kanner bezuelen 2,50 Euro an de Student bezilt 3,50 Euro an Zukunft fir an déi oppe Schwemm eran ze kommen, an



ech géif awer do nach eng Rajoute maachen.

Ähnlech wéi mer dat och an der zouener Schwemm hunn, géif ech bei Étudiants, Militaires an och Personnes handicapées nach derbäi setzen, dat war e klengen Oubli, an ech géif dann de Gemengerot froen, déi nei Taxen ze stëmmen, mat der Rajoute beim Punkt C Étudiants, Militaires an och Personnes handicapées nach eng Kéier dobäi ze setzen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech wollt just soen, dass mer d'accord sinn, dass just e puer Tariffer ofgeännert ginn, déi vun der oppener Schwemm, déi wou eis Tariffer effektiv relativ niddereg waren, an ech mengen dass déi zwou Kategorien déi liicht Erhéiung kënne verkraften.

Ech wollt awer nach eng Kéier nofroe firwat et net méiglech ass fir en Abonnement virzegesi bei der oppener Schwemm well ech hunn déi leschte Kéier dorop higewisen, dass et eng Rei vu Leit ginn, déi awer wierklech regelméisseg all Dag just ganz kuerz schwamme ginn, an déi awer villäicht vun sou engem Abo kéinte profitéieren.

Ech wollt och Merci soe beim Reglement fir déi zoue Schwemm, do hutt Dir dat geännert a méi kloer gemaach, dass Aquagym effektiv fir déi sämtlech Séancen de Präis ass.

Dat ass eng Richtegstellung déi ech gutt fannen.

Ech wollt drop hiweisen, ech war extra gëschter kucken, dass deen Apparat wou ee sech Tickete kann eraus zéie fir déi zoue Schwemm, Däitsch schwätzt.

Do ass alles, wann een do de Schierm beréiert, deen engem seet wat ee muss maachen op Däitsch. Vu dass mer relativ vill franséischsproocheg Leit an der Gemeng hunn, déi sécherlech och wëlle schwamme goen, mengen ech, misst een do awer wéinstens, wann de Apparat ofgeännert gëtt, oder et kann een dat villäicht elo schonns mat engem Programm änneren, dass ee wéinstens kann d'Sprooch wiele fir sech säin Ticket do kënnen erauszezéien.

Et ass schonns eng Verännerung komm, hunn ech gemierkt, et steet iergendwou um Apparat Annulatioun, wat dobäi komm ass, sécher als Erklärung. Ech war selwer eng Kéier do wou franséischsproocheg Leit probéiert hunn, en Ticket ze zéien a wierklech guer net eens gi sinn, well se d'Sprooch net verstinn.

Ech wollt nach eng Kéier drop hiweisen, ech denken dass et Iech awer och schonns opgefall ass an dass dir villäicht schonns iwwerluecht hutt, fir dat ze änneren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Mir hate jo schonn den 13. November 2015 heibannen eng gréisser Diskussioun och iwwert d'Entréespräisser vun eiser zouener Schwemm am Centre Hartmann, an d'CSV hat déi Propose net matgestëmmt well mer ënnert anerem fonnt hunn, dass eis Schwemm am Centre Hartmann net genuch Plagen offréiert fir dass de Grand public se ka benotzen. D'Öffnungszäite si lamentabel an de Leit dofir nach Entrée ze froen, fanne mer absolut deplacéiert, dat war eis Conclusioun am November.

Positiv iwwerrascht war ech wéi mer du konnte feststellen, dass an de Schoulvakanzen den Effort gemaach ginn ass an d'Schwemm méi Stonne fir de Public op war, wat jo am Fong och eng logesch Konsequenz ass, well d'Schoule vu Betebuerg an Diddeleng an de Lycée, déi eis Schwemm jo benotzen, se an der Schoulvakanz net gebraucht hunn.

Am November hat de Schäfferot awer och gesot, dass mam Service des Sports Statistike géifen opgestallt ginn, an eng Analys géif gemaach ginn, wéi d'Besoinen sinn, an et géif dann nogebessert.

Ech wollt mol froe wat aus där Analyse eraus komm ass a wat décidéiert gouf?

Bis elo ass, wat d'Öffnungszäiten ausserhalb vun de Schoulvakanzen ubelaangt, nach guer näischt changéiert an dat bedauere mer explizit an ech froen och an dësem Zesummenhang, wéi et ass mat de Leit hiren Doléancen, ob op déi schonns agaange ginn ass.

Et huet een ëmmer erëm am Ufank héieren iwwert den Équipement vun der Schwemm, dass verschidden Saachen net klappen, dass Kreep fir Handdicher an den Dusche feelen, Oflagméiglechkeete feelen.

Grouss Bedenken sinn och wat eis Föhnen ubelaangt. Dir wësst genau, dass mer Föhne mat engem Sensor hunn an dass een do mam Kapp muss ganz no sinn, wat fir zwou Spillschoulsklassen, déi an den Hartmann och schwamme ginn, déi net op de Strutzbierg ginn, e grousse Problem ass well déi kleng Kënnercher mussen dann op en Stull gestallt ginn, fir dass d'Kanner kënnen de Kapp föhnen, wat éischtens geféierlech ass, an zweet-





ens kann een d'Kanner dat net alleng maache loossen.

Ech wollt mol froen, wéi et allgemeng mat den Doléance ass, déi d'Leit virbruecht hunn, an ob do schonns nogebessert ginn ass?

Mä d'Haaptdoléancë vun de Leit sinn nach ëmmer déi aarmséileg Öffnungszäite fir de Grand public.

Ech hat am November hei bannen d'Ouvertureszäite vun all de Schwemmen aus dem Land opgezielt, mir hunn déi schappegst Offer, do kënne mer dat net beschéinegen, dat ass eben sou.

All Schwemm am Land huet dënschdes an donneschdes eng Plage fir de Grand public op, bei eis däerf awer elo wéinstens Gott sei Dank d'Maison-relais dënschdes an donneschdes schwamme goen, mä de Grand public nach ëmmer net.

All Schwemm am Land huet 4-5 Deeg an der Woch nomëttes an owes op, mir hunn en eenzegen Dag mëttwochs, wou vun 4-10 Owes op ass.

All déi aner Deeg ass eis Schwemm um 2 Auer zou a Schluss fir de Public.

An absolut net acceptabel ass, samschdes a sonndes ass um 1 Auer eis Schwemm zou.

Mer bedaueren dëst nach eng Kéier a mir hoffen, dass do awer demnächst eng Verbesserung kënnt.

Déi eenzeg positiv Nouvelle ass wéi gesot, dass d'Maison-relais dënschdes an donneschdes nomëttes dierf eis Schwemm notzen.

Mä och do ergëtt sech d'Fro: Wann elo dënschdes an donneschdes eng Méiglechkeet war, d'Schwemm fir d'Maison-relais op ze maachen, firwat maache mer se dann net och dënschdes an donneschdes fir de Public op? Well jo och Kanner, déi net an der Maison-relais sinn, wieren och frou wann se an hirem fräien Nomëtteg kéinte schwamme goen.

Wat elo eis oppe Schwemm ubelaangt, do gouf festgehalen, dass déi ab Juni - d'Horairë si vun 14.00 bis 20.00 Auer - samschdes a sonndes vun 10.00 bis 20.00 Auer op ass an am Juli wann d'Vakanzen ufänken, ass se all Dag vun 10.00 bis 20.00 Auer op. Also geet et jo.

Firwat geet et nëmmen an der oppener Schwemm mat den Zäiten an net am Hartmann?

Dat versti mer nach ëmmer net.

Et huet och ëmmer geheescht, et géif e flexibele Passage gi vun der oppener Schwemm an d'Zon vun der zouener Schwemm.

Dat heescht, an der Presentatioun vum neie Projet Centre Hartmann do war deemools geplangt ginn, dass all Client duerch eng gemeinsam Kees géif eragoen an de Schwammberäich, an da kann een décidéieren, ob een an déi zouen oder an déi oppe Schwemm geet.

Mir hunn dat all eng gutt Idee fonnt, well da brauchs de nëmmen eng Kees, wat da personalméisseg eng Aspuerung wier, a wann dëse flexibele Wiessel jee no Wiederlag soll méiglech sinn, firwat maache mer dann awer zweeërlee Präisser?

A virun allem maache mer zweeërlee Öffnungszäiten, dat ass an eisen Aen e Gewurschtels a keng Kohärenz, an dës Kéier wäert dann d'CSV d'Präisser vun den Entréesticketen net mat stëmmen an éischtens emol well amplaz vun enger kohärenter Planung an enger Synergie vun oppener Schwemm an zouener Schwemm hei erëm eng Inkohärenz ass, wat d'Präisser an d'Öffnungszäiten ubelaangt an zweetens ass keen Effort gemaach ginn um Diddelenger Bierger, deen net an d'Schoul geet an net an engem Schwammclub ass, fir dem Benotze vun de Schwemmen zu Zäiten, wou och e schaffende Mënsch kann an d'Schwemm goen, fir deem entgéint ze kommen.

Also, et geet an eisen Aen net duer, den Diddelenger Bierger herno d'Rechnung an den Ënnerhalt vun eiser Schwemm dohinner ze leeën, deen en immens groussen Impakt op eise Budget wäert hunn, dee mer och nach net chiffréiert kritt hunn, et muss een de Leit awer och d'Méiglechkeet bidden, eis Schwemm ze benotzen.

Marc Schiffmann (ADR): Also, ech kann hei mat zwou Hänn ënnerschreiwe wat d'Madame Kayser gesot huet, besonnesch wat d'Ouvertureszäiten ugeet vun der zouener Schwemm.

Et ass lamentabel an enger Uertschaft, wou 20.000 Awunner sinn, esou Ouvertureszäiten ze hunn. Dat



heescht en normale Schwëmmer ass am Fong geholl vu vir bis hanne benodeelegt. Dat fannen ech einfach onméiglech an dat ass och e Grond fir dat heiten net mat ze stëmmen.

A villäicht kréie mer jo awer eng Sauna.

Joseph Thill (Déi Lénk): Jo, d'Madame Kayser huet alles gesot, aus deem selwechte Grond enthale mir eis och.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dëst gesot, den Här Spina ass prett fir Äntwerten ze ginn.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Jo, Här Schiffmann, Dir spiert et, mer schaffen un enger Sauna.

Ech hat elo e bësse Problemer fir mer den Ordre du jour an Erënnerung ze ruffen. Déi Diskussioun, déi mer elo hei haten, an déi deelweis vun der CSV alt erëm ugeleiert ginn ass, passt net bei dëse Punkt, dofir well ech mech och beschränken op d'Remarquen, déi zum Ordre du jour zur Debatt stinn, gemaach gi si wat d'Präisser ubelaangt vun der oppener Schwemm.

Just awer fir Iech dat net virzeenthalen, dass mer elo méi Stonne fir de Public hu wéi mer virdrun haten, dat heescht de Schäfferot huet an deem Sënn méi wéi Wuert gehalen.

D'Direktiv war deemools net manner a mir hunn esouguer méi Stonnen Ouverture fir de Public, do brauche mir eis hei kee schlecht Gewësse vun engem maachen ze loossen, respektiv wësse mer jo och, dass mer virun allem eng Schoul- an eng Veräinsschwemm hunn, déi zouen an de Fräizäitberäich kënnt effektiv méi zur Geltung an der oppener Schwemm, an dofir wëll ech dann elo och hei Merci soe fir déi, déi dës Tarifikatioun wëlle mat ënnerstëtzen, huelen awer déi Bedenke vun der Madame Goergen gäre mat, dass den Ticketsapparat virun allem Däitsch schwätzt.

Nichtsdestotrotz wësse mer jo och, dass meeschtens zu den Zäiten, wou d'Leit kënnen an d'Schwemm goen, Personal do ass, dat heescht, et ass jo een am Accueil deen dobäi sëtzt, deen och de franséischsproochege Leit kann hëllefen awer ech wäert déi Bemierkung trotzdem do mol mathuelen.

Wat d'Abonnement ubelaangt, do steet et jo och ënnen dobäi, dass d'Abonnementer fir déi zwou Schwemme gëllen.

Dat heescht, et ass kee Problem, dass wann een en Abonnement huet, an der Disposition générale fënnt een dat nach eng Kéier erëm, dass dat gülteg ass fir déi zwou Schwemmen, sou dass mer de Leit kënnen do entgéint kommen.

Wéi gesot, wat déi Reschtpolemik ubelaangt, wëll ech mech net dozou äusseren, well mer dat schonns haten a well et och net heihinner passt. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Also, et deet mir Leed, mä ech muss awer nach eng Kéier nohaken, well déi Kohärenz an déi Synergie zwëschent oppener an zouener Schwemm, dat war kloer am Projet Centre Hartmann, do musst dir mir awer elo nach eng Kéier erklären, ob dat elo vum Dësch ass, a mer weider eng Entrée behalen an der Parkstrooss fir déi oppe Schwemm oder ass et sou wéi et initialement war am Projet, eng Kees, mir ginn eran an dann ass den Dispatching, wa schéi Wieder ass, gi mer an déi oppe Schwemm a wa kee gutt Wieder ass, gi mir an déi zoue Schwemm.

Dat war eis ëmmer esou versprach ginn, an dofir war och meng Fro: Firwat dann déi Inkohärenz an de Präisser, firwat zweeërlee Präisser.

Dat musst dir mir elo awer erklären, wéi dir do d'Zukunft gesitt vun där Synergie déi sollt geschaf ginn tëschent der oppener an der zouener Schwemm.

Colette Kutten (Déi Gréng): Jo, just eng kleng Erklärung zu eiser Ofstëmmnung.

Also, mir si mat der Erhéiung vun de Präisser d'accord, do trenne mer dat vun den Diskussiounen, déi hei gefouert ginn, déi net zum Punkt gehéieren, mä mer sinn och dofir, dass d'Öffnungszäite fir de Grand public eigentlech misste besser geregelt sinn.

Mä dat ass hei elo och net d'Thema, mir stëmmen d'Präisännerunge mat well mer dat gudde Gewëssens kënne maachen.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Also, et sinn zwou ver-





schidde Schwemmen, déi onofhängeg vun enee funktionéieren, et ginn awer Momenter am Joer wou effektiv dat wat dir elo hei ugedeit hutt, wou décidéiert gëtt ob ech elo déi eng Säit oder déi aner Säit ginn, respektiv e gewëssenen Iwwergang méiglech ass, dat hänkt vum Wieder of. Awer am Prinzip geet et net drëm, an dat brénge mer jo och net fäerdeg, permanent déi zwou gläichzäiteg lafen ze loossen.

Et ginn e puer Momenter am Joer, wou dat Sënn mécht, do maache mer dat dann och, a fir de Rescht sinn et zwou verschidde Schwemmen. Dat bréngen mer soss net fäerdeg.

Vun der Logistik hier, vun der Manpower hier, bréngen mer dat anescht net fäerdeg. Dat liicht jo jidderengem an.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo, mä dat ass jo och kontrovers mat Präisser, dann hues de jo awer och zweeërlee Präisser wanns de sees, mer maachen eng flexibel Saach. Zum Beispill gëtt et en Donnerwieder, an d'Leit sinn an der Schwemm, an da loosse mer déi Leit vun der oppener Schwemm an déi zoue Schwemm goen, dann hunn si awer en aneren Tarif bezuelt, dat ass jo net logesch.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Also, am Prinzip ass et fir déi Leit ze belounen, déi d'Abonnement hunn, déi déi zoue Schwemm benotzen, déi kënne mat deem Tarif dann och an déi oppe Schwemm goen. Mir wäerten awer elo net well Reendrëpse falen, deem engen en Euro ewech huelen an deem aneren en Euro méi froen, op dee Wee gi mer sécher net.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Maja, dofir hunn ech jo gemengt, da kommt mer maachen een Tarif, dat ass dat wat mer soen, et ass keng ganz kohärent Planung.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass geographesch op engem Site, et sinn zwou Schwemmen, déi zweeërlee Ënnerhaltskäschte mat sech bréngen. De Prinzip war ganz kloer ëmmer deen, dass een an der Summerzäit an d'oppe Schwemm geet. Wa schlecht Wieder ass, kann een ouni Problem an déi zoue Schwemm eriwwer switchen, deem si mer eis trei bliwwen a mer sollen eis elo erëm op déi Diskussioun konzentréieren, ëm déi et hei geet, nämlech ëm d'Taxereglement.

Wéi gesot, et sinn zwou Piscinne geographesch zesummen, mä mer loossen eis déi Flexibilitéit am Summer wa schlecht Wieder ass, dass een da kann an déi zoue Schwemm goen, a wéi den Här Spina et sot, et war ni an der Philosophie, dass béid Schwemme gläichzäiteg op sinn.

Da proposéieren ech, dass mer zum Vote iwwer ginn.

**Wien ass averstanen? Dat sinn d'LSAP an déi Gréng.**
**Ween ass dogéint?**
**Ween enthält sech? CSV, déi Lénk an den ADR.**

Da gi mer eriwwer op eise Patrimoine scolaire.

Joseph Thill (Déi Lénk): Just eng Fro zu de Punkte 4.8 an 4.9, déi zeréckgezu gi sinn.

Wann ech richteg verstanen hunn, gëtt do e supplementaren Devis gefrot, do wollt ech eigentlech froen ob den Energiepark Réiden och fir den Devis gefrot ginn ass fir déi Aarbecht ze maachen.

Ech denken un dee well d'Gemeng schonns gréisser Projeten - opderschmelz, Centre culturel an d'Vestiairë vum Stade Aloyse Meyer - mat där Firma huet.

Dofir géing ech virschloen si och do ëm hire Rot ze froen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass een Acteur vu villen, déi ee froe ka fir en Devis. Ech schloen dann elo vir, zum fënnefte Punkt iwwer eise Patrimoine scolaire ze kommen.



## 5. AVIS ZU DER PROPOSITIOUN VUM KLASSEMENT VUN DER PRIMÄRSCHOUL BRILL ALS "MONUMENT NATIONAL"

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et ëm eise Patrimoine scolaire an e Klassement, dat mer hei virleien hunn.

Fir den Historique ze erklären: Am August 2015 hate mir e Courrier geschéckt un déi deemoleg Kulturministesch, d'Madame Maggy Nagel, wou mir gefrot hunn, dass d'Briller Schoul sollt klasséiert ginn, eng Protektioun sollt kréien an den 22. Mäerz 2016 krute mir vum Staatssekretär dann d'Äntwert, datt och de Kulturministère, respektiv Service des sites et monuments nationaux mat op dee Wee ginn, dass si deementspriechend dës Schoul klasséiere sollten, nodeem och den Avis vun der Commission des sites et monuments nationaux virlouch, deen och seet, dass een a vun engem Klassement goe soll.

D'Briller Schoul, déi e flotte Patrimoine huet an och ass, déi 1932 gebaut ginn ass an déi och fir déi Period eng ganz interessant Form huet, eng U-Form déi jo gang und gäbe war zu där Zäit.

Déi natierlech och d'Norbert Metz Strooss ganz kloer accentuéiert duerch hire symetreschen Agencement an, wat och flott ass bei deem dote Gebai, dat ass, dass sech nach eng ganz Rei originell Saachen doranner befannen, sief dat Plättercher, sief dat Dieren, sief dat Plafongen, sief dat awer och de Parquet a virun allem, wéi et och hei ënnerstrach gëtt, nach déi Originaltrape vun deemools.

An effektiv ass jo och op der lénker Säit d'Salle des sports. Natierlech gëtt hei de Kulturministère an och de Staatssekretär ze bemierken, dass wann e Gebai klasséiert gëtt, d'Propos vum Kulturministère ass, datt et e Monument national soll ginn, datt een natierlech do Modifikatioune ka maachen, mä dass dat natierlech wéi bei all Klassement mëscht a Collaboratioun mat dem Service des sites et monuments nationaux fir d'Gebai ze valoriséieren an de Service des sites et monuments nationaux och als Partner zur Verfügung steet fir ee gratis fir de Maître d'Ouvrage, deementspriechend hei d'Gemeng vu datt si jo Propriétaire ass, fir dee gratis ze berode wann d'Modifikatiounen do gemat solle ginn.

Wat mir hei als Gemeng proposéieren - wéi gesot, mir haten am August 2015 e Klassement ugefrot, net präziséiert wéi ee Klassement, mä nodeems mir hei d'Situatioun analyséiert hunn an d'Proposen hei vum Ministère virleien hunn, gi mir éischter an déi Richtung, dass et net soll e Monument national ginn, mä dass et soll op den Inventaire supplémentaire kommen.

Dat heescht awer ganz kloer hei eng Protektioun behält, dass mer hei och déi selwecht Logik hale wéi beim Gemengenhaus, dat och um Inventaire supplémentaire steet, respektiv och de Waassertuerm, wou d'Austellung vun de Bitter Years dran ass.

Firwat?

Engersäits, dat ass ganz kloer, am Argumentaire steet et dran, fir eng gewësse Flexibilitéit ze behalen. Mir befannen eis an enger vun deene gréisste Schoulen hei um Diddelenger Territoire, do gëtt am Alldag Schoul gehalen an do brauch een och eng gewësse Flexibilitéit,



wat eng Rei Aarbechten ugeet, ouni awer Aarbechten ze maachen, déi net mat dem Service des sites et monuments nationaux ofgeschwat sinn, mä ech mengen, et sinn zwou verschidden Nuese wann een um Inventaire supplémentaire ass, respektiv wann ee Monument national ass, aus deem ganz einfache Grond.

Dir hutt jo d'Gesetz geschéckt kritt, et sinn zwee gréisser Ënnerscheeder.

Wann et e Monument national ass, da muss een dat natierlech ufroen, de Minister muss eng Autorisatioun ginn, mä en huet 6 Méint Zäit fir seng Autorisatioun ze ginn.

Hei si mer awer an engem bestehende Schoulbetrib an deemno wa Reparatiounen oder Aarbechte musse gemat ginn, kann een net esou laang waarden a mir wollten eis dann awer do déi Flexibilitéit ginn an éischter den Inventaire supplémentaire proposéieren, well engersäits d'Obligatioun besteet fir de Maître d'ouvrage 30 Deeg am Viraus dat beim Ministère unzefroen, respektiv, op där anerer Säit, deen 30 Deeg Zäit huet fir eng Äntwert ze ginn.

Dat heescht, mir sinn do an engem Delai vun zwee Méint, summa summarum, wann een déi ganz Prozedur kuckt, dat ass awer net onwichteg, par rapport zu enger Schoul wou am Alldag Léierpersonal seng Coursen hält, wou sech Kanner befannen, wou Kanner duerchlafen.

Dat heescht engersäits kloer mat op de Wee ginn an d'Unerkennung hu fir dëse Patrimoine, dowéinst hu mir jo och eng Protektioun ugefrot.

Op där anerer Säit eis awer do net all Dieren zou maachen an zesumme mat dem Service des sites et monuments nationaux, wa Saache musse modifizéiert ginn, dat mat hinnen ofschwätze mä eis awer och um Niveau vun den Delaien eng gewësse Flexibilitéit loossen.

Et muss ee jo awer och soen, datt mat anere Gebaier, déi um Inventaire supplémentaire sinn, wéi hei d'Gemengenhaus wéi awer och de Waassertuerm, datt mir an deem dote Kontext ëmmer ganz gutt gefuer sinn an och beim Inventaire supplémentaire, wann Aarbechte wierklech misste gemaacht ginn an Ofstëmmung, datt mir och do 50% Subsid vum Kulturministère garantéiert kréien.

Och dat steet ganz kloer am Règlement grand-ducal, sou mengen ech datt mir hei vis-à-vis vun deem dote Patrimoine engersäits e ganzt kloert Zeechen setzen, datt mir et wëlle protégéieren, well de Patrimoine dat ganz kloer hier gëtt, eis op där anerer Säit awer och, wat de Schoulbetrib ugeet am Alldag, eng gewësse Flexibilitéit wëlle loossen.

Dat zu den Erklärungen zu där heiter Protektioun, déi mir ugefrot hunn, wou mir d'Äntwert vum Ministère kruten, datt et e Monument national soll ginn, an eben eis Propos éischter an déi Richtung vum Inventaire supplémentaire ze goen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Mir fannen dat och sënnvoll, datt déi Iwwerleeungen do ugestallt ginn. Et ass scho wichteg, datt ee ka séier reagéieren, mir ënnerstëtzen dat, dass éischter deen Inventaire supplémentaire soll ugefrot ginn ewéi den totale Classement national.

Dir hutt awer elo just kuerz eng Kéier ernimmt, wéi ass et mat deene Subsiden, déi mir do kënne kréien?

Hunn ech dat richteg verstanen, an deenen zwee Fäll géife mir dat selwecht kréien?

Et ass also just un den Delaien, wou den Ënnerscheed ass, awer mir géingen déi selwecht Konditioune gebuede kréien, souwuel beim Inventaire supplémentaire wéi beim Monument national?

Dat wollt ech just verstanen hunn, mä mir ënnerstëtzen déi Saach do, mir fannen, dass dat eng gutt Iwwerleeung ass.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech wollt och soen, datt mir averstanen si mat där dote Klasséierung, well wa mer schonn de Choix hunn tëschent méi enger sturer a méi enger flexibeler Léisung, dann huele mer léiwer déi méi flexibel Léisung.

Ech mengen, et ass keng Diskussioun, dass déi Schoul do erhalenswäert ass an et ass jo flott, dass déi original Gebailechkeete jo nach relativ gutt erhale sinn.

Et kann engem effektiv Angscht ginn, wann opgeléscht gëtt, wat alles nach am Originalzoustand ass - carrelages, portes, plafonds awer och escaliers de l'époque - dann denkt een direkt un d'Studentewunnengen an déi Problemer, déi mer deemools kritt hate fir dat ze



erhalen. Also, besser méi flexibel.

Ech wollt mir awer elo nach eng Fro dozou erlaben: Déi Schoul, déi passt jo an de Kader vun deem Quartier Brill a bei der Ofännerung vum PAG ass jo och virgesinn, datt een Deeler kann als Quartier protégé d'intérêt communal klasséieren.

Ass dat virgesi fir de Quartier Brill an ebe mat der Schoul derbäi?

Well dat si jo wahrscheinlech Diskussiounen, déi schonn amgaang sinn, och wa mir se vläit nach net matkritt hunn.

An da wollt ech och nach froen, ob et en aneren Impakt hätt op staatlech Subventiounen, jee nodeems ob mir e Monument national aus der Schoul Brill maachen oder awer deen Inventaire supplémentaire?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wat déi zwee Volete vun de Finanzen ugeet, et ass esou, datt wann een um Inventaire supplémentaire ass, virgesinn ass, datt ee 50% kréie kann.

Normalerweis gëtt de Ministère och déi 50%, dat huet eis d'Erfahrung an däser Gemeng, mä och an anere Gemenge gewisen.

Wann ee Monument national ass, da kann de Ministère méi ginn, wann e wëll. Dat heescht, do kann en dann och 60 oder 70% ginn, mä dat ass natierlech och ëmmer déi selwecht Kommissioun, déi dat analyséiere muss.

D'Studentenheem, dat ass Monument national, do hate mir 50% kritt, och wann dat e Monument national ass an et méi hätt kéinte ginn, mä do gouf et 50%.

Bei der Kierch gouf et och 50%.

De Prinzip ass ëmmer 50% a wann et méi sollt gi beim Monument national, da muss natierlech och argumentéiert gi firwat, aus wat fir enge finanzielle Grënn.

Dat ass ë bëssen de Kader par rapport zum Finanzement.

An da war déi Iwwerleeung vum PAG, déi fléisst an, do hu mir eis nach net festgesat.

Ech mengen, de Brill ass e Quartier à préserver, hei wann ee sech souwisou eng Protektioun hei drop gëtt, spillt jo schonn nach méi staark dee Prinzip vun der Präservatioun.

Déi gi mir jo hei ganz kloer iwwert deen heite Vote, dee mir jo elo hei ginn, setze mir jo schonn eng Protektioun drop, dat heescht en ass zum Deel nach méi staark protegéiert wéi vum Niveau vum PAG aus. Dat hei ass nach méi eng staark Protektioun. Absolut.

Ech mengen, domat sinn ech op déi meescht Froen agaangen. **Ass de Gemengerot domat averstanen,** datt mir d'Briller Schoul op den Inventaire supplémentaire setze wëlle loossen an deementspriechend par rapport zu der Demande vum Ministère dann éischter eng Ofso ginn? **Dat ass unanime,** da soen ech dem Gemengerot Merci.

E weidere staarke Message an der Valorisatioun an der Protektioun vun eisem Patrimoine hei zu Diddeleng. Nach eng Kéier: mam Inventaire supplémentaire ass et méi eng staark Protektioun wéi wann een et nëmmen um PAG ausweist, och duerch d'Gesetz. Mä et hält awer e kohärent Konzept awer drop.





## 6. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – GENEHMEGUNG VUM ORGANISATIOUNSPROJET FIR D'SCHOULJOER 2016/2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Punkt geet et ëm d'Schoulorganisatioun fir d'Joer 2016 an 2017 wou mär gehale sinn – ech begréissen hei och den Erni Ferrari vun eisem Schoulservice - wou mir virum 1. Juli 2016 déi provisoresch Schoulorganisatioun hei musse stëmmen, och wa mir am Hierscht déi definitiv stëmmen.

Dat, wat Dir vun Dokumenter kritt hutt, gouf an der Schoulkommissioun vum 18. Abrëll presentéiert, si hunn och e positiven Avis ofginn. Ech wëll vun dëser Platz aus och dem Comité d'école an hirem President, eisem Schoulservice, dem Erni Ferrari nach eng Kéier Merci soe fir d'Viraarbecht, déi se gemaach hu bei der Ausaarbechtung vun der Schoulorganisatioun, wat dir an Ären Dokumenter och alles fannt.

Niewent der Schoulorganisatioun ass jo dann och déi traditionell Circulaire ministérielle vum Minister, wou eng ganz Rei Punkten opgeléscht sinn, déi och an eiser Schoulorganisatioun hier Nidderschrëft hunn.

Wéi gesäit d'Schoulorganisatioun 2016-2017 hei zu Diddeleng aus?

Mir hunn de Moment ëm déi 120 Klassen, 118 fir genee ze sinn. Den 18. Abrëll wéi mer Schoulkommissioun haten, do waren 1 870 Kanner ageschriwwen, momentan si mer op 1 917 Kanner, dat kann nach evoluéieren, par rapport zu der definitiver Schoulorganisatioun am Hierscht, an an dee momentane Chiffer kommen och nach déi 14 Kanner, déi an der Classe étatique si vun den Demandeurs de protection internationale.

Dir wësst, mir sinn opgedeelt a 6 Schoulen, 12 Gebaier, d'Quartiersschoulen, déi zentral organiséiert sinn, de Kontingent, dee mer dëst Joer zur Verfügung gestallt kruten, dat sinn 3.546 Stonnen a 402 Stonnen, déi mer Hors Kontingent vum Ministère kritt hunn.

Variatiounen, déi statt fannen, keng gréisser ausser, dass se um Niveau vum Strutzbierg, an an Italien, eng Klass manner hunn, an Italien ass et eng C1-Klass, déi mer manner hunn.

Wann een awer och d'Schoulpopulatioun selwer kuckt, am Detail, 53% vun de Kanner hunn déi Lëtzebuerger Nationalitéit, dovunner 6% déi duebel Nationalitéit, 47% sinn Net-Lëtzebuerger a vun deenen hunn 30% déi Lëtzebuerger Nationalitéit.

Wann een dat vergläicht, lokal awer och national, dat ass ëmmer interessant. National sinn 49,6% Lëtzebuerger a 50,4% Net-Lëtzebuerger, dat ass e Spigelbild engersäits lokal vun der Composition socio-démographique vun eiser Diddelenger Bevëlkerung an national spigelt dat natierlech och generell den nationale soziodemografesche Kader hier.

National a lokal, wou mer plus minus gläich sinn, dat ass wat d'Opdeelung ass vun Jongen a Meedercher, 52% Jongen, 48% Meedercher.

Wat awer och Diskrepanzen hei zu Diddeleng sinn, dat wësst der klassesch, historesch an eben och wéi verschidde Quartiere gewuess sinn, dass och do



d'Nationalitéite variéieren, déi variéiere staark vun engem Quartier op deen aneren, an natierlech bréngt dat mat sech, dass och do eng Rei Erausfuerderunge sech stelle fir eis Quartiersschoulen, déi da probéieren, iwwert hire Plan de réussite scolaire, dee jo bis 2017 nach en vigueur ass, iwwert dee Wee deem Rechnung ze droen.

Fir e puer Chifferen ze ginn, där kennt se souwisou, déi Diskrepanzen déi mer an deene verschiddene Quartieren hunn, zu Butschebuerg sinn 68% Lëtzebuerger, Ribeschpont 72%, um Brill si mer bei 56%, um Däich 49%, déi d'portugisesch Nationalitéit hunn, 34% déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

Do gesäit een also schonns d'Ënnerscheeder, am Quartier Italien sinn 31% Net-Lëtzebuerger, dovunner hunn 48% déi portugisesch Nationalitéit, um Strutzbierg hunn 28% d'portugisesch Nationalitéit, also do mierkt een déi Variatiounen, déi mer an deene verschiddene Schoulgebaier hunn, an déi och de Reflet si vun deem jeeweilege Quartier, an déi och dann déi Schoulorganisatioun an der Quartiersschoul virun enger ganz Rei Erausfuerderungen stellen, an natierlech och do de Comité d'école zesumme mat den engagéierten Enseignante versichen, och deem Rechnung ze droen.

Wa mer elo e Bléck op de Précoce geheien, e wichtegen Aspekt, do gouf et am November den nationale Bilan zou der Educatioun précoce gezu ginn ass vum Ministère zesumme mat der Uni Lëtzebuerg. Hei zu Diddeleng si fir dës Schoulorganisatioun ronn 68% vun de Kanner am Précoce, dat ass e Plus vun 4,4%.

Dat heescht, 68% vun deene potentielle Kanner, déi an de Précoce kënne goen an dee Moment staatlech erzu ginn ab dem Alter vun dräi Joer, sinn zu Diddeleng am Précoce.

National gesi sinn dat da 63,5, also leie mer do iwwert der nationaler Moyenne an och dat ass e ganz gutt Zeechen.

Um Niveau vun der Offer, véier an en halwen Deeg awer och den Volet Précoce Maison-relais, Lenkeschléi, Strutzbierg, gutt dass mer och dee Wee gaange sinn zesumme virun enger Rei Joeren, well den Éducatiounsministère gesot huet, dass d'Gemenge vermehrt den dote Wee solle goen. Diddeleng huet do eng Virreiderroll a probéiert mat neien Entitéiten dat doten ze berücksichtegen.

Firwat ass déi Offer vum Précoce wichteg, an dat mierke mer zu Diddeleng och, an dat huet deen nationale Bericht nach eng Kéier ganz kloer confirméiert, Schwéierpunkt a Wichtegkeet vum Précoce, natierlech déi Potentielle vun de Kanner ze stimuléieren, hir kognitiv Entwécklung, dass se sech kënne sozialiséieren, awer virun allem, dass se sech kënne mat der Lëtzebuerger Sprooch familiariséieren, och dat ass eng Prioritéit.

An dann och fir den Dépistage esou frei wéi méiglech am Précoce ze maachen, an dat zesumme mat der Équipe multidisciplinaire, multiprofessionelle, ech mengen dass dat d'Zännrieder sinn déi anenee gräifen.

An och an där leschter Schoulkommissioun hu mer do iwwert hier Presentatioun iwwert hier Aarbecht e ganz flotten Abléck kritt wéi do déi Zesummenaarbecht ka stattfannen.

Grad sou wichteg och déi lëtzebuergesch Sprooch, wéi et an dem Bilan erauskënnt, och wann national gesi méi Lëtzebuerger am Précoce si wéi Net-Lëtzebuerger, schwätzen awer eng Minoritéit déi lëtzebuergesch Sprooch, 38% schwätze Lëtzebuergesch als éischt Sprooch, zu Diddeleng ass dat net vill anescht, et sinn also eng Rei Erausfuerderungen, déi sech fir de Précoce stellen.

Wat mer dëst Joer awer och gemaach hunn, par rapport zu deenen anere Joeren, do hu mer an der Schoulorganisatioun fir 2016-2017, wat de Précoce zu Butschebuerg ugeet, eng gewësse Flexibilitéit um Niveau vun de Plagë walte gelooss, fir och do där Demande vun den Eltere kënne Rechnung ze droen, par rapport zu der Offer déi mer hunn, an déi Flexibilitéit huet eis Recht ginn, dass mer dat gemaach hunn, an esou konnte mer dann och dee Volet ofdecken.

Interessant ass et awer och, ze gesinn an dëser Schoulorganisatioun, dass 206 Kanner an de Cycle 1 noréckelen, och dat ass wichteg.

Wann ee kuckt wéi och demografesch d'Stad Diddeleng sech entwéckelt, engersäits huet ee Kanner, déi an de Précoce kommen, Kanner déi an den C1 ginn, awer och Kanner, déi aus dem 6. Schouljoer herno an de Lycée ginn. Och dat weist wéi sech déi demografesch Prozesser hei zu Diddeleng iwwert Joeren entwéckelen.

Dëst Joer kann een och nach soen, dass 35% an de



Moralcours ginn, 65% an de Reliounscours, an och dat huet iwwert déi lescht Joeren evoluéiert well mer och ëmmer méi Schüler hu mat anere Konfessiounen, par rapport zum Kontingent, d'Schoul hat virun 2016-2017 gesot 3 546 Stonnen, 402 Hors Kontingent, d'Joer 15-16 hate mer der 355, do ass et jo sou dass mer graduelle vun Joer zu Joer Stonne mussen ofbauen, sou wéi dat och virgesi war säit 2009, dem Règlement grand-ducal, an déi Stonnen déi mer Hors Kontingent, déi mer bäi kritt hunn, gi genotzt fir d'Education morale, 170 Stonnen, engersäits awer och Cours d'accueil, 69 Stonnen, fir intensiv Sproochecoursen, fir dass d'Kanner kënnen an hier Classe d'attache eriwwer goen, awer och 25 Lektioune fir de Plan de réussite scolaire Brill, an op der anerer Säit fir déi Stonnen Hors Kontingent kënnen notze fir d'Remplaçants permanents, déi der Schoulorganisatioun zegutt kommen.

Et kann een also soen, 2016-2017, wat gutt ass, dass mer méi Stonnen hu fir den Appui am C1 an och vum C2 bis C4 a virun allem kommen déi Appuisstonnen der Schoul Butschebuerg, Däitsch, Ribeschpont an Strutzbierg zegutt.

An de Coefficient d'encadrement, dee gesat ginn ass, 16-17 läit bei 1,88 a mer hunn natierlech och 84 Lektioune bäikritt am Laf vum Joer fir déi DPI- Klass, wat eng staatlech Klass ass, an 25 Stonne fir de Plan de réussite scolaire am Brill.

Déi Moyenne, déi mer pro Klass hunn, déi läit bei 16 Kanner, do leie mer an där Moyenne, déi och de Règlement grand-ducal setzt, dann ass dat och e vernünftege Kader fir Schoul ze halen.

Wann een et vergläicht mam Ausland, Schoulhalen hautzedags ass e Verdéngscht vun engagéierten Enseignanten deene mer och Merci soen, eng Équipe multiprofessionelle déi sech och staark während de Schouljoeren asetzt fir Diagnostik, fir Reedukatioun.

Do gesäit een, dass mer um Niveau vun den Orthophonisten, der Logopédie, dem Depistage, der Sproocheförderung, dat si ganz wichteg Outilen déi déi Servicer hunn, an déi an dem Kader och um Niveau vun der Assistance en classe hir Friichten droen, déi Kollaboratioun ass ganz gutt an och an deem Sënn ganz wichteg.

Mir hunn och eng Équipe multiprofessionnelle, déi gutt opgestallt ass, mat Psychologen, Pädagogen, Orthophonisten, Psychomotoriker, Proffen déi an der Logopädie schaffen, also och do ganz gutt professionell opgestallt gi fir och méi Erausfuerderungen, kognitiv an edukativ, fir d'Schoulkanner opzehuelen an och néideg Mesuren ze huelen.

Wann ee kuckt déi séllechen Initiativen déi säit Joeren an der Schoulorganisatioun statt fannen, déi een hei net sou erëm fënnt, mee déi awer am Alldag ganz wichteg sinn, an déi mer ëmmer ënnerstëtzt hunn an de jeeweilege Schoulgebaier, dat ass natierlech an der Däicher Schoul dee ganze Volet vun der Psychomotorik, den Airtramp, awer och déi däitsch Sprooch déi an der däitscher Schoul enseignéiert gëtt mam däitschen Native Speaker an och de Volet Digital education, och an der Däicher Schoul, mä awer och déi Assistentin am Cycle 1 déi d'Erléiere vun der portugisescher Sprooch an Zesummenaarbecht mat der portugisescher Ambassad mécht, an aner Voleten.

Mir hunn déi grouss Chance, dass mer e Service de Santé scolaire hei zu Diddeleng hunn, wou mer och um Niveau vun der Gesondheet an der Ernierung vun de Kanner eng ganz Rei Moossnamen huelen - Gesond iessen, Wibbel an Dribbel - an awer och kucken, d'Kanner kreativ ze förderen iwwert den Art à l'école wou eng Artistin zweemol an der Woch kreativ ze schaffen, Hausaufgabenhëllef, LASEP...

Wat och eng gutt Nouvelle ass dëst Joer, ass, dass fir d'Rentrée 16-17 d'Spillschoulen, de Cycle 1, all 2 Woche kënne schwamme goen, wat mat sech bréngt, dass se net nëmmen 12 Mol am Joer schwamme ginn, mee 18 Mol. Och do hu mer e Wuesstem vu 50% wou d'Kanner méi am C1 schwamme ginn, och dat ass gutt.

Dat ass natierlech och méiglech well mer déi nei Schwämm hunn. Virdrun, wéi se zu Betebuerg waren, ware mer do ageschränkt, also hei wierklech en Hoff no uewe maachen, an de Cycle 2-4 all 2 Woche geet.

Klassesch Punkten, déi an dëser Schoulorganisatioun erëm fënnt: d'Schoulpaus moies vun 9.35 bis 9.50 Auer, mëttes vu 14.45 bis 14.55 Auer, Cycle 1 deen d'Fräiheet huet, seng Pausen ze adaptéiere par rapport zum Cycle 2 a 4.

Wat och e flotte Bléck wäerft an d'Schoulorganisatioun 2016-17, dat ass de Plan d'encadrement périscolaire mat eise Structures d'acceuil, wéi gesot den Art à l'école zweemol pro Woch, wou een an d'Schoul ka goen,



den Éveil musical verstäerkt mat der Museksschoul zesummeschaffen, dee ganze Volet vun der Hausaufgabenhëllef, awer och gemeinsam Aktivitéiten organiséieren, den Enseignement fondamental zesumme mat der Maison –relais, wou och d'Iddi am Raum steet, dass mer d'Associatioune wäerten uschreiwen dass och si e puer périscolaire Aktivitéiten ubidden.

Wat och nei ass, et sinn nei Elterevertrieder an de Comité d'école gewielt ginn an och nei Elterevertrieder, déi dann och an Schoulkommissioun sinn, an och e wichtege Partner sinn am Alldag an der Schoulorganisatioun fir effektiv matzeschaffen an och e flotte Projet, deen 2015-16 realiséiert ginn ass, wou mer probéieren dee Projet pilote vun der Klangpädagogik, deen an der Balzenger Schoul gemaach ginn ass, wou och motivéiert Schoulpersonal zesumme och mam Service Santé scolaire dat op d'Bee gesat hunn, a wou probéiert gëtt, deem e n nohaltege Charakter ze ginn.

En anere Projet, dee probéiert gëtt ëmgesat ze ginn, de Projet vum Pedibus an der Däicher Schoul, och dat kann en interessanten Usatz sinn, wou d'Eltere mat der Ideeë komm sinn. Do gëllt et, ze kucke wéi een esou e Projet kann ausschaffen deen iwwert d'Eltere lafen soll, an op dat eng Demande ass vun den Elteren déi mat wëlle maachen, dass en iwwert d'Eltere leeft, och wann hir Kanner vläit net méi an der Schoul sinn.

De Komenius-Projet, do gëtt et méi schwiereg fir dat ëmzesetze well esou europäesch Projete sécherlech eng Plus-value si fir eng Schoulcommunautéit, leider awer och ganz vill administrativ Aarbecht dohanner ass, an dee Projet och vun den Enseignantë muss gedroe ginn.

Et gëtt e jo esouwuel am Fondamental wéi och am Lycée, do hu mer iwwert déi lescht Jore ganz flott Erfahrunge gemaach an do sinn och Kontakter opgebaut ginn.

Déi kann ee sécherlech oprecht erhalen, mä dann éischter informell iwwert Kontakter esou, mä am Kader vun engem europäesche Projet war keen do fir d'Relève fir esou ee Projet ze iwwerhuelen oder nei ze ficeléieren.

Wat nach natierlech elo nach net prett ass, mä wou mer dru schaffe fir d'Rentrée, ass eise Schoulbued, dee mer schonns laang hunn, deen en intensiven Abléck an d'Schoulorganisatioun, de Fonctionnement an d'Infrastrukture gëtt.

Dat war e bëssen den Ausbléck, deen ech wollt ginn an d'Schoulorganisatioun. Keng gréisser Variatiounen, eng ganz Rei Initiativen déi weider gefouert ginn, nei Initiativen, déi kommen, dobäi awer och Prozeduren, déi ofgeschloss sinn um Niveau vum reglementaresche Plang wat d'Extensioun vun der Schoul Gaffelt ugeet.

Mir hunn dat jo och am Gemengerot gestëmmt, och déi Prozedur ass fäerdeg, dass elo d'Optreeg kënne verdeelt ginn.

Et ass e ganz groussen Atout, dee mir hei zu Diddeleng hunn, um Niveau vun der Schoulorganisatioun, dass mir e Service Enseignement hunn an dat mierke mer all Dag, wa Remplacementer musse kommen an eisen Schoulen. Dann ass et wichteg, eng Persoun am Gebai ze hunn, op der Plaz, déi dat kann organiséieren.

Dat ass bei enger ganzer Rei Gemengen net de Fall, do gëtt dat méi zentral organiséiert, mir hunn hei déi grouss Chance, dat dezentral kënnen ze maachen an de lokale Gegebenheete kënne Rechnung ze droen. Dat ass eng Plus-value, sou dass mer mat eiser Schoulorganisatioun, déi virun allem niewent der Approbatioun, déi de Gemengerot hei gëtt, virun allem dat engagéiert Léierpersonal ausmécht, zesumme mat de Kanner, déi eis Schoulen ausmaachen, gutt opgestallt si fir dat nächst Schouljoer an Ugrëff ze huelen.

Dat war mol den Abléck, deen ech an dës Schoulorganisatioun wollt ginn an dee wäert sech nach kompletéiere mat den Diskussiounen déi am Gemengerot wäerte stattfannen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir hutt e Rundumschlag gemaach vun allem wat am Rapport steet, ech wëll awer och am Numm vun der CSV dem Erni Ferrari a senger Équipe Merci soe fir déi komplett Opstellung vun der provisorescher Schoulorganisatioun.

Si ass wéi all Joer explizit, transparent, einfach gutt, mir sinn dofir a mir begréissen, dass mir se dës Kéier alleng op elektroneschem Wee zougeschéckt kritt hunn, well ech hu gesinn et waren 160 Säiten, wa mer déi erëm hätte missen ausdrécken, d'Beem si frou a mer spueren och nach Suen.

Wéi all Joer ass d'Diskussioun iwwert d'Schoulorganisatioun och d'Geleeënheet fir de Point ze maachen, wou si mer drun, wéi ass eis Schoulpolitik





an eiser Gemeng, mä och fir en Ausbléck ze ginn no vir - wou gi mer hin, wéi eng nei Challengen hu mer a wat kann een nach verbesseren - an als CSV wëll ech wéi all déi Jore virdrun ënnersträichen, dass mer 100% hannert deem Konzept vun de Quartiersschoule stinn.

D'Kanner sollen no bei der Schoul wunnen, si sollen ze Fouss an d'Schoul kënne goen, an och wa méiglech an hirem Quartier an eng Maison-relais kënne goen an doduerch och eng Verbonnenheet mat hirem Quartier behalen.

Dass dat net ëmmer einfach ass fir d'Schoulpersonal an de Quartiersschoulen, dat wësse mer, dat wëssen si och an et ass wéi den Här Buergermeeschter sot, et ass en Challenge fir och op déi Diversitéit vun der Populatioun anzegoen.

Mir hate Rieds gehat vun de Kanner, déi lëtzebuergesch schwätzen, vun deenen, déi net lëtzebuergesch schwätzen, vun den sozio-ekonomeschen Spezifizitéiten an deene verschiddene Quartieren, dat ass eng Realitéit, an ech fannen, dass eist Léierpersonal dat ëmmer extrem gutt fäerdeg bréngt, dass all Quartiersschoul d'Nues vum deem Quartier och huet.

Dass och d'Projeten déi verschidde Plan de Réussite scolairen ugepasst sinn, op d'Besoinen an op d'Fäegkeeten an op d'Atoute vun deene verschiddenen Schoulen, a mer fannen dat extrem spannend an och ganz flott.

Bis elo waren och alleguerten d'Leit heibannen ëmmer mat dëser Ausriichtung averstanen, dass mer d'Quartiersschoule promovéieren an ech hoffen, dass dat och esou bleift.

Haut ass och d'Geleeënheet fir eisem Schoulpersonal, dem Här Inspekter, eise sechs Schoulpresidenten an och de Comitéen an all den Intervenanten, vum Chargé de cours iwwert d'Relionsjofferen, iwwert Moralsenseignanten, iwwert d'Schoulmeeschteren, hinnen e grousse Merci ze soen.

Vill Gemenge beneiden eis, dass et bei eis esou richteg gutt an onkomplizéiert leeft.

D'Schoulen halen och alleguerten zesummen, well aneescht géif et och net goen.

De Projet vun de Quartiersschoulen, dee steet a fält mat der Zesummenaarbecht ënnert deene sechs Schoulen.

Genee esou wéi och mat de Maisons-relaisen, déi bei eis zu Diddeleng gutt lafen, den Dialog an den Zesummenhalt vun den Intervenanten ass fir sou eng grouss Gemeng wéi Diddeleng net evident an awer extrem wichteg an eng angenehm Realitéit an dofir nach eng Kéier meng Félicitatiounen un alleguerten d'Leit um Terrain, déi probéieren, de Schoulen, de Schüler an och jidderengem et sou gutt wéi méiglech gerecht ze maachen.

Ech kommen zum Thema Kontingent: Zënter 2009 ass eis all Joer virgeschriwwe ginn, 16 Stonnen Encadrement ze reduzéieren.

Well Diddeleng awer wiisst a mir gutt Plans de réussite scolaire hunn an eise Schoulen, kréie mer hei an do puer Stonne bäi, mä et ass net glécklech.

Dass wann d'Besoinen do sinn an och erkannt sinn, mir awer musse mam Kontingent hin an hier fréckele wéi mer dat bescht doraus maachen an och do kënne mer eise Leit um Terrain nees Merci soen.

D'Flexibilitéit vun eise Schoulen an hire gudde Wëlle bréngen et awer all Joer fäerdeg dass mer eng gutt a kohärent Schoulorganisatioun hunn.

Wann si d'Käpp net géifen zesumme strecken alleguerte fir ze kucken, wéi mer déi heiansdo lamentabel Apuisstonnen, déi eis iwwereg bleiwen, fir déi dann esou ze verdeelen, dass wierklech déi Kanner, déi et am meeschte brauchen, och gehollef kréien... Wann si do d'Käpp net géifen zesumme strecken an en uerdentlecht Konzept opbauen, wäre mer schlecht drun, da misst en aneren tranchéieren a wéi dat soll goe kann ech mir net virstellen.

Da wollt ech awer och nach op e puer Punkten agoen, Dir wësst, mäi groussen Dada ass de Précoce.

D'CSV hat ëmmer ënnerstrach, wéi wichteg et ass, dass mer an all Quartier och e Précoce ubidden.

Am Ufank, wéi de Précoce agefouert ginn ass, huet et hei ëmmer geheescht "Oh, et ass jo keng Demande do".

Jo, mer haten och eng schappeg Offer, do konnte mer natierlech keng grouss Demande kreéieren, mä mët-





tlerweil sinn awer 68% vun de Kanner vun 3 Joer, déi an de Précoce ginn, an dat ass eng Erfollegstory, déi extrem gutt ass.

Mir haten et scho virdru gesot an et ass och bekannt, dass de Kontakt mat der Lëtzebuerger Sprooch, de soziale Kontakt mat anere Kanner a virun allem déi kognitiv Entwécklungsförderung extrem wichteg sinn.

Dir wësst, am Ufank hunn eis Gemengeresponsabele geduecht “Oh, dat mat deem Précoce, soll dat dann alt eppes sinn?”

An elo hu mer awer eng gutt Offer an all Quartier an de Succès gëtt eis Recht, a mir, also d’CSV waren déi éischt, och wann herno erëm gesot gëtt, et wier net wouer, déi gesot huet, wéi d’Maisons-relaisen ugefangen hunn opgebaut ze ginn iwwert d’Land “da musse mer och eng Offer hu fir déi kleng Kanner, fir déi an d’Maison-relaisen ze integréieren”. Et huet gedauert, mä mir waren déi éischt Stad am Land, dat ass esou, déi de Précoce-Maison-relais op Lenkeschléi opgeriicht huet.

An och do, zemools elo mat eiser zweeter Maison-relais um Strutzbierg hu mir jo gemierkt, dass dat en enorme Succès huet, an um Ministère hunn se erkannt wéi wichteg dat ass, an do ware mer also ëmmer e bësse Virreider an dat begréisse mer ganz explizit, an dat mécht eis och e bësselche stolz, dass mer dat mat initiéiert hunn an heiansdo e Coup de pouce ginn hunn als CSV, och wann elo erëm jidderee seet, et wier net wouer, mee et war awer esou.

An ech wëll awer dozou och nach soen, mer kéinte menger Meenung no déi 68% nach topen, wa mer géifen effektiv och nach op en anere Wee goen. Mir si jo elo schonns op dee Wee gaangen, dass méi flexibel Zäiten zu Butschebuerg ugebuede ginn. Mä Dir wësst ganz genau, dass de Grupp E, dat ass dee Grupp, wou d’Kanner wierklech genau wéi d’Primärschoulkanner an de Précoce ginn, also méindes de ganzen Dag, mëttwochs, freides de ganzen Dag, an dënschdes an donneschdes just moies, wa mer do nach iergendwéi eng Méiglechkeet hätten, fir deene Kanner e Mëttesdësch unzebidden.

Dat sinn déi Doléancen, déi ech héieren, Dir wësst ech si Kannerdoktesch, ech gesinn all déi kleng Männercher do regelméisseg a wann ech da soen, gees de dann och an de Précoce, da seet d’Mamm “Majo neen, et arrangéiert mech net well et ass kee Mëttesdësch do, ech schaffen hallefdaags, ech komme fréistens um 1 Auer erëm heem op Diddeleng”.

Ech denken, do musse mer nach e klengen Effort maachen.

Dofir och mäin Appel, d’Gaffelter Maisons-relais gëtt jo lo endlech ausgebaut, villäicht bitt sech do eng Méiglechkeet, net onbedengt de ganze Maison-relais-Programm unzebidden, mä wéinstens e Mëttesdësch, dat géing vill Leit arrangéieren, well soss “verléiere” mer d’Kanner erëm un d’Crèchen, well d’Crèchen, déi sprangen dodrop, grad déi privat Crèchen, déi finanziell awer musse kucke fir op hir Käschten ze kommen, fir déi wier et net esou gutt, wa vill Kanner géingen an de Précoce goen, well déi géifen si verléieren. Mä mëttlerweil maachen si et awer esou, dass si esouguer d’Kanner an de Précoce féieren an e Mëttesdësch ubidden.

Ech denken, wa mir dat géifen als Gemeng maachen, géif dat fir vill Leit e finanziellen Avantage bréngen an, virun allem wat och den Atout vum Précoce ass, ass, dass d’Kanner effektiv mat der lëtzebuergescher Sprooch de ganzen Dag konfrontéiert sinn.

An da kommen ech op den Haaptproblem vun eise Kanner hei zu Diddeleng an net nëmmen zu Diddeleng, mä dat ass en nationale Phenomen: Dat ass d’Sproochentwécklung. Am rapport vun der Commission d’Inclusion scolaire (CIS) koum ganz kloer eraus, dass virun allem am Précoce an am Cycle 1, dat ass eis Spillschoul, ëmmer méi Kanner Sproochentwécklungsstéierungen hunn.

Dat heescht net nëmmen, dass se kee Lëtzebuergesch kënne, mä dass se keen Satzbau hunn, dass se och hier nativ, also hir eege Sprooch net kënnen.

Dass se net wëssen, dass e Kaweechelche Kaweechelchen heescht, dat ass jo net schlëmm mä si wëssen och net wéi, dat op hirer Sprooch heescht. Dat heescht, de Kanner feelt et u Sprooch.

Mir wëssen, dass ganz vill Kanner depistéiert ginn, schonns am Précoce an och der Spillschoul, an dass do eis Leit, déi an der CIS sinn, eis Orthophonisten an eis Logopädin extrem fréi kënnen agräifen an dës Sproochentwécklung kënne betreien.

Mä et ass e Fait, dass mer do musse veillant sinn, well wanns de kee Vocabulaire hues, wanns de dech net kanns ausdrécken, ass dat éischtens mol e Problem



wanns de eppes solls léieren an et ass och oft eng Ursaach vun Aggressivitéit bei Kanner.

Wa Kanner sech net kënnen ausdrécken, da kréien se eng ënnerlech Roserei, an dat mécht gaz oft, dass se aggressiv ginn.

Op déi aner Manéier ass et och eng Ursaach vun Depressioune bei Kanner, well wann se sech net ausdrécke kënnen, da schléissen si sech aus an da ginn se oft traureg, also, wéi gesot, d'Sproochendwécklungsförderung ass en extrem wichtege Punkt, an et ass wichteg dass mer do mat Zäiten agräifen.

An et gëtt schonns vill gemaach, mir hunn eis Logopädin, an d'CIS, dat ass eng staatlech Organisatioun, dat ass elo kee kommunale Service, dat ass e regionale Service, deen zu Diddeleng lokaliséiert ass, mä dat si Leit, déi mir zougestane kréien, déi däerfe mat eise Kanner schaffen, déi hunn e ganz flotte Projet, zum Beispill dass se 3-4 Kanner aus dem Précoce an der Spillschoul eraushuelen, an esou e mini Groupe de parole maachen, wou d'Kanner kënne mat hirem Logopäd schwätzen, wou se dann iwwert een Trimester solle fit gemaach ginn. Fofzéng Kanner kréien doriwwer eraus direkt duerch eis Orthophonisten eng Hëllef.

Mir hunn do awer nëmme vum Ministère zwee hallef Posten zougestane kritt, eng Kéier 20 Stonnen an eng Kéier 16 Stonnen, an d'Logopäden an d'Orthophoniste begréissen explizit, dass se och schonn am Précoce kënnen ufänken, mat de Kanner ze schaffen, well do ass d'Gehir, ech soen ëmmer de Kanner hiert Gehir ass wéi en Schwamp, si saugen alles op, an an dem Alter ass d'Opfassverméige vun de Kanner fir d'Sproochverständnis an d'Sproochentwécklung extrem héich.

Den zweete Problem: Apprentissageproblemer, Konzentratiounsproblemer, Verhalensopfällegkeeten, an hei hu mer och 20 Stonnen eng Psychomotricienne a mir vun Diddeleng, mir hunn eng spezialiséiert Léierin, déi eng Formation gemaach huet an do och mathëlleft fir déi Kanner opzefänken.

Mä ech mengen, wann ee kuckt, et sinn awer 154 Dossier, déi d'CIS zu Diddeleng am Ganze betreit. Et gëtt esou gutt gehollef wéi se kënnen an der Équipe multidisciplinaire, mä et geet net duer, an dofir erlaabt mer wéi all Joer der CSV hier Fuerderung nach eng Kéier ze widderhuelen: D'Zuele vun de Leit an d'Témoignage vun de Leit aus der CIS déi gi mer Recht wann ech soen, kommt mir schafen als Gemeng 1 bis 2 wierklech sënnvoll Posten a mir schafen en Orthophonist an e Psychomotoriker, deen an eis Schoule geet.

Mir hunn déi Méiglechkeet, mir kënne Poste schafen, net grad wéi mer wëllen awer esou Poste wiere wichteg Posten, an et ass en enorme Besoin do. An ech denken, eis Kanner géifen Iech danken an och d'Léierpersonal, dat wier eng wichteg Saach.

D'Equipe multidisciplinaire betount nämlech och, dass vill Kanner, déi si net kënnen en charge huelen, déi mussen dann auswäerts goe bei Orthophonisten oder Psychomotoriker, déi am Liberale schaffen.

An ech hat d'Fro gestallt an der Schoulkommissioun d'Fro gestallt, wéivill Kanner dann an de liberale Beräich ginn, do konnt kee mer eng Äntwert ginn, do hu si keng Statistiken, mä ech kann Iech soen, aus menger Praxis, et sinn der vill.

Well all Kand, wat bei den Orthophonist oder e Psychomotoriker geet, muss eng Ordonnance vum Kannerdokter oder vum Dokter hunn, an ech muss Iech och soen, et sinn net alleguerten d'Elteren, déi déi Zäit an d'Suen hu fir an déi Servicer ze goen, well dat kascht och heiansdo, well jee no dem wéi al d'Kanner sinn, iwwerhëlt d'Krankekees déi Saachen net.

Dofir nach eng Kéier mäi waarmen Appel, fir och der sozialer Ongerechtegkeet entgéintzewierken, well et si jo ëmmer déi, déi um Wupp hänken, déi musse mer opfänken a mat no uewe förderen, an dofir sinn dat heiten zwee Posten, en Orthophonist an e Psychomotricien, fir déi ech nach eng Kéier en Appel wëll maachen, dass mer do op de Wee gi fir esou e Posten ze schafen.

Da kommen ech op en anere Punkt, et ass gutt wéi gesot ginn ass, dass eis Schwemm elo op ass, a mer all Kanner elo schwamme kënne schécken, och d'Spillschoulen.

Ech hat virdru just uklénge gelooss, dass d'Doléancë vun de Spillschoulsjofferen, déi net um Strutzbierg schwamme ginn, mä mat deene Klenge mussen an den Hartmann goen, si hu gesot, mat dem Föhne wier et schwiereg, et misst een déi kleng Kanner op en Hocker stelle well soss déi kleng Käppercher net un de Sensor kommen, wat net ganz gënschteg ass.

En plus sinn d'Dieren am Hartmann extrem schwéier,



déi kleng Männercher kréien déi oft net op, da muss ëmmer en Enseignant mat hinnen op d'Toilette goen an do ass dann och en Enkpass do well en zweeten Enseignant mat an d'Schwemm muss goen, oft hire Chargé fir den Appui, well soss ginn se net eens mat deene ville klenge Kanner.

Do muss een sech eng Léisung afale loossen, villäicht de Busbegleedungsservice ze motivéieren, oder Elteren ze motivéiere fir do de Léierinnen ze hëllefe beim un- an ausdoen oder beim Föhnen, well dat do anscheinend e grousse Problem ass.

Da wollt ech awer och nach dorop hiweisen, dass 64,4% vun eise Schoulkanner de Reliounsunterrecht besichen, dat ass jo awer och en Zeechen, dass do nach ëmmer e manifesten Interessi fir dee Cours ass, an et kann ee gespaant sinn, wéi dee geplangte Wäertunterrechtscours dësen Intérêt wäert opfänken an natierlech och den Intérêt vun eisen anere Reliounsgemeinschaften, wéi dat do soll zou engem kohärente Programm opgebaut ginn, do loosse mer eis gären iwwerraschen.

Dann zou de Maisons-relaisen, an de Plans d'encadrement périscolaire, mir begréissen explizit dass dee leidegen Thema Hausaufgaben an enger gudder Zesummenaarbecht zwëschent der Schoul an der Maison-relais organiséiert ass, an dat war wichteg an och gutt esou.

Explizit begréisse mer och, dass d'LASEP nach weider lieft an dass eis Maisons-relaisen dënschdes an donneschdes eng Plaz am Centre Hartmann hunn.

D'Kooperatioun mat der Museksschoul, do hu mer héieren, dass dat um Rullen ass, a mer begréissen explizit all kulturelle Projet, all Schoulfester, déi sëllechen Aktivitéiten, d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maisons-relais.

Ech sot et schonns virdrun, Merci dem Romain Zuang an all senge Leit aus sengem Service an et ass flott, dass mer eng gutt Kooperatioun a Koabitatioun hu vun de Schoulen an de Maisons-relaisen.

Ech weess, a ville Gemengen ass dat scho bal e Krichszoustand, wann ee kuckt, wéi déi Net-Zesummenaarbecht heiansdo ass, déi mir jo Gott sei dank hei net hunn an, wéi gesot, dat ass alleng den Verdéngscht vun de Leit um Terrain.

Och e grousse Merci eisem schoulmedizinesche Service, wou mer och ëmmer nach kënne frou sinn, dass mer e kommunale Service hunn, well ech weess, an deenen anere Gemengen ass dat, wann dat esou zentraliséiert ass, e ganz anonyme Service a mir hunn hei awer e Service, dee ganz no bei de Leit ass, deen och Mataarbechter huet, déi mëttlerweil schonn déi zweet Generatioun vu Schüler betreit an doduerch och d'Famillje gutt kennt, an ech mengen, dat ass en immensen Atout, an deen däerfe mer net opginn.

Ech hoffen och, dass dee personellen Enkpass, deen déi lescht Jore war, opgehuewen ass an dass déi Leit elo voll a ganz an der Équipe kënnen zesumme schaffen.

Och deene Leit e grousse Merci.

Dann zum Thema Pedibus, d'Schoul Däich, den Här Buergermeeschter huet et gesot, do war eng Initiativ vun den Elterevertrieder komm, wat mer och explizit begréissen.

A propos, et wier villäicht interessant ze wëssen, wéi d'Bedeelegung war vun den Eltere bei de Walen, well ech weess, dat ass ëmmer e leidegt Thema. Et sinn ëmmer Leit, déi sech engagéieren, dat ass ganz kloer, mä et ass esou, dass extrem grouss Unzuele vun den Eltere mol net bei d'Wale geet. An dofir, wann een ëmmer propagéiert, dass d'Eltere solle mat agebonne sinn, dat ass absolut wichteg, dat ass jo och kloer an et ass och gutt, dass d'Eltere musse fir de bilan an d'Schoul goe bei de Schoulmeeschter. Mä mir géifen et awer begréissen, dass och do méi Benevolat an Engagement kéim, dat kann een och net forcéieren, mä mir hoffen dass dat sech nach verbessert well do ass nach ganz vill Loft no uewen.

Wéi gesot, déi Eltere vum Däich haten e Sondage gemaach an anscheinend 30 Kanner wiere bereet, mat deem Pedibus matzeschaffen, an do war meng Fro: Do huet et geheescht et géif eng Visite des lieux gemaach ginn an eng Entrevue stattfannen, wéi wäit ass dee Projet dann elo schonns gedien?

Mir hu jo och eis Schoulen extra an de Quartiere behalen, an ech denken, dass de Pedibus och eng gutt Alternativ ass fir dass d'Kanner mol erëm kënnen ze Fouss bei d'Schoul goen, an dass net ëmmer dee Stau ass virun den Schoulen, wann d'Eltere mam Auto bei d'Schoul fueren an hir Kanner do eraus loossen.





D'CSV hat jo och schonns d'Propose vum Pedibus gemaach an et ass och nach eng aner Propose, déi ech schonns emol gemaach hunn: Wa mer dat net duerch kréien, well mer Problemer hu fir eng Begleetpersoun ze fannen, da kéint een awer op de Wee goe wéi Ettelbréck oder mëttlerweil Kayl, déi e Signalement um Buedem hu fir e sécher Schoulwee. Do ginn dann och esou Points de rencontre gemaach, wou d'Kanner aus deene verschiddene Stroossen sech kënnen treffen a vun do aus zesummen an d'Schoul goen.

Mir wëlle schliisslech, dass eis Kanner méi wibbelen, mer wëllen, dass bei eise Schoule manner Trafik ass.

Also nach eng Kéier en Appel, entweder promovéiere mer de Pedibus oder wéinstens en Signalement fir e sécher Schoulwee, wou villäicht och nach muss en Zebrasträifen iergendwou nogebessert ginn oder Luuchten ageféiert ginn, ech denken dat wier awer sécher net sou opwenneg mä absolut machbar.

Dann ass nach eng Fro, wou mer elo guer net an den Detail gaange sinn, wéi ass et mat eiser Klass fir eis Demandeurs de protection internationale (DPI)?

Mir hate 7 Kanner am Cycle 1, 14 Kanner am Cycle 2-4, et wier einfach mol villäicht interessant och fir d'Leit dobaussen, wéi hunn déi Kanner sech agelieft? Wéi ass de Kontakt mat den Elteren? Wéi geet et d'nächst Joer weider? Hu mer nach weider Kanner kritt, déi mer an eis Klasse mussen integréieren? An et huet jo am Ufank och geheescht, dass een eventuell och muss kucken, ob eng Demande do wier fir déi Kanner dënschdes an donneschdes an d'Maison-relais mat eranzehuelen, fir dass se nach méi Kontakt, villäicht och en ausserschoulesche Kontakt mat eise Schüler kréien, fir och d'lëtzebuergesch Sprooch ze promovéieren.

Also meng Fro: Wéi hunn se sech agelieft? Ginn se op franséisch enseignéiert. Wéi leeft den Schoulsystem?

Et wier flott do e klengen Detail ze kréien.

Dann, doriwwer hunn ech nach guer näischt héiere vun eisem Buergermeeschter, wéi ass et mat eisem Projet Bildungshaus Lenkeschléi, haut an hei wier et jo awer wuel ubruecht och mol do de Point ze maachen.

Wou ass de Projet éducatif drun?

Wéi gesäit et mat der Planung vum Gebai aus?

Mengt Dir, mir wieren an der Zäit fir mat Zäite mat dëser Schoul unzefänken, well déi éischt Haiser huele Konturen un?

An dann, wann Schoul Lenkeschléi nach net sollt fäerdeg si wann d'Leit do wunnen, wou gi mer déi Kanner an d'Schoul?

Hu mer nach Sputt an eise Gebaier?

Summa summarum, d'CSV ass averstane mat dëser Schoulorganisatioun 2016-2017 an d'CSV fuerdert de Schäfferot awer explizit op, den Dossier Lenkeschléi mat Rigueur a Vigueur virun ze dreiwen a mir fuerderen och nach eng Kéier op, Poste fir en Orthophonist an en Psychomotoriker, déi dringend gebraucht ginn, ze schafen. Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Villes ass scho gesot ginn, d'Akzenter, déi gesat si ginn, déi wäerten sech bei mer och net esou wesentlech änneren. Ech denken, dat ass jo och e gutt Zeechen, dat ass dann éischter esou, dass mer eis an eiser Aschätzung eens sinn an dass mer da kënnen zesummen an déi nämmlecht Richtung goen.

Wéi d'Madame Kayser sinn ech och der Meenung, dass d'Rahmebedingungen hei zu Diddeleng eigentlech relativ gutt si fir dass den Schoulbetrib gutt ka funktionéieren. Ech widderhuelen och elo net alleguerten déi Zuelen.

Positiv ass, dass et keng gréisser Problemer ginn, d'Schülerzuele, ofgesi vum Précoce, ginn souguer e bëssen zeréck, wat eigentlech erstaunlech ass, vu dass d'Bevëlkerung kontinuéierlech wiisst.

Positiv dorun ass, dass mer keng Enkpäss hunn, wat d'Raimlechkeeten ubelaangt a fir d'Zukunft ass et wichteg, dass am neie Quartier Lenkeschléi gekuckt gëtt, op wéi e Wee d'Schoul wëll goen, well dat huet jo och Auswierkungen op d'Gebai, well et ass wichteg, dass d'Gebai rechtzäiteg fäerdeg ass.

An ech denken, dass mer dorop herno nach eng Äntwert kréien.

Wat de Précoce ubelaangt, huet eis Gemeng eng Vilfalt vun Angeboter, Plagë mat véier halwer Deeg, eng Plage, déi identesch ass mat der normaler Schoulzäit



an da jo och dat koordinéiert Angebot vu Précoce a Maison-relais.

D'Nofro variéiert awer vu Joer zu Joer fir déi verschidde Modeller, wéi mer kënne feststellen, sou dass et och schwéier ass, viraus ze plangen, well d'Bedierfnisser net esou kloer sinn, mä insgesamt schéngt eng Koppelung vu Précoce a Maisons-relais an eisen Aen en zukunftsweisende Modell ze sinn, well en de Bedierfnisser vun de beruffstätege Leit entgéint kënnt.

Anersäits menge mer awer och, dass et néideg ass fir de Kanner an der Mëttesstonn d'Kantin zougänglech ze man, well dat kéint de Prozentsaz vun de Kanner erhéijen, grad vun denen, déi et néideg hunn an de précoce ze goen, fir dass och si kënne besser Méiglechkeete kréien, wat d'Erléiere vun der lëtzebuergescher Sprooch ubelaangt.

Wat elo d'Zuele vun de lëtzebuergeschen an den netlëtzebuergesche Schüler ugeet, ass interessant festzestellen, dass do d'Zuel vun den Net-Lëtzebuerger, net nëmmen bei de Portugise wiisst, mä dass déi aner Nationalitéiten och ëmmer méi zouhuelen.

Insgesamt hu mer jo am Précoce e Prozentsaz vu 44,4% vun Net-Lëtzebuerger Kanner, am Préscolaire 45,1% an am Primaire 48,2%, an dëse Prozentsaz geet kontinuéierlech an d'Luucht, landeswäit, an déi gréissten Erausfuerderung ass ganz sécher, mat der grousser Heterogenitéit an de Klassen eens ze ginn, an dofir ze suergen, dass all Schüler a Schülerinne gefördert ginn.

D'Tableauxen iwwert Zesummesetzung vun der Schoulbevëlkerung an de verschiddenen Quartiere weisen, dass an der Regel bei den auslännesche Kanner d'Portugise wuel nach dee gréissten Deel ausmaachen, awer vill aner Nationalitéiten dobäi kommen.

An der Gaffelt zum Beispill, do ass et ganz flagrant, do hu mer 135 lëtzebuergesch Kanner, 128 portugisesch Kanner a 86 aner net-lëtzebuergesch Kanner vu 25 verschidden Nationalitéiten.

Do kann een sech awer froen, wéi kann een deem gerecht ginn als Enseignant, mat Unterrechtsmaterial, dat op lëtzebuergesch Schüler a Schülerinnen zougeschnidden ass?

An och wann d'Gemeng net dofir zoustänneg ass, denken ech, si mir awer do gefuerdert well do sinn eis gréissten Erausfuerderungen am Schoulsystem.

Wichteg ass, dass bei der Verdeelung vun de Schoulstonnen, déi eis zur Verfügung stinn, d'Opdeelung esou ass, dass déi Schoulen, déi am meeschte gefuerdert sinn och déi meeschten Appuisstonnen zougestane kréien.

Den Indice social bezitt sech jo op d'Stad insgesamt an net op d'Quartieren an den Här Ferrari huet do versëchert, dass dës Opdeelung vun dem Inspekter am Konsens mat de PresidentInne vun de Schoulen, déi hir Fuerderungen abréngen, geholl gëtt an dass de Problemer um Terrain Rechnung gedroe gëtt, dat ass jo mol ganz positiv.

Et kann een awer dovunner ausgoen, dass a verschiddene Gebaier méi Ënnerstëtzung gebraucht gëtt.

Ganz sécher kënnen déi Problemer net duerch en einfacht Erofsetze vun de Klasseneffektiver geléist ginn. Et geet éischter dorëm fir ugepasste pädagogesch Ënnerstëtzung, vu Fachleit beispillsweis, geziilte Weiderbildungsméiglechkeeten an eng gutt Zesummenaarbecht mat de KollegInnen an der Schoul zur Verfügung ze hunn.

An der aktueller Situatioun muss d'Léierpersonal selwer experimentéieren, well si kennen d'Situatioun um Terrain eigentlech am beschten an déi variéiert vu Schoul zu Schoul, sou dass eigentlech keen hinne ka vu virera soen, wéi ze schaffen ass.

Zu Diddeleng schéngt den Däich déi Schoul ze sinn, déi probéiert nei Weeër ze goen, ënnert anerem hunn si e Wee fonnt fir d'Klasseneffektiver besser auszegläichen an zwar doduerch, dass Schüler a Schülerinnen aus zwee Joergäng, also engem Cycle, an därselwechter Klass sinn.

D'Fro stellt sech firwat déi aner Schoulen dës Méiglechkeet, déi jo duerch d'Andeelung an Cyclen op der Hand läit, net ergräifen?

Ech kommen op eise Virschlag vum leschte Joer zeréck, fir dësen Aspekt mol an der Schoulkommissioun op den Ordre du jour ze setzen, fir dass d'Enseignante vum Däich hir Aarbecht an hir Resultater kënne presentéieren an dass mir uschléissend kënnen doriwwer diskutéieren.

E weidere Problem, deen ech nach wollt opwäerfen,



an deen och schonns vun der Madame Kayser an de Vierdergrond gestalt ginn ass, ass eben de Bericht vun der Kommissioun vun der Inclusion scolaire, déi drop higewisen huet, dass am Précoce an am éischte Cycle Kanner mat Sproochentwécklungsproblemer leider ëmmer méi zouhuelen.

Et ass schwiereg a laangwiereg, déi Stéierungen ze behandelen, an déi Behandlung ass net fir jiddereen zougänglech, an dofir wier et jo eigentlech wichteg fir präventiv virzegoen.

Ech weess elo net awéifern dat genau méiglech ass, mä kéint et net esou sinn, wa Fachleit aus der Kommissioun mol Informatioune kéinte ginn, wat d'Viraussetzunge fir eng gutt Sproochentwécklung sinn, wéi eng Feeler ee muss vermeiden an op wat och d'Elteren doheem mussen oppassen.

Zesumme mat de Responsabele vu Baby plus, dem Personal aus de Maison- relaisen, déi jo all Kontakt zu den Elteren hunn, kéint villäicht d'Eltereschoul, ënnerstëtzt vun der Gemeng, hei eng Initiativ ergräife fir eng Präventiounsaarbecht ze maachen.

Ech sinn e Laien, ech ënnerschätze villäicht déi Schwieregkeeten, mä Dir hutt och villäicht nach besser Virschléi, mä wichteg ass, dass méiglechst fréi eng Elterenaarbecht stattfënnt, fir dass verschidde Feelentwécklunge vermidde gi vun Ufank un.

Dat ass sécher net einfach, mä villäicht kéint Diddeleng e Pilotprojet starten.

Mir si jo soss iwwerall Virreider, firwat dann net och emol an dësem Beräich?

Zum Schluss wollt ech op de Plan d'encadrement périscolaire agoen.

Et ass wierklech wichteg, dass de Ministère op dee Wee gaangen ass an d'Gemengen elo musse mat zéien.

Mir si jiddwerfalls frou, dass d'Kanner aus der Maison-relais no an no d'Méiglechkeet kréie fir vun de sportlechen a kulturellen Angeboter ze profitéieren, wat virdrun net de Fall war.

Mir hunn - et si jo ëmmer Leit, déi hir besonnesch Mériten ervirsträichen, also maachen ech dat och emol - mir hunn eis scho laang dofir agesat, schonns éier de Ministère op dee Wee gaangen ass.

Mir hunn eis ouni Succès dofir agesat.

Eng Léier, déi een doraus kann zéien: Wa genuch Drock gemaach gëtt, da ginn op emol Saache méiglech, déi soss eigentlech vu vireran ausgeschloss waren. Ech denken, dat heiten ass esou ee Fall.

Besonnesch freeë mir eis elo, dass eng Zesummenaarbecht mat der Museksschoul besteet an dass an de Maison-relais Course fir den Éveil musical ugeboude ginn an déi Zesummenaarbecht soll jo nach ausgebaut ginn, dat heescht d'Kanner vum Cycle 2 an 3 kënne sech an d'Museksschoul aschreiwen a ginn esouguer mam Gemengebus dohi gefouert. Wien hätt dat geduecht? Bon, et ass awer flott.

Positiv fanne mer och, dass eng Künstlerin a verschidde Maisons-relaise geet fir mat de Kanner ze schaffen, an dann hoffe mer och nach, dass e puer Offere vu Veräiner dobäi kommen.

Net ze ënnerschätzen ass d'Zesummenaarbecht vum Schoulpersonal a vum Personal vun der Maison-relais, déi kënnt de Kanner ganz kloer zegutt an do lafe vill gemeinsam Initiativen an do schéngt d'Zesummenaarbecht vun deene zwou Gruppen hei zu Diddeleng besonnesch gutt ze funktionéieren.

Also e Merci un all déi Leit, déi sech schoulesch an ausserschoulesch ëm d'Kanner këmmeren, an natierlech och un eise Schoulservice, besonnesch un den Här Ferrari, deen ëmmer uspriechbar ass a fir Informatiounen an Erklärungen zur Verfügung steet.

Da wollt ech genau nach eng Kéier op déi Punkten Äntwerten hunn, déi d'Madame Kayser schonns ugeschwat huet.

Dat ass engersäits de Pedibus. Also, fir d'éischt fannen ech et emol flott, dass esou eng Initiativ entstanen ass am Quartier Däich a flott ass och, dass et nach Leit ginn, déi sech net vu Schwieregkeeten ofschrecke loossen.

A genau esou wéi d'Madame Kayser et schonns gesot huet, wollt ech och gär wëssen, wéi dee Projet evoluéiert mëttlerweil a genau och wollt ech nach wëssen, wéi d'schoulesch Prise en charge vun de Kanner vun



den Demandeurs d'asyle sech entwéckelt huet.

Dat zum Ofschloss an da soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Joseph Thill (Déi Lénk): Vir d'éischt wëll ech mech de Gléckwënsch vun der Madame Kayser fir dat sämtlecht Personal vum Schoulservice uschléissen. Ech géif wahrscheinlech Leit vergiessen, dofir schléissen ech mech einfach un. Ouni motivéiert Personal kann et net goen an dat ass immens wichteg fir datt dat Ganzt funktionéiert.

Och e Merci un den Här Erni Ferrari an un de Schoulservice, engersäits fir hiren Asaz am Beräich vun der Organisatioun an anerersäits fir déi detailléiert Dokumentatioun an Informatiounen, déi si eis ëmmer zoukomme gelooss hunn.

Wann ech dierf e klengt Bedaueren ausspriechen, dann ass et, datt net all Partei an der Schoulkommissioun vertrueden ass.

Well ech mech awer wollt sérieux virbereeden, sinn ech da bei den Här Erni Ferrari Renseignementer froe gaangen. Ech hunn déi och ganz gutt a ganz komplett kritt, mä et ass e bësse schuet, dass den Här Ferrari dann dat, wat an der Schoulkommissioun souwisou erzielt gëtt, nach eng Kéier muss erzielen. Et wier einfach méi efficace wann all Partei an der Schoulkommissioun kéint vertruede sinn.

Ech kommen da schonns bei meng Conclusioun, ech kommen awer och nach op aner Punkten.

Als Déi Lénk si mer mat der Schoulorganisatioun hei zu Diddeleng, also deene Saachen, déi an Diddelenger Hand leien, zimlech zefridden. Mer fannen, déi Schoulorganisatioun funktionéiert gutt a mer stëmmen da selbstverständlech och dofir.

Dat wat hei um Niveau vum Précoce, vun de Maisonrelais a vum Fondamental geschafft gëtt, gesi mer duerchaus positiv, wann och déi eng oder aner Saache kéinten nach besser gemaach ginn.

Op eenzel kleng Punkte kommen ech dann och nach eng Kéier zum Schluss vu menger Interventioun zeréck.

Wou mer als Partei awer e gréissere Problem domat hunn, dat ass den nationale Kader, nämlech de Stonnekontigent, dee mer als Gemeng gesat kréien.

Dofir hunn ech jo och eng Motioun agereecht an ech wëll dann an deem Kontext hei e puer Sätz dozou soen. Ech géif dat gären illustréieren eigentlech mat enger ganz gudder Bande dessinée, déi eis Diddelenger Gemeng kaf huet, iwwert den Albert Camus, déi ech jidderengem nëmme ka recommandéieren.

Den Albert Camus huet fir Literatur viru 60 Joer den Nobelpräis kritt. E war an enger Famill, aarm wéi eng Kierchemaus, säi Papp ass wéi de Jong e Joer hat, am éischte Weltkrich, gestuerwen. Seng Mamm huet en also alleng missen erzéien. En hätt eigentlech och kënne Profi-Fussballer ginn, wat vill Leit net wëssen, bis e mat 20 Joer eng Tuberkulos entwéckelt huet an et domat mat der sportlecher Carrière eriwwer war.

Nëmme fir d'Situatioun vun der Famille ze illustréieren, de Camus schreift selwer an engem vun senge Wierker, e wier Goalkeep gi well en sech geduecht hätt, datt wann en am Goal stéing, do manner Fussballsschong géif ofnotze wéi wann en dann do am Feld géing lafen.

An e konnt da seng international literaresch Carrière nëmmen duerchzéie well e Schoulmeeschteren hat, déi e gefördert hunn, engersäits, an anerersäits e Monni hat, dee Metzler war, deen him de Lycée konnt bezuelen.

Domat wëll ech soen, wann déi Chance déi en do krut net bestanen hätt, da wier do en immenst Potential der Welt verluer gaangen.

An dat ass eigentlech, wat ech hei wëll ënnersträichen: Et dierf net esou sinn, dass den Erfolleg an d'Entwécklung vu Potential vun esou Saache wéi Chance oder engem héijen Akommes vu Familljememberen ofhänken, mä all Kand muss eng fair Chance kréien.

An dofir ass et dann, well d'Kanner d'Zukunft vun eisem Land sinn, och immens wichteg, dass vun Ufank un an e gudde Précoce investéiert gëtt an an eng gutt Schoul, an zwar an déi ëffentlech Schoul.

Ech muss dozou soen, dass ech éierlech fannen, dass et schonn eng formidabel Leeschtung vun der Diddelenger Schoul an och vun deenen anere Schoulen ass, Kanner vu 50 verschiddenen Nationalitéiten harmonesch an den Alldagsbetrib ze integréieren. Also, wat d'Schoulen do leeschte fir d'Lëtzebuerger Gesell-





schaft insgesamt, dat ass scho formidabel.

Mä wéi d'Madame Kutten et och scho gesot huet, wann een hei am Fondamental kuckt, dann hu mer fir de Moment zu Diddeleng haaptsächlech zwou Nationalitéiten am Fondamental, 47% Lëtzebuerger, 29% Kanner mat portugisescher Nationalitéit, mä déi aner Nationalitéiten huelen zou.

An ënnert anerem, d'Bildungsberichter vun der Uni Lëtzebuerg hu schonns op eng Rei Mëssstänn an eisem Enseignement allgemeng higewisen, nämlech dass d'Kanner mat net-lëtzebuergeschem Sproochenhannergrond alarmant oft redoubléieren, oder an den Allongement ginn, wéi dat elo heescht, an datt am Secondaire classique ënnert anerem portugisesch Kanner a Kanner vun aneren Nationalitéiten nach extrem staark ënnerrepresentéiert sinn, an déi Situatioun dierf een einfach net esou hin huelen, well si féiert bei deene Kanner, déi Potential hunn, an dann un der Sprooch scheiteren, zu Frustratioun an Decouragement an op där anerer Säit ass et fir eist Land eng Vergeudung vun engem Potential u Matière grise, a mir hu keng aner Matière première wéi d'Matière grise, déi mer net ausschöpfen an déi eist Land dréngend brauch.

Also muss eist Ziel sinn, bei all Kand dat Potential wat do ass ze förderen an eraus ze huelen.

An da kommen ech op de Slogan, mat deem déi aktuell Regierung ugetrueden ass, déi gesot huet "Mat manner maache mer méi", also manner Geld maache mer méi, dat ass e Slogan, dee klengt flott mä un dee gleewen ech iwwerhaapt net Dat funktionéiert villäicht an een oder zwee Fäll wou Dysfonctionnementer maachen, da kann een déi Dysfonctionnementer behiewen an, effektiv, mat manner méi maachen, mä gewéinlech heescht manner Moyenen einfach, et kënnt manner eraus.

An et ass ganz kloer eng politesch Fro, wéivill Geld datt mer an eis Educatioun wëllen investéieren. An domadder kommen ech da bei dee Kontingent vu Schoulstonnen, deen och schonns vun der Madame Kayser ugeschwat ginn ass.

Et ass e bësse witzeg, wann een dat sou nodréiglech kuckt, wéi d'Madame Ministesch Mady Delvaux-Stehres dat 2010 agefouert huet, do huet den deemolege Buergermeeschter Claude Meisch vun Déifferdeng, hunn ech mer soe gelooss, sech iwwerhaapt net un dee Kontingent gehale well seng Gemeng domat net eens ginn ass a geduecht huet, si bräicht méi Stonnen. Elo zitt deeselwechten Här Meisch als Unterrechtsminister awer dee Kontingent duerch.

An dofir denke mer als Déi Lénk, dass een op d'mannst fir déi nächst dräi Joer dee Réckgang vu Schoulstonne misst stoppen.

Souwuel d'Madame Kayser wéi och d'Madame Kutten hunn dorop higewisen, datt dat awer zou verschiddene Schwieregkeete féiert, wou dann d'Gemeng Diddeleng net responsabel ass, mä d'Problemer sinn do.

An dofir dann och déi Motioun, déi mer ënnert Punkt 6.2 erabréngen, déi ech Iech géif bieden, da mat ze ënnerstëtzen.

Ech denken, d'CSV huet sech eigentlech och fir eng aner Handhabung vum Kontingent ausgeschwat an déi dräi aner grouss Parteien, déi hei am Gemengerot vertruede sinn, déi sëtze jo an der Regierung, also dierft dat kee Problem sinn, dat Reglement do ze änneren.

Ech hätt dann nach just e puer punktuell Remarquen.

Mir als Partei fannen et wichteg, dass de Précoce weider ausgebaut gëtt, an hoffen dass op d'mannst mëttelfristeg d'Problemer an der Gaffelt, wou dëst Joer méi Umeldunge wéi Plaze sinn, och ka geléist ginn.

Mer begréissen ausdrécklech déi Efforten, déi um Däich gemaach gi fir pädagogesch nei Weeër ze goen.

Wat d'Kanner vun den Demandeurs de protection internationale ugeet, huet d'Gemeng beim Ministère de l'Enseignement en zousätzleche Stonnekontingent ugefrot.

Ech weess net, ob deen accordéiert ginn ass oder net, mä dat ass ganz kloer e Punkt, wou mer mengen, dass een zu sengen Demanden, wann se berechtegt sinn, och muss stoen.

Also, wann de Ministère dee Posten net unerkennt, da muss d'Gemeng en aus senger eegener Täsch bezuelen, an selwecht schléisse mer eis der Demande vun der CSV u fir aus deene selwechte Grënn eben och op Gemengekäschten e Psychomotoriker- an en Orthophoniste-Poste weider ze schafen.



Dat wiere meng verschidde Punkte gewiescht. Ech erlabe mir villäicht, well mer bei der Schoul sinn, ze soen, datt ech haut de Mëtteg op der Uni Examen hunn an datt ech leider muss um eng Auer do sinn. Dofir géif ech villäicht froen, datt déi Fro, déi ech un de Schäfferot gestallt hunn, villäicht direkt no der Schoulorganisatioun kéint behandelt ginn. Wann dat net de Fall ass, kucken ech eben d'Äntwert op Internet.

Villmools Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill, den Agenda vum Gemengerot ass opgestallt mä mer wëllen Iech jo net an eng Situation d'échec setzen, wat Är Prioritéiten de Mëtteg ubelaangt. De Gemengerot muss dat souverän decidéieren, ob en deem zoustëmmt. Ass all Mënsch domat d'accord? Gutt, dann huele mer dat virun der Kierchefabrik drun.

Bob Claude (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot.

Wie seet de Fransous: "Les années se suivent et se ressemblent."

Dat bréngt mat sech, dass hei oft quasi dat selwecht widderholl gëtt, wei déi Joere virdrun.

Och dëst Joer diskutéiere mer iwwert déi provisoresch Organisatioun vun eiser Grondschoul.

Dobäi ass deen excellente Rapport vun der Schoulkommissiounssitzung vum 18. Abrëll eng wichteg Ënnerlag.

E grousse Merci geet natierlech un den Erni Ferrari, Auteur vun dësem Rapport.

Beim Opstelle vun enger Schoulorganisatioun geet et haaptsächlech ëm d'Verdeelung vun den ageschriwwene Kanner op déi verschidde Klassen an d'Besetzung vun allen Schoulposte mat Léierpersonal.

Keng einfach Saach, e schwieregen Exercice! Et geet drëm, d'Kanner esou gutt wéi méiglech an déi Schoul déi am nootsten ass oder do, wou och hier Geschwëster schonns higinn, ze schécken, wat eng gutt Saach ass.

Op Wonsch vun den Eltere ginn eng Rei Diddelenger Kanner net do an d'Schoul, wou se wunnen, mä do, wou se bei engem Familljemember oder enger drëtter Persoun versuergt ginn, oder do wou een Elterendeel seng Aarbecht huet.

No deem Prinzip kënnen och laut deem neien Schoulgesetz Kanner aus anere Gemengen op Diddeleng an d'Schoul kommen an ëmgedréint.

Och wann d'Schoulressorten an d'Modalitéite vun der Aschoulung fest definéiert gi sinn, soll een sech an Ausnamefäll zum Wuel vum Kand all Méiglechkeeten opstoe loossen.

Wann ee bedenkt, dass dee sougenannte Kontingent muss agehale ginn, ass et schonns erstaunlech, dass et erëm eng Kéier gelongen ass, uerdentlech Klasseneffektiver vum Préscolaire a Primaire mat enger Moyenne générale vu 16 Kanner ze realiséieren.

Fir déi éischte Kéier säit ech mech erënnere kann, geet d'Schülerzuel an domat d'Klassenzuel liicht erof.

Wann d'Prognose stëmmen, kënne mir fir e puer Joer mat enger berouegenden Situatioun rechnen. Trotzdem musse mer bedenken, datt mat där enger oder anerer Ausnam a kengem Schoulgebai vun Diddeleng eidel Schoulsäll zur Verfügung stinn.

Besonnesch am Zentrum vun Diddeleng kéint d'Kannerzuel klammen.

Ech widderhuele mech. Och mam Bau vun där neier Schoul Lenkeschléi ëm 2018 wéinst där isoléierter Lag keng Wonner ze erwaarde sinn.

Et ass ëmmer interessant, op verschidde Statistiken ze kucken.

D'Gesamtverhältnis Lëtzebuerger, Net-Lëtzebuerger ass 52,5% op 47,5%, bei de Lëtzebuerger hu 35% déi duebel Nationalitéit.

Et ass erfreelech, datt et an all eise Schoulen e gutt Zesummeliewe vu Kanner aus 45 verschiddden Nationalitéite gëtt.

All bewunnbare Kontinent ausser dem australeschen ass vertrueden.

Wichteg well batter néideg bleiwen déi verschidden



Hëllefsmoossnamen, d'Zuel vun den Appuisstonnen ass vun 390 op 459 geklommen.

Et sinn déi sechs Schoulpresidenten, déi no Ofsprooch mat hire respektive Schoulkomiteeën dës Apuisstonnen dohinner verdeelt hunn, wou se am meeschte gebraucht ginn.

D'Zuel vun de Stonnen hors Kontingent fir d'Cours d'appui bleift op 69. Dës Kanner, déi sougenannte Pré-arrivants, dëst Joer sinn et der 35, sinn an normale Klassen ageschriwwen a ginn op der Plaz vun dräi Enseignanten ënnerstëtzt.

Eng weider Hëllefstellung kënnt vun der Équipe multi-professionelle, mat 2 Psychologen, 2 Pädagogen, 2 Orthophonisten, 2 Psychomotriciennen, 2 Logopädiesprofesseren an 3 Léierpersounen, déi sech ëm Schüler mat spezifesche Bedierfnisser bekëmmeren.

Och fir d'nächst Schouljoer kritt d'Schoul Brill en supplementare Léierposte fir d'Ëmsetzung vum Plan de Réussite scolaire. Dono ass et awer domat eriwwer, ass dat richteg? Den Här Ferrari wäert mir dat da soen.

Et sinn elo 19 Stonne Cours d'intégration virgesinn. Siwen Éducatricen si Partner vun de Léierinnen am Précoce.

Fir d'Ersetze vum Léierpersonal, dat vum Schouldéngscht assuréiert gëtt, stinn och dëst Joer 138 Stonnen zur Verfügung. 172 Stonne garantéieren déi 35,6% vun de Schüler d'Coursen an der Éducation morale et sociale.

D'Klass vun den DPI-Kanner funktionéiert weider um Strutzbierg. Et wier villäicht interessant fir um Enn vun dësem Schouljoer en éischte Bilan vun dëser Experienz ze zéien.

D'Schoulkanner an hiert Léierpersonal kënnen op déi materiell a logistesch Ënnerstëtzung vun eise Gemengenservicer zielen an un den Initiative vun de Gemengenservicer oder Kommissioune partizipéieren.

Begréissenswäert ass och, dass versicht gëtt fir datt d'Spillschoulskanner all zweet Woch schwamme kënne goen, bis elo war dat nëmmen all drëtt Woch. Eng wichteg Roll am Allgemenge spillt weiderhin an eisen Schoulen den Här Inspekter Marco Suman. Hien ass eng sympathesch Persoun, déi gutt mam Personal eens gëtt, an dat ass eng Saach déi ganz wichteg ass.

An den Annexe vum Dokument vun der Schoulorganisatioun fënnt een dee sougenannte PIB, grouss Changementer par rapport zum Virjoer ginn et net.

D'Hausaufgabenhëllef funktionéiert fir d'Kanner aus de Maison-relais zesumme mat deenen anere Schüler aus den Cyclen 3 an 4, déi vun den Titulairë gemellt sinn.

D'Collaboratioun mat der LASEP an Art à l'école gëtt weider gefouert, dat selwecht gëllt fir déi aner Associatiounen, déi Sport oder Scoutsaktivitéiten ubidden.

Ervirsträiche soll een och déi enk Collaboratioun mat der regionaler Museksschoul, sou gëtt den Éveil musical an der Maison-relais selwer ugebueden, an d'Maison-relais-Kanner aus de Cyclen 2 an 3 kënnen sech an der Museksschoul aschreiwen. De Schoulbus vun der Gemeng assuréiert den Transport fir déi Kanner.

Interessant ass och, dass d'Maison-relais-Kanner dënschdes an donneschdes mëttes an d'Schwemm vum Centre Sportif Hartmann schwamme kënne goen.

E gemeinsamt Benotze vu Schoulsäll gëtt ugestrieft, dat gëllt besonnesch fir Bibliothéiken, d'Informatikssäll an d'Turnsäll.

Domat sinn ech fäerdeg mat menger Interventioun. D'LSAP-Fraktioun stëmmt dës Schoulorganisatioun.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Ech wollt elo net souvill a laang schwätzen, mä ech well puer Punkte soen. De Bob Claude huet vill iwwert d'Maison-relais geschwat, mer soen elo hei, si gi mat hinne schwammen, dat ass ganz flott, mä si ginn och mat hinne lafen a si maache ganz vill Saache mat hinnen.

Ech muss soen, mer hunn iwwer Joere probéiert, ze assuréieren, dass mer all Kand aus Diddeleng wat misst an d'Maison-relais goen, och ënner Dag ze kréien.

Mer hunn heiansdo mol fir d'éischt d'Plaze geschaf, elo si mer um Punkt wou mer bal genuch Platzen hunn, also wierklech net méi Leit nach op der Waardelëscht hunn, elo kënne mer endlech emol un der Qualitéit schaffen.

Dat ass bei allem esou, beim Iessen, Museksschoul,




Schwammen, Turnen, Molen, alles dat kënne mer elo wierklech maache well mer net andauernd ënnert deem Drock stinn, mir musse schafen, mir musse schafen. Mer sinn elo op engem gudde Punkt ukomm.

Eppes anescht wat ech wollt soen, dat war d'Eltereschoul, d'Madame Kutten huet dat gesot. Do wëll ech soen, Eltereschoul jo, mär hunn eng gutt Zesummenaarbecht mat hinnen, mä dat sinn awer eigentlech ëmmer nëmme Workshops oder Konferenzen, dat heescht, do ass et net sou, dass déi all Woch eemol an eng Schoul era ginn. Dat sinn ëmmer nëmme geziilt Konferenzen, wou een zwar mol ka beim Schoulfest oder sou eng Opklärungsaarbecht oder sou ka maachen, mä do misst ee vill méi intensiv dann awer och schonns dat maachen, an ech mengen, mer hunn nëmmen e puer Partner de Moment, mer probéieren ëmmer méi der ze kréien, mä dat ass net sou einfach.

Dann, de Pedibus, dat ass e grousst Thema hei, mir schaffen och selwer schonns laang un deem Pedibus. Mer sinn ëmmer hänke bliwwen un der Sécherheet an un allméiglече Saachen, ech muss awer elo éierlech soen, um Däich ass eng Initiativ entstanen, déi ech enorm fannen.

Och déi Elteren, déi hunn en Dossier ausgeschafft, mir waren dohinner, deen ass enorm, si hunn d'Weeër agezeechent, si hu sech Gedanke gemaach, wéivill mol e soll goen, si hu Benevolle gesicht a si sinn einfach mat deene Saachen un d'Gemeng erugetrueden, den Här Buergermeeschter an ech waren do, d'Brit Schlussnuss konnt leider net dobäi sinn, einfach well si verhënnert war, mä an deem Volet spillt d'Sécherheet ganz vill mat.

Si sinn amgaangen, dat ze kucken, elo musse mer déi verschidde Partner un den Dësch kréien, si wëllen dat wierklech maachen an et ass eng flott Initiativ.

An et huet ee Benevollen, déi dat dote wëlle matdroen.

Also vu reng soen, elo mécht d'Gemeng dat, da stelle mer erëm Personal an, an da si mer wierklech op engem Punkt, wou mer soen, jo wie passt dann op déi Kanner op, während deen aneren se siche geet?

An einfach hei déi gutt Zesummenaarbecht, déi erméiglecht dat.

Et dauert natierlech, si wëllen dat ab der Rentrée probéieren.

Ech mengen, dat ass eng gutt Initiativ, awer do spillen all d'Mesuren, d'Sécherheet, d'Elteren, d'Maisonrelais a da wéi gesot, et wier en éischte Schratt an déi richteg Richtung, an da kann ee geziilt kucken, wéi déi Point de rencontre stinn, ech mengen dat ass net d'Madame Kayser, déi dat erfonnt huet, mir soen dat schonns laang, dass een op e Schoulwee, an do ass och d'Sécherheetskommissioun amgaangen, dass ee muss e Point de rencontre maachen, esou fiktiv Haltestellen, wou d'Kanner zesumme kënne goen.

Och dat ass zu engem spéiden Zäitpunkt, dat muss een elo eent nom aneren sou kucken, dass dat sou ass wéi dat iwwerall ass.

Fir d'éischt probéiere mer dat ze schaffen an da schaffe mer an der Qualitéit. Merci.

Brit Schlussnuss (LSAP): Ech hale mech ganz kuerz. Et war de "Séchere Schoulwee" ugeschwat ginn, deen hänkt sech do drun un dee ganze Projet Pedibus. Dat heescht, mir probéiere fir d'éischt emol, de Schoulwee, sief et elo Beispill den Daich, méi sécher ze maachen, wéi en de Moment ass.

Dat Ganzt steet a fält natierlech mat der Philosophie vun deem éiwegen "Ech bréngе mäi Kand mam Auto an d'Schoul" wat mer leider Gottes net aus de Käpp kréien.

Mä do schaffe mer och drun an ech hoffen, dass mer effektiv mam Pedibus wéi versprach och hei mam séchere Schoulwee, unhand vun der Schoul Däich fir d'Rentrée en Zeeche kënne setze, dass mer do a Synergie mat eise Gemengenservicer, déi wierklech gutt amgaang sinn, drun ze schaffen, dat hi kréien. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och. An da ginn ech d'Wuert un den Erni Ferrari, deen op e puer Punkten ageet an da maachen ech den Ofschloss.

Erni Ferrari (Chef vum Schouldéngscht): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, Merci fir déi vill léif Wierder fir eise Service.

Ech géif nach soen, dass déi gutt Zesummenaarbecht nëmme klappt well mer mat de Schoulpresidente vun de Schoulkomiteeë gutt eens ginn, do ass eng gutt Ze-





summenaarbecht an och am Bureau regional, wou och den Inspekter Marco Suman sëtzt mat senger Équipe.

Déi Zesummenaarbecht klappt och wonnerbar an dat ass och wichteg fir dass déi ganz Organisatioun och kann optimal klappen.

Och deenen hei e grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Fir elo op déi eenzel Froen zeréckzekommen, d'Madame Kayser hat jo gefrot fir de Précoce-Kanner kënne Still zur Verfügung ze stellen an der Kantin. D'Zuele kennen ech net genee, mä ech weess awer, dass mer jo ëmmer eng Waardeléscht haten an de Kantinne wat d'Kanner vum Cycle 1-4 betrëfft.

Lues a lues ginn déi Waardeléschte jo ofgebaut awer et geet nach net duer fir de Précoce-Kanner och do Still unzebidden.

D'Gaffelt gëtt jo nees ausgebaut, et muss een alt hoffen, dass et dann iergendwann eng Kéier mat all deenen Ausbauaarbechten duergeet fir d'Précoce-Kanner kënne mat eranzehuelen.

Et ass jo elo sou. dass mer déi zwou Klassen am Précoce hunn, déi mat der Maison-relais zesumme fonctionnéieren, do hu mer jo 32 Plazen, déi Plaze ginn och relativ komplett ausgelaascht.

Momentan si mer bei 31 Demanden, mer hätten also elo nach eng Plaz fräi.

Déi Zuelen schwanken dauernd am Laf vum Joer, déi Zuelen sinn also schonns erëm e bëssen anescht wéi dat wat Dir do krut.

Et ass eben all kéiers e bëssen unzepassen.

Wat déi Fro mam Cycle 1 betrëfft, déi schwamme solle goen all 2. Woch, an déi Problemer, déi do am Hartmann solle sinn, dës Woch den Dënschdeg hate mer eng Entrevue mat de Responsabele vun der Piscine, d'Schwammmeeschtere waren do, d'Coordinateure vum Cycle 1 waren do, an och d' Schwammmeeschter vum Cycle 2-4, d'Turnpersonal, wou mer dann déi Problemer beschwat hunn.

Am Hartmann kucken si nach eng Kéier fir déi Problemer mat de Föhnen ze behiewen.

De Problem mat den Dieren ass eben, dat si Sécherheetsdieren, wéinst der Feierséecherheet, an do hunn se gesot, dass dat elo net esou einfach ze behiewen ass. Déi kann een eben net einfach oploossen.

Wat mer awer elo och gesot hunn, a wat och méiglech ass säit déi Beetebuerger Klassen net méi do sinn, eis Schwammmeeschteren hunn an Zukunft méi Zäit fir dann och besonnesch mat de Cycle 1 Klassen och emol an d'Vestiairë matzegoen, deenen ze hëllefen, bei wat och ëmmer.

Dat ass och schonns an der Schoulorganisatioun virgesi säit 2-3 Joer an dann hu mer eis Busbegleeder, déi dann och dee Moment, wann d'Kanner an den Hartmann ginn, se mat bis era begleeden, och do nach e bëssen hëllefen, éier se an d'Waasser ginn. Wann se ofgeholl ginn, kënnen se och erëm hëllefen.

Also, mir probéieren do mat de Schwammeeschteren a mat eisem Buspersonal esou vill wéi méiglech déi Enseignanten ze encadréieren, sou dass se dann och esou man ewéi méiglech aner Personal oder Secouriste musse mat abannen.

Déi Problemer sinn all beschwat ginn a mir hoffen, dass dat dann och klappt.

Wéivill Eltere bei de Walen do waren, mir hunn elo keng Zuelen, dee Procès-verbal hu mer dëst Joer net geschéckt kritt, dee kritt u sech den Inspekter an de Ministère. Ech mengen awer net, dass do dramatesch Ännerungen an de Bedeelegungszuele waren, ech hunn näischt an där Hisiicht héieren.

D'Comitée si besat, et si Leit do awer et ass ëmmer nëmmen esou just duergaange fir déi puer Platzen déi fräi waren, ze besetzen.

Dann e puer Punkten, déi d'Madame Kutten ugeschwat huet, zum Beispill an der Gaffelt, dass do souvill Kanner vun esouvill Nationalitéite sinn.

D'Gemeng bezilt jo d'Material, d'Bicher, d'Computeren, dat ass jo alles nach d'Saach vun der Gemeng fir déi Saachen ze finanzéieren, an niewent deenen offizielle Schoulbicher, déi natierlech och kaf ginn, kënnen awer och d'Enseignante Bichermaterial auswielen, vun deene si denken, datt se wichteg si fir mat de Kanner ze schaffen. Dat heescht do hunn si e bësse fräi Wiel, wann et dann och vum Inspekter accordéiert



ass, sou dass dann d'Gemeng dat Material finanzéiert awer mer zwéngen elo kee Material op wat se elo net onbedengt brauchen. Si huelen och emol Bicher, déi am Ausland benotzt ginn, déi do éischter ugepasst si fir mat auslännesche Kanner ze schaffen. Dat iwwerloosse mer hinne fir dann déi Bicher ze bestellen, dat schéngt jo och ze klappen.

Eis Enseignante ginn trotzdem och nach vum Inspektorat vun sougenannten Institutеurs-ressources ënnerstëtzt, wéi se mat de Kanner solle schaffen.

Wann elo mol Problemklassen do si mat méi Auslänner, do hu mer sougenannten Instituteurs-ressources, déi vum Inspektorat kommen an déi bei dee Cycle, bei dee Schoulmeeschter ginn, déi eng gewëssen Hëllef ufroen, wéi se mat gewësse Kanner oder Klassen sollen a beschte schaffen. Also, déi sinn och do.

Dann hu mer vum Inspektorat och en Enseignant zur Verfügung gestallt kritt hei an Diddeleng, deen sech haaptsächlech ëm déi franséisch Sprooch bekëmmert, wou d'Kanner Problemer mat der franséischer Sprooch hunn.

Um Däich funktionéiert jo wéi gesot och dee Projet mam Saarland, wou eng däitsch Léierin, déi vum Saarland bezuelt gëtt, op den Däich kënnt fir do mat de Kanner an däitscher Sprooch ze schaffen.

An um Däich funktionéiert och de Cours integré de langue portugaise, wou dann och d'portugisesch Ambassad eng Persoun zur Verfügung gestallt huet fir mat de portugisesche Kanner haaptsächlech Fächer wéi Sciences oder sou, wou dann dé noutwenneg Sprooch net do ass, déi däitsch Wierder déi d'Kanner net kennen, fir dass dat ebe méi op portugisesch gemaach gëtt fir dass se dann awer verstinn ëm wat et geet.

D'Integratioun vun den DPI-Kanner, ech mengen dat schéngt gutt ze klappen.

Et ass och fir d'nächst Joer virgesi fir déi Kanner, déi do sinn, d'Klass bleift d'nächst Joer souwisou nach bestoen, dass déi Kanner awer d'nächst Joer lues a lues an déi normal Klassen integréiert ginn, déi do sinn um Strutzbierg, sou wéi si et dann am beschte fannen.

Déi DPI-Kanner, déi mer direkt an eis Cycle 1 Klassen integréiert hunn, dat si momentan 6 Schüler, do ass den Echo vun de Léierinne ganz positiv, si si ganz begeschtert vun deene Kanner, déi schéngen och wierklech sech immens drun ze ginn a maachen och guer keng Problemer.

Also, déi Integratioun schéngt wonnerbar ze klappen.

A vun deenen 6 Kanner, déi momentan am Cycle 1 sinn, bleiwen der 3 d'nächst Joer weiderhin am Cycle 1 an 3 Stéck ginn an de Cycle 2.1 dann, déi dann och an eng ganz normal Klass integréiert ginn.

Mir wäerten och wéi fir d'drëtt Trimester fir d'nächst Joer weider Ressourcë fir déie Kanner beim Ministère ufroen, déi mer och zegutt hunn. Fir dat 3. Trimester hu mer 14 Stonnen zousätzlech kritt an déi wäerte mer dann och fir d'nächst Joer dann ufroen.

Den Här Claude hat ugedeit, dass mer vill Demanden hu vu Kanner, déi aus anere Gemenge wëllen hei an d'Schoul kommen, well se hei Famill hunn oder d'Elteren hei schaffen, wéi och hei an Diddeleng vill Demanden do si fir d'Kanner an en anert Schoulgebai anzeschreiwen.

Dat sinn eng ganz Rei Demanden, déi ginn natierlech ëmmer vun eis gutt nogekuckt, op d'Motiver och stëmmen, a mer froen do och ëmmer den Avis vun de Presidente vun de Schoulkomiteeën, wéi si et gesinn.

Dat heescht, mer ginn net einfach hin a mer schousteren dann de Schoulen nei Schüler bäi ouni dass si Bescheed wëssen an domadder d'accord sinn.

Dann déi Fro vum PRS, deen ass gelaf vun 2014 un a leeft nach weider bis 2017.

De Brill huet do nach eng Kéier 25 Stonnen zousätzlech kritt vum Ministère fir am Cycle 1 eben och d'Sproocheförderung ze ënnerstëtzen.

Dee PRS leeft 2017 aus a gëtt dono duerch de Plan de développement scolaire ersat (PDS ofgekierzt) an et muss ee kucken, wat da vun zousätzleche Ressourcen nach weider zougestane gëtt.

Souwäit ech weess, sollen déi Persounen elo an Zukunft, déi sech ëm dee Plan de développement scolaire këmmeren, sollen och nach Déchargë kréien. Dat wäert dann och net vill sinn, mä et ass alt ëmmerhin dat, dass se e bëssen Déchargë kréie fir sech eben em déi Pläng do ze këmmeren.



Wéi gesot, d'DPI-Klass ass och nach fir d'nächst Joer virgesinn, et muss ee kucken, wéi déi Kanner sech dann an déi normal Klasse lues a lues integréiert kréien.

Ech hoffe wéi ëmmer, dass ech op all déi Froe geäntwert hunn.

Dan Biancalana (Buergermeeschter - LSAP): Merci dem Erni Ferari fir seng Äntwerten an Ausféierungen, et bleift fir mech net méi vill iwwereg wat elo onkloer ass, et goufen schonns eng Rei Äntwerte ginn.

Wat einfach prinzipiell ze begréissen ass, ass, dass iwwert d'Bänken hei eraus eng kloer Ausriichtung vun dëser Schoulorganisatioun begréisst gëtt, an dat ass ganz wichteg.

Wat d'Madame Kayser gesot huet, do ginn ech hier Recht, et ass wichteg, dass d'Kanner - dofir gëtt jo déi Assistentin am Cycle 1 an der portugisescher Sprooch - dass ee seng eege Sproch beherrscht an iwwert seng eege Sprooch, wann een déi beherrscht, och d'Méiglechkeet huet déi däitsch Sprooch besser ze beherrschen, well et och déi Sproch ass, an där een hei zu Lëtzebuerg alphabetiséiert gëtt.

An op dee Wee si mer hei och an der Däicher Schoul gaangen.

Dat ass e wichtegen Aspekt, mä e generelle Cadre de dépistage et de diagnostic am Précoce par rapport och zur Usprooch vu sozialen Ongerechtegkeeten an déi Aarbecht déi d'CIS mécht, an d'Equipe Multi, dat jo am Fong staatlech Servicer sinn.

Wat mer hei kënnen opgräifen a ganz gäre kënne probéieren als Gemeng niewent deem engem Volet, wann ee seet d'Poste kreéieren, vu dass et staatlech Servicer sinn, dass mer higinn a ganz kloer argumentéieren, dass mer méi Stonne brauchen an dass och de Staat eis méi Stonnen zur Verfügung stellt.

Ech géif emol hei proposéieren, dass mer dee Wee aschloen, dass mer och e Courrier schécken un den Éducatiounsministère.

Mer hu jo ganz kloer d'Erfahrungswäerter vun der CIS, vun der Equipe Multi, déi ganz kloer hire Bericht gemaach hunn, an dass mer dat huele fir zousätzlech Stonnen ze froen, fir och déi wichteg Aarbecht, déi se um Terrain maachen an déi de Schoulkanner hei zu Diddeleng ze gutt kënnt, fir déi nach weider ze ënnerstäichen a fir an déi Richtung ze goen, dass se do gestäerkt ginn um Terrain iwwert méi Stonnen.

Ech mengen, dass dat e Wee ass, deen een hei kann zeréck behalen an aschloen an direkt dann de Ministère drop uschwätzen.

Et ass ugesot ginn, d'Elterevertriedung, generell ass d'Partizipatioun mince, sief dat um Niveau vun de Walen, sief et awer och um Niveau vun de Kandidaten, dat ass e generellen Trend iwwert déi lescht Joeren.

Wat d'DPIen ugeet, d'Sprooch déi do geschwat gëtt, entweder ass et franséisch oder englesch, dat sinn d'Defien, déi och den Enseignanten virun d'Haus stinn, awer et gëtt och Ënnerscheeder um Niveau vun den Niveaue vun de Kanner.

Et muss een awer soen, et ass eng Rei Enseignanten, déi sech gemellt hunn an eng ganz Rei Benevollen oder pensionéiert Enseignanten, déi sech gemellt hu fir dat doten ze ënnerstëtzen, an och dat ass héich ze halen.

Par rapport zu der Demande vun der Madame Kutten, ech géif Iech einfach proposéieren, dass mer net eng extra Schoulkommissioun maachen, wou d'Enseignante vum Däich eis explizéiere wat se maachen, ech géif Iech einfach proposéieren, kommt mir ginn als Schoulkommissioun mam Gemengerot zesummen an d'Däicher Schoul selwer a kënne sur place mat den Enseignanten diskutéieren, da kënne mer och en Abléck kréien an déi verschidde Säll, wou déi verschidden Aktivitéite stattfannen. Sur place gëtt dat engem ëmmer en aneren Abléck eng aner Diskussioun, wéi wann ee sech an engem Raum trëfft, sou wéi deen heiten, an en Échange huet.

Sur place kann een sech ëmmer e bessert Bild maachen, ech géif also proposéieren, dass mer am Laf vun dësem Joer kucke fir mam Comité d'école op d'Plaz ze goen an eis dat mat deene Leit unzekucken.

Ech wollt awer do nach anhaken, mer haten och an der Kontinuitéit vun der Diskussioun, déi mer an der Schoulkommissioun hate par rapport zum generelle Bildungsbericht, do hate mer eng Demande gemaach beim Ministère de l'Education nationale, respektiv bei der Uni Lëtzebuerg fir eis generell begleeden ze loossen.

Do hate mer viru gutt dräi Wochen eng Entrevue mam



Éducatiounsministère, respektiv och mat der Uni an och mam SCRIPT, dat ass jo dee wou zu Walfer Edupol dee ganzen Volet do ënnert sech huet, an do ass zréckbehale ginn, zwee Elementer kuerzfristeg, dat ass d'Däicher Schoul, virun allem mat der däitscher Native Speaker, déi mer do hunn, dass dee Projet kann opgegraff ginn, a kuerzfristeg gekuckt gëtt, wéi dat als Best practice national kann ausgeluegt ginn.

Dat ass emol deen een Volet an deen anere Volet, deen zeréckbehale ginn ass, dass grad mir och als Stad Diddeleng an déi Richtung ginn, mam Bildungshaus, wou mer wëlle Fondamental a Maison-relais méi zesummen noréckelen, dass mer och dat wëssenschaftlech begleede loossen ab deem Moment, wou do Schoul gehale gëtt, dass mer eis och do wëssenschaftlech Parametere ginn.

An do ass souwuel de SCRIPT wéi och d'Uni Lëtzebuerg Demandeur fir eis do iwwert d'Schëller ze kucken, fir eis ze begleeden an, sou dass och do eng wëssenschaftlech Hëllefstellung ass, an och dat kritt da Modellcharakter.

Dat wollt ech awer och nach hei dem Gemengerot soen, dass do eng positiv Suite aus där Reunioun eraus komm ass, wou mer dann och mëttel- a laangfristeg ëmsetzen an d'Schoul Däich wéi gesot.

Bildungshaus, wat d'Wuert och gefall ass, effektiv hat ech et net ernimmt, dofir och eng gutt Relance. D'Idee ass, dass am Fong ausganks Hierscht den Timing ass fir d'Ausschreiwung an dass mer 2017 notze fir d'Procédure négociée ze féiere fir och dee Volet kënnen ze realiséieren.

Mer schaffe mat Héichdrock un deem Projet, well et eng Usance effective ass, engersäits ass dat Konzeptuellt, respektiv dat Architektonescht, dat gëtt de Moment wierklech mat Héichdrock gemaach an den Aarbechtsgruppen.

Op alle Fall leeft dat gutt, mä et ass e bëssen en Timing, dee mer eis ginn hunn.

Pedibus ass geschwat ginn, virun allem ass et wichteg, dass do d'Eltere benevol mat maachen.

Schoulkommissioun. do wollt ech drop zeréckgräifen.

D'Compositioun vun der Schoulkommissioun, déi ass de Moment esou well mer dat hei am Gemengerot zesummen esou gutt geheescht hunn no de leschte Walen.

Mer hunn e Gesetz an e Règlement grand-ducal, déi d'Composition an d'Fonctionnement vun der Schoulkommissioun duerstellen, an un deenen hu mer eis orientéiert, do steet dran, dass dräi Elterevertrieder dra sinn, respektiv dräi Vertrieder aus dem Corps enseignant.

Par analogie sinn dat sechs Leit, a par analogie hu mer dann och sechs Leit aus dem politesche Spektrum, dat sinn der véier vun der LSAP, ee vun der CSV an ee vun Déi Gréng fir dass do en Equiliber muss sinn, an et ass dat, wat mer deemools am Gemengerot zeréckbehalen hu fir den Equiliber ze halen esou wéi dat och an der Kompositioun virgesinn ass.

Dat ass also keen neie Moment, dat war de Choix, dee deemools getraff gouf.

Ech verstinn awer déi doten Iwwerleeung, dass, wann een an enger Kommissioun sëtzt an och do d'Iwwerleeungen an d'Diskussioune matkritt, dass een do méi dran ass, mä mer hunn eis awer un deem hei orientéiert wat mer deemools am Gemengerot hei festgehalen haten a punkto Equiliber.

Dat als Remarquë par rapport zu der Schoulorganisatioun, ech géif elo proposéieren, dass mer zum Vote kommen an da géif ech d'Stellungnahmen zur Motioun dervun trennen, quitte, dass se effektiv gemeinsam geholl gi sinn.

**Wien ass et par rapport zu der Schoulorganisatioun, ass de Gemengerot mat där provisorescher 2016-17 averstanen?**
**Dat ass unanime.** Da soen ech Iech villmools Merci.

Elo par rapport zu der Motioun, wëllen do nach Leit Stellungnahm huelen?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci un Déi Lénk fir déi interessant Motioun, déi se hei eragereecht hunn.

Den Här Thill hat et schouns ausgefouert, ech hunn et och hei a mengen Notte stoen, dass deemools, wéi dat komm ass mat deem Kontingent, mir ware jo eng vun deene Gemengen, déi gestrooft gi si mat deem Reglement, et ware jo aner Gemengen, déi hu mer missen



opstocken, déi haten net genuch Stonne fir hire Kanner en Appui oder esou ze ginn, déi hu misse Stonne bäigesat kréien a mir haten awer eng exzellent Prise en charge vun de Kanner, och mat Besoins spéciauxen, a mir si gestrooft ginn an hu missen eise Kontingent vu Schoulstonne reduzéieren.

An et ass genee, wéi Dir gesot hutt, deemools den Här Meisch als Buergermeeschter vun Déifferdeng, deen hat sech als éischte getraut, ze soen, mär maachen dat net, mär reduzéieren de Kontingent net.

An ech hat an där Gemengerotssitzung duerno eisen deemolege Buergermeeschter, den Här Bodry, drop ugeschwat: "Da kommt mer ginn op dee selwechte Wee", an den Här Bodry huet gesot "Mer waarden emol wat geschitt, net dass mer da vun uewen erof eng op d'Mutz kréien, a wéi et da weider geet, weess keen".

An ech weess awer och net méi, wéi de Suivi war vun där ganzer Geschicht, ob Déifferdeng da gestrooft ginn ass oder net.

An dofir och vun eiser Säit, mer hu jo och all Joer bedauert, dass mer déi Kontingente musse reduzéieren, dass am Fong déi Schoulen, déi Gemengen, déi wierklech d'Heterogeneitéit vun eiser Diddelenger Populatioun am Allgemengen an an der Schoulpopulatioun am Speziellen enregistréieren an dass doduerch och eng méi autonom an individualiséiert Organisatioun vun der Diddelenger Schoulorganisatioun wëllkomm wier, dat hu mer ëmmer all ënnerstrach.

A mir haten och deemools, 2010-2011, gefrot, dass mer eis och sollen trauen, de Kontingent net erofzesetzen.

Wa mer dat awer elo misste maachen, ech weess elo net wéi Prozedure sinn, ob nach aner Gemengen no Déifferdeng sech getraut haten a wat deene geschitt ass, wann dat elo gesetzlech net méiglech wier, dass een dat dierft, da fannen ech effektiv, dass ee sech muss staark maachen, an och als Gemengen e Message ginn, dass deemools, wéi mam Message vum TTIP, dee mer eise gewielte Vertrieder an der Chamber mat op de Wee ginn hunn, dass ee soll Courage weisen an och am Sënn vun der Gemengenautonomie och de Gemengen an dësem Fall erëm eng gréisser Autonomie ginn an dës Gesetzgebung awer ze revidéieren.

A mir fannen dat doten eng ganz flott Initiativ an ech froe mech firwat mer net sollen op de Wee goen an einfach emol de Steen un d'Rulle bréngen an effektiv emol déi Iwwerleeunge fir d'Reduktioun vum Kontingent mol eng Kéier ze refuséieren, einfach och emol fir ze kucke wat geschitt a wéi gesot, mer fannen dat heiten eng gutt Idee. Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, ech mengen aus mengen Ausféierungen vu virdru geet erfir, dass mir och der Meenung sinn, dass fir déi grouss Erausfuerderungen am schoulesche Beräich méi Moyenen néideg sinn, fir all d'Kanner a besonnesch fir déi sozial schwaach Kanner kënnen ze förderen.

Mir sinn awer net der Meenung, dass eng einfach Erhéijung vum Kontingent automatesch zu enger Verbesserung féiert.

D'Klasseneffektiver am Fondamental sinn net héich, egal mat wiem een sech vergläicht, sief et mam Fondamental am Ausland oder mam lëtzebuergesche Postprimaire.

En plus ginn et Méiglechkeete beim Zesummeleeë vun zwou Klassen aus deem selwechten Cycle hei en Ausgläich ze schafen.

Déi gréissten Erausfuerderung an der Schoul zu Lëtzebuerg besteet doran, an extrem heterogene Klassen e Sproochunterrecht ze organiséieren, deen de Kanner vu sämtlechen Nationalitéite Rechnung dréit an eng ondifferenzéiert Erhéijung vum Kontingent bréngt dem eenzelne Kand dobäi kaum eppes.

Mir fannen et dogéint néideg, d'Enseignantë bei de Schoulprojeten ze ënnerstëtze fir dass se kënnen en differenzéierte Sproochunterrecht ausschaffen.

Dofir mussen se kënnen op eng spezifesch Formatioun a Fachleit, zum Beispill vun der Uni, zeréck gräifen an e Feedback kréien.

An den Här Ferrari huet jo gesot, dass schonns eng Rei Méiglechkeete bestinn. Mir sinn der Meenung, dass déi nach bei wäitem net ausgeschöpft ginn, an dass ee wierklech soll mol an déi Richtung goen.

Déi aner Prioritéit ass déi, wou mer virdru schonns beschwat hunn, dass bei de jonke Kanner mat Sproochentwécklungsstéierungen sollt eng Präventiounsaarbecht gemaach ginn. Déi kéint an enger éischter



Phase duerch d'Stäerkung vun der Equipe multiprofessionelle oder multidisciplinaire geschéien, misst awer dorop hinziile fir d'Personal aus dem Précoce an de Maison-relaisen ze sensibiliséieren an eventuell och ze trainéiere fir kënne präventiv ze schaffen.

Also, fir déi Projete solle mer geziilt Stonnen ufroen. Och op Grond vun eiser perséinlecher Erfahrung am Enseignement kënne mir soen, dass eng ondifferenzéiert Erhéijung vum Kontingent déi bestoend Problemer net ka léisen. Dofir brauch een ëmmer eng geziilte Strategie an dofir kënne mer där Motioun, wéi se virläit, net zoustëmmen. Merci.

Bob Claude (LSAP): Här Thill, wéi ech déi Motioun gelies hunn, do ass mer spontan agefall, dat wär eng ideal Saach fir do eng Petitioun ze maache well schliisslech ass d'Chamber ugesprach an dat soll an der Chamber diskutéiert ginn, an eventuell déi ganz Saach revidéiert ginn.

Do sinn ech dann och duerch Zoufall vun enger Léierpersoun gewuer ginn, dass et effektiv esou eng Petitioun gëtt.

Et ass dat d'Petitioun Nummer 629, agereecht Ufank Abrëll vum Patrick Arendt, President vum Syndikat Erziehung und Wissenschaft, e Syndikat, deen dem OGBL ganz no steet.

Et ass net deeselwechte Wuertlaut, mä et kënnt awer iergendwéi op dat selwecht eraus. An et kënnt op dat eraus, datt ebe méi Unterrechtsstonnen de Kanner sollen zur Verfügung stoen.

Domat si mir alleguerten heibannen 100% averstanen.

Ech mengen, et ass besser et si méi Léierpersounen am ganze Land do an d'Kanner si vu méi Léierpersounen encadréiert an dat wier schonns wichteg.

Awer, wa mer elo hei zu Diddeleng kucken: Jo, zënter 2010 hu mer eis dru gehalen, mer halen eis u Regelen, an et kann ee soen, dass heiansdo villäicht gewurschtelt ginn ass, mä iergendwéi sinn eis Klasseneffektiver absolut ëmmer nach an der Rei gewiescht.

E Klasseneffektiv selwer wëllt näischt heeschen.

Ech wëll och dobäi fügen, dass de Kontingent agefouert ginn ass entre autre, well och vill Gemengen einfach Klasseneffektiver haten, déi waren horrent, déi hate Klasse mat 5, 6, 7 Kanner.

Deem ass dunn emol opgehuewe ginn a mir hunn deemools 160 Stonnen ewech geholl kritt, 160 Stonnen op 10 Joer, dat mécht 16 Stonnen d'Joer.

A mir mussen iergendwéi eens ginn, well och eis Appuisstonnen si weider geklommen, do si villäicht aner Ursaachen dobäi, mä jiddefalls si mer elo op deene 459 Stonnen ukomm, dat sinn der vill méi wéi nach d'lescht Joer.

Also gi mer iergendwéi eens.

Déi Idee, fir eis net un de Kontingent ze halen, Här Thill, Dir sidd jo Fussballsarbiter, wann een sech net un d'Regelen hält a wann et ganz uerg ass, Dir wësst jo, wat dir da maacht, da weist Dir déi rout Kaart.

A mir weisen awer hei net eng rout Kaart, mir sinn a mir präziséieren am Fong u sech averstanen, mä well et och eng national Saach ass, si mir der Meenung, dass mer dës Motioun net kënne stëmmen a mir stëmmen dergéint.

Jos Thill (Déi Lénk): Ech mengen, ech hunn éineschters d'Motioun scho gerechtfäerdegt, dofir well ech ob déi net weider agoen, déi schwätzt och fir sech.

Ech wollt just op zwou Froen äntweren.

Wa meng Informatioune richteg sinn, dat wat zou Déifferdeng geschitt ass, dass Déifferdeng dat wat se méi u Stonnen an Usproch geholl hunn, aus hirem eegene Budget hu misse bezuelen, an dat war eng zimlech deck Rechnung.

Also, dat ass kee gangbare Wee an dee schloe mer an eiser Motioun jo och net fir, mä mir schloe vir - all Gesetz an all Reglement si vun eiser Chamber gestëmmt - op de Wee ze goen, dat ze änneren.

Wat den Här Claude gesot huet, dat stëmmt och, et ass eng Petitioun vum Här Patrick Arendt agereecht, ech war och op de Site vun der Chamber kucken, wou déi drun ass, do steet "en cours de validation".

Ech sinn effektiv gespaant, wat da mat där Motioun geschitt. De Wuertlaut ass liicht anescht, mä de Fong ass deeselwechten a wéi dann d'Regierung dorop rea-



géiert, wann se net op Motioune vu Gemenge reagéiert.

Bob Claude (LSAP): Ech wollt Iech kuerz informéieren: Déi huet funktionéiert déi Petitioun vum 18. Abrëll bis den 31. Mee, et si vill Plakater an de Schoulen ausgedeelt ginn, dat heescht wann d'Léierpersonal nëmme wéineg d'Aen opgemaach huet, da weess jiddereen am Land Bescheed.

A bei deem ville Léierpersonal, ech mengen et sinn der e puer dausend, si ganz genee 1443 elektronesch Ënnerschrëften erakomm.

Dat ass d'Resultat vun där Petitioun.

Dan Biancalana (Buergermeeschter – LSAP): Ech géif dann och nach als Buergermeeschter Stellung zu där dote Motioun huelen. Quant à sa forme et quant au fond.

Ech ginn d'Gefill net lass, an et ass och gesot gi wéi dës Motioun hire Wee gemaach huet, dass awer hei dëse Gemengerot an d'Membere vun dësem Gemengerot e bëssen instrumentaliséiert ginn, wat de Contenu vun dëser Motioun ugeet, an ech erkläre mech.

E Règlement grand-ducal gëtt normalerweis vun der Regierung geholl, vum Grand-Duc promulgéiert, an et ass also och déi selwecht Regierung, déi e Règlement grand-ducal kéint änneren.

Dat heiten ass e Règlement grand-ducal vun 2009, an deem mir eis bewegen, a wou ee sécherlech Saache ka gutt fannen, respektiv Saache manner ka gutt fannen.

Fazit ass, et ass säit 2009 wou mer dee Kontingent hunn, respektiv deen och ofgebaut gëtt, a mir mussen en Historique maache firwat dass esou e Kontingent agefouert ginn ass deemools.

Well mer d'Situatioun hate vu Gemengen, déi sech ganz vill Léierpersonal konnte leeschten an eng excellent Situatioun haten an et awer och Gemenge goufen, déi manner Léierpersonal haten an do a méi kokelege Situatioune waren.

Dofir ass de Kontingent agefouert gi, op 16 pro Klass, fir iwwert deen dote Wee och ze kucken, dass grad déi Gemengen, wou e Besoin ass, och méi Kontingentsstonne kënnen hors Kontingent bäi kréie kënnen.

Dat war d'Philosophie derhannert an dat ass bis op de Moment nach ëmmer d'application an ech sinn nach ëmmer der Meenung, dass esou eng Motioun wéi déi heiten éischter um nationale Plang soll diskutéiert gi wéi um kommunalen, och wann national um kommunale Plang ëmmer en Impakt huet an ëmgedréint och.

An och aus pädagogesche Grënn sécherlech mol kann eng gewësse Sympathie hunn, wann ee seet, dass vu 16 op 14 soll erof goen, wat den Effektiv de Klasse ugeet.

Nach muss ee soen, dass déi Moyenne vu 16 par rapport zum Ausland schonn zimlech niddereg ass. Et brauch ee sech just ze informéieren, wann een an d'Belge kucke geet, an Däitschland, a Frankräich, do sinn d'Klasseneffektiver vill méi héich.

Dat ass schonns deemools op 16 erofgesat ginn, fir grad och der linguistescher Situatioun hei zu Lëtzebuerg Rechnung ze droen.

Nach mengen ech an ech hunn nach keen héieren, wéi kënnt een op 14, wéi kënnt een op en Taux d'encadrement vun 1,85 oder 2,22 %?

Do si jo och ganz Korrelatiounen hannen dru vum Index 100 bis 120, et si Korrelatioune mam CEPS, mam LISER, mat de soziodemographeschen Donnéeën, déi geholl ginn, do ass och d'IGGS dobäi, et ass jo eng ganz Architektur, e ganze Konstrukt, deen dozou gefouert huet, dass dat Reglement esou geschriwwen ass wéi et de Moment ausgeriicht gëtt.

Dofir stellen ech mer d'Fro, wann ech déi zwee éischt Tireten hei liesen, huet den Diddelenger Gemengerot déi néideg Moyennen, déi néideg Outilen, déi néideg Connaissancen, fir an där doter Architektur, an dësem Konstrukt, fir dëse Calcul kënnen ze hannerfroen, fir nei Berechnunge kënnen duerzeleeën, a fir dëser Motioun da kënne Rechnung ze droen?

Et gi Länner wou de Klasseneffektiv vill méi héich ass, an et muss een sech d'Fro stellen, wann de Klasseneffektiv vu 16 op 14 sollt erof gesat ginn, wéi een Impakt huet dat och op d'Schoulorganisatioun.

Et ass virdrun ugeschwat ginn, an dofir sot ech, dass ech deem Gefill net lass ginn, dass hei e bëssen instrumentaliséiert gëtt.



Hei gëtt et eng Petitioun 629, déi effektiv an der Chamber deposéiert ginn ass, an déi vum Contenu hier dat reflektéiert, wat mir hei an däser Motioun fannen.

Dës Petitioun ass clôturéiert, déi huet 1443 Stëmme kritt, packt et also net fir déi 4500 Stëmmen ze hu fir dass et eng Petitioun publique gëtt, fir an der Chamber debattéiert ze ginn an och iwwert d'Chamber-TV eng Retransmissioun gemaach ze kréien, mä d'Petitiounskommissioun kann awer ganz kloer déi heite Petitioun als ordinär Petitioun considéréieren, et kann also an der Petitiounskommissioun diskutéiert ginn, et ka weider geleet ginn un de Ressortminister, respektiv och un déi zoustänneg Schoulkommissioun vun der Chamber.

Also mengen ech, wäert déi Petitioun och hire Wee fannen, an et wäerten och Diskussiounen um nationale Plang stattfannen, an déi zoustänneg Kommissioune kënnen Experte sollicitéiere wat deen dote Kontingent, dat dote Reglement ugeet, ob dat elo national oder international Experte sinn, respektiv awer och, wann een iwwert d'Gemenge schwätzt, och kann de SYVICOL solicitéiert gi fir säin Avis ofzeginn.

Mir befannen eis hei am Kader vun engem Règlement grand-ducal, deen en vigueur ass an dofir kommen ech dann elo zum leschte Punkt fir zu der Conclusioun ze kommen, dass dës Majoritéit dës Motioun net dréit.

Dëse Règlement grand-ducal ass en vigueur a wann een hei seet, dass de Kontingent, den Taux d'encadrement vu 15-16 soll behale bleiwen, dann ass dat, och wann een dat fuerdert, net méiglech.

Mir sinn am Kader vun engem Règlement grand-ducal, deen en vigueur ass, deen d'application ass a wann een dat wëll fuerderen, da misst jo de Règlement grand-ducal geännert ginn an an där Logik si mer hei net.

Mir hunn hei e Règlement grand-ducal dee vun enger Regierung verabschid gouf an all Ännerung am Kader vum Règlement grand-ducal muss och d'Regierung änneren.

Ech wëll och bemierken, datt ech et als eng gewëssen intellektuell Éierlechkeet ëmfonnt hätt wa mat oppene Kaarte gespillt gi wier well an dësem Considérant fannen ech näischt vun där Petitioun, an ech fannen, dass net mat oppene Kaarten hei gespillt gouf.

Dofir nach eng Kéier, an däser Majoritéit si mer ganz kloer net der Meenung, dass mir dës Motioun wäerte stëmmen.

Joseph Thill (Déi Lénk): Just ganz kuerz a faktuell: Déi Koeffizienten, déi do stinn, déi erginn sech rechneresch, wann ee vu 16 Schüler pro Klass am Duerchschnëtt, wat d'Zil ass vum Reglement, op 14 erof geet.

Sou wéi d'Reglement elo ass, kënnt een 2019-2020 op eng ënnescht Grenz vun 1,625 an op eng iewescht Grenz wann ee Supplémente kritt fir spezial Stonnen op 1,95, also 20% méi.

Wann een dat selwecht mat enger Regeldetri erof rechent vu 16 Schüler an der Moyenne op 14, da kommen déi Koeffizienten eraus, déi an der Motioun stinn.

Wéi gesot, et ass richteg, et muss op nationalem Niveau gewierkt ginn, an dat wäerte mer probéieren, zesumme mam Syndikat Enseignement vum OGBL weider ze maachen, well mer awer nach ëmmer denken, dass eng Adaptatioun vun de Kontingentsstonnen de Gemengen alleguerte virun hëlleft, an dat Zil awer wäerte weider verfollegen. Merci.

Dan Biancalana (Buergermeeschter - LSAP): Da komme mer zur Ofstëmmung vun dëser Motioun.

**Wien ass mat dëser Motioun averstanen? Dat ass de Vertrieder vun Déi Lénk.**
**Wien enthält sech? Dat sinn d'Stëmme vun CSV, Déi Gréng an ADR**
**Ween ass géint dës Mentioun? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP.**
Merci villmools fir deen doten Deel.



## 11. FROEN UN DE SCHÄFFEROT (WÉINST ZAÏTLECHE GRËNN VIRGEHOLL)

Dan Biancalana (Buergermeeschter - LSAP): Et geet zäitlech nach op fir d'Fro vum Här Thill virzehuelen.

D'Fro ass déi folgend: Den Här Thill seet a senger Froestellung, dass mer am Kader vum PAG Dudelange demain eng large Consultatioun gemaach hu vun de Bierger fir dass si sech kënnen abréngen an déi verschidde Workshops, dass een, wat de Projet Nei Schmelz ugeet, och d'Biergerbedeelegung favoriséiert huet, dass een do eng Rei Informatioune fënnt op Dudelange.lu an dass dat manner de Fall ass, wat de PAG ugeet, notamment wat eng Rei Ideeën a Propositiounen ugeet, déi am Kader vun deene Workshops formuléiert gi sinn.

Dofir seng Fro ob eppes dogéint schwätzt, dass dës Ideeë publizéiert ginn? Ginn et do Hindernisser? Wann se solle publizéiert ginn, a wéi engem Delai geschitt dat?

Wat ech hei ka soen, mer schaffen drun. Déi Ideeën a Propositiounen, déi era kommen, dat waren der eng Hellewull, ganz Verschiddener mat ganz villen Iwwerschneidungen.

A wann een esou e Biergerbedeelegungsprozess aleed, wéi mer et gemaach hunn, deen e ganz gudde Succès hat.

Um Niveau vum PAG sinn natierlech Ideen opkomm, déi mam PAG ze dinn haten oder Ideeën, déi direkt näischt mam PAG ze dinn hate mä sou Ideeën natierlech muss ee verschaffen, zouuerdnen, analyséieren, strukturéiere fir dass se och an de PAG passen, pro Domaine, pro Themeberäich.

Et gëtt och kee Sënn, Ideeën eraus ze huelen an à l'état brut einfach op den Internetsite ze setzen, aus dem Kontext eraus.

Dat heescht, si gi geuerdnet pro Thematik, e Resumé vun de Workshops gëtt et schonns, do fënnt een dat, wat an de Workshops geschwat gouf, och erëm.

Et kann een also net soen, dass déi Ideeën, déi do geschwat gi sinn, net um Internetsite sinn. Et fënnt een se schonn do erëm, well och e Compte-rendu vun deenen eenzele Workshops do ass.

Wéi gesot ginn déi Ideeën opgeholl, si wäerten och hir Nidderschrëft fannen an deenen nächsten Etappen, déi mer huelen.

Dat als Äntwert zu där doter Fro.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ass et méiglech, ze präziséieren, a wéi engem Délai dat geschéie wäert?

Dan Biancalana (Buergermeeschter - LSAP): Ech géif soen, wann net virun der Vakanz, da fir d'Rentrée, well et jo awer e grousse Volume war.



# 7. KIERCHEFABRIK

**7.1. Relevé vun de Konte vum Exercice 2013 a Budget vum Exercice 2014**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mer weiderfuere mat der Kierchefabrik an zwar engersäits de Konte vum Exercice 2013 an de Budget 2014, respektiv eng Vente, e Compromis de vente zu Bireng. Ech géing ufänke mam Relevé des Comptes vum Exercice 2013 respektiv dem Budget 2014.

Dat hei schreift sech och ë bëssen nach an déi aktuell Dispositiounen, wou mir och nach an dësem Gemengerot eng Kéier iwwert de Budget 2015 schwätzen.

Dono gräift jo dat neit Gesetz iwwert Kierchefabriken, wou an deem Sënn jo d'Gemengen de Budget net méi brauchen hei ze presentéieren.

Op alle Fall hu mir hei de Budget virleie vun der Kierchefabrik mat de Recettes ordinaires, extraordinaires, déi si hunn, respektiv mat den Dépenses ordinaires an extraordinaires.

Et weist sech eraus, datt den Total vun de Recetten um Kont 2013 79.052,27 Euro sinn. Um Niveau vun den Dépensë sinn dat 80.111,76 Euro. Dat ass en Defizit vun 1.059,49 Euro. Dës Konten si gekuckt gi vun der Fiduciaire. Déi sinn och ageschéckt ginn an de Bistum, sou wéi dat d'Regel ass.

Wéi gesot, mir kréien se hei an de Gemengerot an de Prinzip, dee mir hei festgehalen hunn, scho säit Joeren, an deen och hei gëllt, ass deen heiten: Wann d'Kierchefabrik en Defizit mëscht, iwwerhëlt si integral den Defizit, well mir jo en contrepartie d'Chargen iwwerholl hu wat Elektresch a Waasser ugeet.

Ech mengen, datt mir och an deem Sënn fir dëse Budget 2013 dat wëllen applizéieren. Dat zu den Ausféierunge wat dës Konte vun der Kierchefabrik ugeet. Sinn do Stellungnahmen oder Froen?

**Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime. Merci.**

**7.2. Avis zu der Vente vun engem Terrain "Bireng – Kapell " duerch d'Kierchefabrik**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Bei dësem Punkt geet et ëm e Compromis de vente, dee mir mussen aviséieren.

Et geet am Fong ëm zwou Parzellen, respektiv awer hei am Gemengerot ëm eng Parzell an der Pasteurstrooss bei der Birenger Kapell, wou e Promoteur e PAP wëll maachen, wou mir am Gemengerot souwéisou nach eng Kéier iwwert dee PAP wäerte schwätzen, mä hei geet et am Fong dorëms, datt Virkonditioune mussen erfëllt si fir datt och dann de PAP kann ageleet ginn.

Et ass am Fong eng Parzell, déi der Kierchefabrik gehéiert wéi natierlech och d'Kapell selwer zu Biréng, an d'Kierchefabrik wëll déi dote Parzell ronderëm d'Kapell dem Promoteur verkafen.

Et handelt sech hei ëm 20,34 Ar, dat zu engem Präis vu 550.000 Euro.

Hei de Historique. Et gouf hei e Compromis de vente am Mee 2013, wou herno och d'Kierchefabrik den Accord ginn huet am Dezember 2015 fir den Avenant ze maachen.

Den Avenant ass och den 19. Januar guttgeheescht ginn, mir hunn hei och d'Approbatioun virleie vum Bis-





tum fir deen dote Compromis de vente.

Mir hate scho virun enger Rei Joeren eng ähnlech Situatioun an der Soibelkaul, wou och Kierchefabrik Terrainen verkaf huet, wat och an de Gemengerot gaangen ass well de Gemengerot dat eben aviséiert huet.

Hei ass am Fong dee selwechte Prinzip, fir datt mir dat heite formal gutt heesche fir datt dann och kann den Acte de vente gemaach ginn.

A wann den Acte de vente bis gemaacht ass, da kënnen och déi néideg Prozeduren, quitte, datt parallel schonn um PAP geschafft ginn ass, mä da kann och de PAP a senger Prozedur lancéiert ginn, fir datt mir dann och hei am Gemengerot déi nächst Etappe kënne finaliséieren an dann och gutt heeschen.

Dat zu den Erklärunge wat dëse Compromis de vente ugeet.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Zu deem éischte Punkt vum Budget do hunn ech näischt ze soen.

Deen zweete Punkt, do ass et mir ë bësse bosseg. An eisem Ordre du jour, do steet ënnert dësem Punkt de Wuertlaut vun deem wat mir solle stëmme vum 7.01.

Ech weess elo nach guer net, wat ech fir 7.02 soll stëmmen, well ech hunn als Propositioun dee selwechte Wuertlaut kritt wéi dee vum 7.01 vum Budget.

An eng aner Fro ass: Et gëtt an deenen Dokumenter ëmmer bis inklusiv zum 24. Mäerz vun 20,34 Ar geschwat, an op eemol an deem leschte Courrier vum 1. Abrëll vum Serge Eberhard, do steet 24,34 Ar.

Et war eng Kéier geschwat gi vun engem Mesurage exact, dee soll gemaach ginn, dovun hu mir awer kee Resultat. Ech wollt froen, ass tëschent deem 18. Mäerz an dem éischten Abrëll dee Mesurage exact geschitt?

Da wonnert et mech nach, dass da vun 20,34 op 24,34 erop gaange gëtt an de Präis dee selwechte bleift vu 550.000 Euro (wat iwwerhaapt 27.000,40 Euro/Ar sinn, mä dat ass elo hei net zur Debatt gestallt).

Et wonnert mech, wann dat do vläit en Drockfeeler wier, da wier de Präis normal d'selwecht bliwwen, mä sollt éieren elo duerch iergendeen Ëmstand fonnt gi sinn, datt sech ëm 4 Ar verrechent ginn ass an et ginn elo 4 Ar méi verkaf, da wonnert et mech, datt de Präis net erop gaangen ass. Wann dir mir do vläit Kloerheet kéint ginn? Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Déi Fro misst Dir da virun allem de Propriétairë stellen an net dem Schäfferot, mä ech äntwerten Iech awer herno dorop.

Marc Schiffman (ADR): Komesch ass éischtens de Präiss pro Quadratmeter, dann déi Differenz vum Präis. Wa mir bedenken, wat d'Kierchefabrik gefrot huet, wéi si op der Lëtzebuergerstrooss Terraine verkaf huet un d'Gemeng, et si wierklech hei e puer Saachen, déi awer missten trotzdem an enger spéiderer Reunioun duerchdiskutéiert ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Nach weider Stellungnahmen? Also zur Präzisioun wat den Ordre du jour ugeet: Hei geet et net ëm d'Vente, mä et ass e Compromis de vente, dee mir hei stëmmen, well d'Vente, déi mécht d'Kierchefabrik mam Promoteur selwer.

Dat ass déi normal Prozedur. Hei hu mir, wéi gesot, e Compromis de vente virleien.

Nach musse een de Kader präziséieren och par rapport zum Präis wann déi Froen hei gestallt ginn.

D'Gemeng gëtt den Aval heizou. D'Gemeng huet hei net dranzeschwätze wat de Propriétaire präislech mat engem Promoteur ausmécht, wat den Terrain ugeet a wat d'Vente ugeet a wat de Präis ugeet.

Mä déi Fro, déi den Här Gangler hei gestallt huet, dat ass mir nämlech och opgefall an ech hat och mam President vun der Kierchefabrik Récksprooch geholl, an dee sot ganz kloer, datt et éischter en Tippfeeler war well an all den offiziellen Dokumenter steet 20,34 Ar.

An effektiv, sief an hire Sitzungen, do steet och 20,34 Ar an an der Approbatioun och, mä am offizielle Courrier, dee mir als Gemeng geschéckt kritt hunn, do steet 24,34 Ar, mä et ass 20,34 Ar ëm déi et hei geet, an deem mir och deementspriechend den Aval solle ginn.
Et kann een elo de Präis gutt oder net gutt fannen,



mä ech mengen net, datt mir an enger Positioun si fir dat ze jugéieren. Ech mengen, et ass méi wichteg hei gréng Luucht ze gi fir datt mir hei e PAP kënnen an d'Weeër leeden, mat deem mer souwisou befaasst ginn a wou och nei Wunnengsbau hei zu Diddeleng kënnt.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt da just froen, wann elo hei gesot gëtt, mir sollen deen Compromis de vente hei stëmmen, kann ech da vläit dat ageblennt kréie wat mir do solle stëmmen, well ech hunn et net a menge Pabeieren dran. Ech hunn zweemol de Punkt 7.01 vum Budget vun der Kierchefabrik, awer net de Punkt 7.02 vum Compromis de vente. Ech weess also net, wat ech soll stëmmen, well ech hu keen Text dozou.

Patrick Bausch (Gemengesekretär): Ech schécken Iech deen Text elo direkt op Är Cloud.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): **Ass de Gemengerot domat averstanen? De Gemengerot gëtt e favorabelen Avis mat 14 Jo Stëmmen (LSAP, CSV, Die Greng) an 1 Nee Stëmm(ADR).**

## 8. ORDINÄR AN EXTRAORDINÄR SUBSIDE FIR LOKAL CLIBB A VERÄINER

Loris Spina (LSAP – Schäffen): Ech géing dem Gemengerot dann déi ordinär Subside presentéieren, respektiv virschloe fir de Vote, sou wéi Dir se an Ärem Dossier dann och vir fannt.

Dir hutt sécherlech festgestallt, datt an de leschte Joeren nëmme geréng Verännerunge bei just verschiddene Veräiner sinn.

E klenge Rappel: de Schlëssel, dee mir sengerzäit ausgeschafft hunn an deen elo hei d'Basis ass fir déi Chifferen do, dee berifft sech op engersäits d'Demande, déi d'Veräiner musse maachen, dann de Rapport, deen si raginn, a jee nodeem wéivill aktiv Memberen a wéi vill Jugendmemberen si hunn, respektiv wéivill Encadranten a wéi d'Encadranten diploméiert sinn, ergëtt de Schlëssel dann eng Zomm X, déi mir dann elo hei gréisstendeels erëm fannen, déi mer de Veräiner dann och e bësse méi fréi wéi soss ausbezuelen, well mir, sou wéi dat och sengerzäit vum Groupe de travail des subsides et associations virgeschloe ginn ass, eng gewësse Rigueur hei sollten erabréngen. Wa mir elo, nodeems mir dat eng Kéier erausgeschéckt hunn, nach ee Rappel gemaacht hunn an déi Veräiner, déi sech trotz deem Rappel net gemellt hunn, dat sinn dann ënner anerem déi Veräiner, déi Dir mat 0 an Ärem Tableau erëm fannt, respektiv se net erëm fannt am Tableau an se einfach vermësst.

Dat sinn déi Veräiner déi, wéi gesot, einfach net dorop reagéiert hunn. A fir datt déi Veräiner, déi awer en bonne et due forme eis dee kompletten Dossier eragereecht





hunn, net sollten drënner leiden, hir Liquiditéiten net sollten drënner leiden, hu mir dat dann elo esou ëmgesat, datt mir haut hoffentlech dann dat approuvéieren, fir datt déi Veräiner och kënnen ausbezuelt ginn.

Virun allem verschidde Veräiner, wou d'Summerlach elo wäert spillen, frou si fir all Euro wou si kréien.

Nach well ech Iech awer och net virenthalen, Dir wësst et, datt dat do e klengen Deel vun der Ënnerstëtzung ass, déi d'Veräiner vun der Gemeng kritt.

Et sinn ëmmerhin Suen an awer net liewenswichteg, well dat wat d'Veräiner soss am logisteschen Deel kréien, respektiv u Material vun der Gemeng zur Verfügung gestalt kréien, ass gratis, an och dat huet een ëmmer erëm ernimmt kritt wann een den Tour vun de Generalversammlunge gemaach huet.

A vill anere Gemengen, fir net ze soen an all anere Gemengen, ass dat anescht, do gëtt dat indemniséiert a rémunéréiert fir déi Leit, déi musse fir aner Veräiner vun der Gemeng an den Asatz goen.

Dat heescht, do gëtt dat fakturéiert vun der Gemengesäit.

Wéi gesot, hei ass dat gratis, an dee Volet ass sécherlech méi grouss wéi dee Volet hei vun de Finanzen.

Dat gesot, hu mir awer mëttlerweil d'Tableauen ausgeschafft, respektiv déi Calculen, déi awer eng gewëssen Transparenz bruecht hunn, déi mir viru Joeren net haten. An deem Sënn wollt ech Iech da froe fir dat heiten ze approuvéieren. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Also dann zu deenen uerdentleche Subside fir eis Veräiner, déi am Gesamtbudget wierklech net an d'Gewiicht falen, déi awer e sensibelen Thema sinn, iwwert dee mir hei all Joer diskutéieren.

D'Problemer sinn ugaang bei der Neiverdeelung vun de Subsiden 2013, nodeems eng Commissioun méintelaang beroden huet iwwert de Verdeelungsschlëssel, si schlussendlech awer keng transparent Kriterie festgehale ginn, oder jiddefalls keng, déi fir eis kloer waren.

De Problem huet sech d'lescht Joer och erëm gestalt, woubäi deemools op d'Wichtegkeet vun deenen aktive Membere gepocht ginn ass, bei eisen Nofroen zu verschiddene Montanten.

Dëst Joer hu mir erëm nei Zuele virleien a si sinn, alt erëm eng Kéier, net richteg novollzéibar.

Ech huelen dann nach eng Kéier en Ulaf fir d'Logik ze verstoen. Ech probéieren, eemol ze formuléieren, wat ech mengen erausfonnt ze hunn.

Déi ganz grouss Sportsveräiner kréien en equivalente Subsid vun 3.200 Euro, datt och do kee Sträit opkënnt.

Déi grouss Scoutsveräiner kréien ebenfalls en equivalente Subsid, deen awer méi niddereg ass, vun 2.000 Euro. Déi sinn och déi selwecht bliwwe während deene leschten dräi Joeren, hänken also net mat den aktive Memberszuelen zesummen, huelen ech mol un.

Da sinn nach eng Rei Montanten onverännert bliwwen, an dat sinn och ronn Zuelen.

Beispillsweis 500 Euro, ech sinn dann dovun ausgaang, datt et sech dobäi éischter em Forfaiten handelt.

Bal all déi aner Subside si liicht erop oder erof gaang.

Solle mir dorauser schléissen, datt dat all Kéier der Memberzuel ugepasst ginn ass an all Joer sech lo änнere wäert?

Dann awer nach eng Fro – an ech wëll awer soen, ech wëll mech elo net op ee Veräin do acharnéieren, mä ech géing einfach gär verstoen, wéi dee Montant zustane kënnt – dat ass de Subsid fir de Foyer de la Femme, dee wierklech vun zimlech niddereg d'lescht Joer op 1.800 Euro geklommen ass an elo erëm eng Kéier an d'Luucht gaangen ass.

Neen, ech hu mech do geiert. Deen ass op plus 200 ginn, an do froen ech mech awer, sinn dann do elo esou vill nei Membere bäikomm? Well d'lescht Joer ass argumentéiert ginn, op der Memberszuel, oder, dat kéint jo och sinn, sinn nei Aufgabe bäikomm?

Ech wier wierklech frou, wann ech dodrop eng ganz konkret Äntwert kéint kréien, datt ech net all Kéiers erëm muss mech do op dee Veräin acharnéieren.

An dann eben déi Detailfroe vun deene Veräiner, déi vun der Lëscht verschwonne sinn.



Ech huelen un, datt d'Äntwert eben elo ass, datt déi verschweesst hunn, d'Demande ze maachen... wat ech besonnesch bei engem Veräin immens bedaueren.

Dann ass awer festzestellen, datt do steet, datt d'Motofrënn kee Subsid gefrot hunn, déi kréien awer een. Dat liicht mir nun elo och net an. Do stinn dann nach op eemol 500 Euro.

An dann ass nach e Veräin bäikomm, dat ass d'Initiative Liewensufank. Do wollt ech da froen, wéi justifiéiert sech dann de Montant fir deenen hire Subsid? Huet dat erëm eppes mat de Memberen ze dinn, oder mat der Ausriichtung vun deem Veräin?

Ech wollt just ofschléissend feststellen, datt mir hei vermëttelt kréien, datt all Joer Upassunge gemaacht ginn, mä datt einfach de Basissystem eis net transparent schéngt a mir och bei deenen Upassungen net esou richteg nokommen. Ech wier frou fir zousätzlech Erklärungen. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech soen der Madame Goergen villmools Merci fir dat wat si elo scho gesot huet. Genee dat wollt ech och soen, an dat berouegt mech well da kann elo net erëm heibanne gesot ginn "D'CSV widderhëlt sech ëmmer rëm, si kommen ëmmer mat hirer Polemik" an hei an do.

Mir hunn eis awer déi selwecht Froe gestallt.

Eng Fro kann ech hir eventuell scho beäntweren. D'Initiative Liewensufank war laut menger Statistik, déi mëttlerweil bis 2011 zeréckgeet, schonn 2011 derbäi mat 770 Euro. Et kann ee vläit unhuelen, datt de Schäfferot elo, fir en neien Ufank ze maachen, dee selwechte Montant agesat. Et kann een awer nëmmen unhuelen, well verstoe kann ee wierklech Villes net.

An da dat mat dem Foyer de la Femme: mir wollten am Fong erëm, ewéi d'lescht Joer, keng Nimm nennen, well mir eis net wëlle virwäerfe loossen, datt mir Veräiner géinteneen ausspillen, mä dat mam Foyer de la Femme hu mir och net verstanen. Hunn déi elo 200 Membere méi kritt? Mir hunn awer elo nach ëmmer den Androck, dass et hei à la Tête du client geet.

Ee ganz markant Beispill: Den Här Spina hat d'lescht Joer gesot, "Ech war op alle Generalversammlungen, et huet ni ee reklaméiert". Dat ass jo schéin a gutt. Ech war dëst Joer dann op enger, do hunn se reklaméiert an do huet den Här Spina nach ganz laang mat hinne geschwat an elo kréien si 90 Euro méi. Dat ass immens, dat ass formidabel, mä et ass nach ëmmer net sou vill, wéi si dat Joer virdun haten. A mol nach net souvill wéi 2011, wou mir ugefangen hunn, dat ganzt ze plangen.

Do froen ech mech: Firwat kréien si déi 90 Euro méi? Ass dat just well si reklaméiert hunn? Hir Memberen sinn éischter nach d'selwecht, sou kann ee soen, do ass un der Memberszuel guer näischt geännert.

D'lescht Joer haten si och scho vill Memberen, an si hu manner kritt. Elo hunn se d'selwecht Memberen, an si kréie méi. Also, ass dat dann net einfach ë gutt Beispill fir ze soen, hei geet et zimlech arbiträr zou, wéi dat hei verdeelt gëtt.

An et ass grad dat wat mir uprangeren. Mir wëllen net, datt ee seet "Hei geet et dach ëm guer näischt". Mä et si Veräiner, déi si frou fir all Su, deen si kréien, a mir wëllen net, datt een eis seet "Dir spilt Veräiner géinteneen aus".

Ech soen elo näischt vun de Scouten, ech soen och näischt vum Sport. Mä ech fannen einfach, datt een deene Leit muss kloer kënne soe firwat si méi kréien, respektiv firwat se manner kréien.

Et geet hei ganz einfach em déi Transparenz vun där mir och elo schonn zwee Joer laang schwätzen an déi ech leider hei vermëssen.

An et ass wierklech en immens spannende Moment wann um Ordre du jour steet, mir schwätzen iwwert d'Subsiden. Wow, da kucke mir mol, wat si lo dëst Joer wëlle maachen. Well da kritt erëm deen een ë bësse méi, deen aneren ë bësse manner, a mir verstinn net firwat.

Et war bestëmmt eng ganz gutt Saach - do stinn ech dohannert, well ech och dodru matgeschafft hunn - fir déi verschidde Kriterien opzesetzen, mä ech weess awer och, datt an deem Tableau vun deene Kriterien do och Schrauwe si wou ee kann drun dréinen, an da kann ee soen, "wann dat mir net passt, wat dee Veräin elo op Grond vun sengen Zuele kritt, da kann ech dat nach ë bësse moduléiere goen".

An duerfir: Et ass, a mengen Aen net gerecht. Un der





Basis ass do schonn e Programm, deen an der Rei ass, eng Iwwerleeung, déi an der Réi ass, awer wéi dat ausgewäert gëtt, dat ass net gerecht, dat ass net transparent an all Joer musse mir eis nees froen: Firwat ass dat do elo sou, firwat sinn esou grouss Ännerungen?

An da kucken ech d'Motosfrënn. D'Motosfrënn ginn dann elo mol einfach, fir dat lescht Joer wou si anscheinend e Subside froen, vum Sport an de Loisir gesat. Firwat dat?

Da war wahrscheinlech och déi Opdeelung an déi Kategorien deemools net glécklech, ech hat dat direkt gesot, kommt mir bleiwe béi engem alphabeteschen Uerder, awer firwat wanderen déi elo eriwwer bei de Loisir? An dono kréien se gesot "villmools Äddi, et gëtt elo kee Subsid méi", well si kee méi froen. Ech weess et net, mä et ass och net nozevollzéien, firwat ee Veräin seng Rubrik op eemol wiesselt. Wann e virdru ganz kloer an engem Sportsveräin ugesidelt war, firwat huet en elo op eemol seng Ausriichtung vum Veräin, seng Statuten esou geännert, datt en elo muss ënner Loisir falen?

Dat sinn alles ganz vill Saachen, wou ech mech froe firwat.

An et ass och net wouer, datt all grouss Sportsveräiner dat selwecht kréien.

Zum Beispill de Schwammclub, dee kritt elo erëm manner. Hunn déi Membere verluer? Ech weess et net. Sinn se iergendwéi an Ongnode gefall?

Den Dëschtennis kritt dëst Joer och erëm manner obschonns dee jo awer op engem schéinen Erfollegskurs ass, wat seng Championaten ugeet.

Fir eis ass dat hei net transparent an da kënnt Dir eis ziele wat Dir wëllt.

Fir eis ass dat hei awer wichteg, well mir eis awer wëlle fir d'Veräiner asëtzen, déi sech och froen, wat ass hei lass? Wéi gëtt do décidéiert?

Fréier wou si all Joer dat selwecht kritt hunn, do war am Fong och keng Diskussioun. An elo, wou mir menge mir missten et méi gerecht maachen a méi transparent, erreeche mir am Fong just de Contraire.

Et deet mir Leed wann ech mech muss widderhuelen, mä ech muss der Madame Goergen komplett Recht ginn, all Joer deen Exercice hei ze maachen, fir erëm eng Kéier Statistiken opzestelle fir ze kucken, ween erop geet a ween erof geet, firwat een erop geet a firwat een erof geet, dat ass einfach lästeg, wann et net transparent genuch ass.

Entschëllegt wann ech lech elo opgehalen hunn, mä ech hunn dat do misse lass ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Gangler. Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Loris Spina?

Loris Spina (LSAP – Schäffen): Merci, voilà ech probéieren dann e bëssen dorop ze äntwerten, fir datt da Verschiddenes méi kloer ass. An awer muss ech soen, mir sinn op engem ganz sachlechen Niveau mëttlerweil ukomm an deem heiten Dossier.

Dat freet mech awer, well dat war jo net vun Ufank un esou.

Effektiv, de klengen Historique, den Här Gangler huet et ugedeit.

Viru Joere si Chiffere verdeelt ginn, mä et konnt kee méi sou richteg novollzéie firwat.

Dunn hu mir probéiert, an engem Groupe de travail zesummen ze kommen an ënnert anerem déi Formel do zesummenzesetzen, an et ass nach ëmmer déi Formel, déi d'Basis duerstellt, fir déi Suen do ze verdeelen.

Eng Erklärung firwat Ännerungen sinn, dat ass, datt dee Kuch u sech d'selwecht bliwwen ass. De Gesamtmontant, dee mir verdeelen, ass d'selwecht.

Wann awer manner Veräiner eng Demande maachen, da kann dat mat sech bréngen, datt méi iwwereg bleift fir deen een oder deen anere Veräin, onofhängeg dovu wat en an d'Formel eragefiddert huet.

Dat heescht einfach, well méi ze verdeelen ass, oder d'selwecht ze verdeelen ass, awer u manner Veräiner, dat ass scho mol eng Erklärung. Nach fir de Rescht, grondsätzlech ass et esou, datt d'Formel ëmmer nach Bestand huet, dat heescht d'Memberszuel huet ëmmer nach eng wichteg Roll hei ze spillen, den Alter och, respektiv d'Jugendlizenz, d'Jugendmemberen, dat heescht ënner 18 Joer, déi ginn an deem Tableau



och extra berücksichtegt, d'Aktivitéiten, respektiv dat wou d'Gemeng d'Veräiner freet, de Cortège national Feierdag, Summer Spill a Spaass oder Ähnleches, wou mir dann d'Veräiner brauchen.

Ob si do matmaachen oder net fënnt sech am Schlëssel erëm.

An dann d'Encadranten hu mir jo och ugeschwat, respektiv net nëmmen d'Unzuel vun den Encadranten, mä och op déi diploméiert sinn oder net an hire jeeweilegen Sparten, dat spillt mat.

Also, dat ass ëmmer nach d'Basis, a jee nodeem wat d'Veräiner do eraginn, ännert natierlech de Chiffer, deen hannen eraus kënnt. Dat kann dann ebe wéi gesot bëssen no uewen oder no ënnen ausschloen.

Elo ass et esou, datt mir als Schäfferot, sou wéi dat och virdrun ëmmer war, déi Formel do als Basis huelen, eis awer eng gewësse Flexibilitéit loosse fir de Subsid unzepassen, sou wéi dat eben och virdrun de Fall war, virun där ominéiser 2013er Aarbechtsgrupp.

Dat heescht, fir bei deene grousse Veräiner ze bleiwen, dat ass plafonéiert.

Dat heescht, mir hunn dat plafonéiert op 3.200 Euro, ähnlech ass et bei de Scouten. Dat ass och do an deem Sënn plafonéiert. Dat ass fir datt, wann ee Veräin duerch seng Memberen iwwert déi 3.200 géing erauskommen, datt mir soen OK, mir sëtzen si awer op 3 200 well dat einfach de Plafong ass, dee mir eis als Grupp ginn hunn, well soss géifen déi grouss Veräiner do, notamment de Futtball, mat iwwert 400 Jugendlizenzen, déi géifen dat dote sprengen, an da géifen déi de Kuch huelen.

Wat da géif iwwereg bleiwe fir aner Veräiner wier deementspriechend manner. An dat wollte mir eben net.

Initiative Liewensufank, déi ginn net considéréiert mat deem Schlëssel, mä do ass dat, wat den Här Gangler ugedeit huet, dee Chiffer deen si senger Zäit, virum Etabléiere vum Schlëssel, kritt hunn, kréien si och elo ëmmer ausbezuelt, ouni datt si mussen duerch dee Schlëssel ze lafen, well si net ze vergläiche si mat deenen Associatiounen, déi mir soss um Terrain aktiv hunn.

Geféierlech wier et och, mengen ech, wat den Här Gangler ugedeit huet, den Dëschtennis war elo dëst Joer erëm extrem erfollegräich, si kréien awer manner Subsiden.

Op dee Wee dierf een net goen, datt ee subjektiv seet, huet dee Veräin elo méi oder manner verdéngt? Et ass net ofhängeg vun der Aarbecht vun enger Associatioun, engem Veräin, déi een net onbedingt gesäit zum Schluss vun enger Saison, zum Schluss vun engem Joer, an dofir hu mir déi objektiv Kriterien, déi ech lech virdrun ernimmt hunn awer da léiwer.

Wat de Foyer de la Femme ubelaangt, do ass et effektiv esou, datt déi hir Memberszuelen eben do an d'Luucht gesat hunn, respektiv dat wat si eis eraginn hunn, an deementspriechend ass deen dote Chiffer dobäi eraus komm.

Wou ech elo keng direkt Äntwert ka ginn, dat ass wat d'Motosfrënn ubelaangt, do misst ech dat dee Moment nofroen, firwat si déi 500 Euro do kréien an awer dobäi geschriwwen ass, datt si keng Subsiden ugefrot hunn.

Elo kann et awer sinn, datt dat nach d'Bemierkung ass vum leschte Joer, datt dat vläit vergiess ginn ass, erausgeholl ze ginn. Dat misst ech awer dann nofroen.

Voilà, ech hoffen, datt ech elo méi oder wéineger op d'Froe geäntwert hunn. Den Här Gangler, gesinn ech, ass nach net zefridden.

Jean-Paul Gangler (CSV): Neen, ech wollt just nach eng Kéier eng Präzisioun do ginn.

Ech géif och gär verstoen, firwat d'Motosfrënn op eemol keng Sportler méi sinn, mä just nach Fräizäitsportler.

An déi aner Saach: Dir hutt gesot, de Kuch ass d'selwecht bliwwen...

Do muss ech lech leider widdersprieche: Wann een déi Zuele ganz genee kuckt, da gesäit een: do si Veräiner, déi hunn näischt kritt dëst Joer, well si keng Demande eraginn hunn.

Wann ech deenen elo géing hir selwecht Zuelen asetze wéi d'lescht Joer, da kommen ech trotzdem op méi en héije Montant vun 1.665 Euro, déi méi ausbezuelt gi wieren am Kuch.





Dat heescht, de Kuch wier gewuess ëm déi 1.665 Euro, wann déi all hir Montante kritt hätte vum leschte Joer.

Duerch déi, déi dat net ugefrot hunn, ass jo dunn e gutt Stéck vum Kuch fräi ginn, wat anescht verdeelt ginn ass, an zwar esou verdeelt ginn, datt elo de Kuch manner grouss ass, mä et ass net richteg, datt am Fong de Kuch u sech d'selwecht bliwwen ass. E wier méi grouss gi wa jidderee seng Demande eraginn hätt.

Mä wann dir mir vläit kéint soe firwat d'Motosfrënn d'Kategorie wiesselen, dat géing mech schonns interesséieren, well all Veräin freet sech dat och elo. Wann elo e Scoutsveräin an enger – soe mer mol – favorabeler Kategorie ass vu Scouten, wou jo da gesot gëtt, déi kréien 2.000 Euro, da kann een diskutéieren, firwat sinn déi do plafonéiert an net anescht? Mä wann déi elo gesinn, dass een op ee Mol kann ëmklasséiert ginn an d'Loisiren, da kéint et eis och virkommen, datt mir dee Plafong net méi kréien. Duerfir wier et scho gutt, eis kënnen ze erklären: firwat wiesselt e Veräin einfach esou d'Kategorie? Merci.

Loris Spina (LSAP – Schäffen): De Kuch ass dee selwechte bliwwen.

Wann elo déi Veräiner sech gemellt hätten, dann hätten aner Veräiner elo manner kritt.

Dat heescht, da wier do eng Upassung gewiescht, wat d'Formule ubelaangt.

An d'Motosfrënn, dat war mat hinnen am Fong an deem Sënn esou ofgemaacht, well wa si hir Memberen, alleguerten déi, déi aktiv sinn, mellen an si géife gehandhaabt gi wéi e Sportsveräin, da géifen och si op e Montant kommen, deen net géing passe par rapport zu hiren Aktivitéiten.

Mir hunn dat mat hinnen esou ofgemaach, mir géingen si an déi dote Kategorie huelen, wou si op ë Chiffer géinge kommen, deen awer elo den Aktivitéiten an deem Veräin ugepasst wär an deem Sënn.

Voilà, et ass elo net, datt, wéi d'Beispill dat Dir gesot hutt, d'Scouten elo géingen an de Loisir falen. Also dee Risiko ass éischter null.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gutt, da géife mer zum Vote iwwergoen.

**Ween ass mat deene Subsides ordinaires an Héicht vun 54.660 Euro averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP. Wien ass dogéint? Keen. Wien enthält sech? Dat sinn d'Stëmme vun der CSV an Déi Gréng.**

Da gi mir weider op de Subside extraordinaire: 50 Euro un d'Pompjeesfederatioun fir hire 50sten Anniversaire.

**Wien ass mat deem Subside extraordinaire averstanen? Dat ass unanime.**

## 9. GENEHMEGUNG VUN ENGER ÄNNERUNG AM AARBECHTSGRUPP "PROMOTIOUN VOM GESCHÄFTSZENTRUM"

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Punkt gëtt et ëm eng Propositioun fir e Changement, nämlech d'Ersetze vun der Madame Esther Erang, déi ëmmer Presidentin war vum Geschäftsverband, déi an der leschter Generalversammlung d'Decisioun geholl huet, ze démissionéieren, och als Presidentin, an eis och matgedeelt huet, datt si aus deem Groupe de Travail, dee mir ëmmer hunn tëschent dem Schäfferot an dem Geschäftsverband och wéilt eraustrieden.

De Geschäftsverband proposéiert hei de Georges Waringo fir do rëm d'Ronn vollzähleg ze maachen.

**Ass de Gemengerot mat der Propositioun respektiv Nominatioun averstanen? Dat ass unanime.** Merci.



## 10. PERSONAL: KREATIOUN VUN 2 POSTE MAT DEM TITEL AGENT ADMINISTRATIF AN DER CARRIÈRE D ËNNERT DEM STATUT VUM GEMENGENEMPLOYÉ FIR 40 STONNEN D'WOCH AN OP ENG ONBEGRENZTEN DAUER FIR D'SERVICER STRUCTURES D'ACCUEIL, ENSEIGNEMENT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer eriwwer zum Personal éier mer op den Huis-clos eriwwer ginn. Et ass am Fong d'Kreatioun vun zwee Posten d'Agents administratifs an der Carrière D ënnert dem Statut vum Employé communal, 40 Stonnen d'Woch an dat ab dem 1. Juli 2016.

D'Kreatioun vun dësen zwee Poste schreift sech an och an déi Diskussioun, déi mer hate wat déi zukënfteg Fonctionnement an d'Ausriichtung vun der Maison-relais um Niveau vun der Administratioun ugeet, dass mer am Fong de Service par rapport zu den neien Ausriichtungen, déi den Service kritt, respektiv déi Zuel vun de Kanner, déi an der Maison-relais sinn, net ofhëlt mä ëmmer weider zouhëlt.

Et ass de selwechte Corollaire och par rapport eben zum edukative Personal, wou mir astellen. Mir hate jo am informelle Gemengerot d'Méiglechkeet in extenso, iwwert déi verschidden Etappen ze schwätzen.

Dat heiten schreift sech an d'Kontinuitéit an, fir eben de Service hei am Haus esou opzestocken duerch zwee zousätzlech Poste fir datt d'Direktioun an de Service déi Aarbecht och mëttel- a laangfristeg ka meeschtere, well jo och eng Rei nei Strukturen op Diddeleng kommen, datt mir do och an deem Sënn gutt opgestallt sinn. Dat als Erklärungen zu deenen zwee Posten.

**Ass de Gemengerot mat där Kreatioun averstanen? Dat ass unanime.** Merci fir d'Zoustëmmung.

Ufank vum Huis clos.




myenergy
Partenaire pour une transition
énergétique durable

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures
Département de l'environnement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

AVIS

# PROTECTION CONTRE LE BRUIT

Le collège des bourgmestre et échevins rappelle le règlement communal du 12.11.2010 relatif à la protection contre le bruit :

**Art. 3 REPOS NOCTURNE**

Il est interdit de troubler le repos nocturne de quelques manières que ce soit. A part certains cas exceptionnels, de force majeure ou d'utilité publique, le respect du repos nocturne entre 22h00 du soir et 7h00 du matin est obligatoire. Il est donc interdit d'effectuer des travaux domestiques pendant cette période de la journée.

**Art. 7 PÉTARDS ET AUTRES OBJETS DÉTONANTS SIMILAIRES**

Sur le territoire de la ville de Dudelange il est défendu de faire usage de pétards et d'autres objets détonants similaires à l'intérieur de l'agglomération ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération.

**Art. 8 JARDINAGE ET BRICOLAGE**

Il est **interdit d'effectuer des travaux de jardinage et de bricolage**, à l'intérieur de l'agglomération ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération, **aux heures suivantes**:

- **les jours ouvrables avant 8h00 et après 20h00**
- **les samedis avant 8h00, entre 12h00 et 14h00 et après 18h00**
- **les dimanches et jours fériés avant 10h00 et après 12h00**

Ces interdictions concernent les engins et machines bruyants, à savoir : tondeuses à gazon, motoculteurs, tronçonneuses et autres engins semblables.

Par ailleurs le règlement s'applique aux travaux réalisés par des particuliers à des fins non-professionnelles, sur des propriétés privées, dans des appartements privés situés dans un immeuble ou dans un groupe d'immeubles d'habitation. Les machines visées sont les bétonneuses, scies mécaniques, perceuses, raboteuses, ponceuses et outils semblables, ainsi que les machines bruyantes suite à leur âge, usure ou mauvais entretien.

**Art. 14 ANIMAUX**

Les propriétaires ou gardiens d'animaux sont tenus de prendre des dispositions nécessaires pour éviter que ces animaux ne troublent la tranquillité publique ou le repos des habitants par des aboiements, des hurlements ou des cris répétés.

Le collège des bourgmestre et échevins
Dan Biancalana, bourgmestre
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, échevins

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1 /// ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu

MITTEILUNG

# LÄRMSCHUTZREGLEMENT

Das Schöffenkollegium erinnert an das kommunale Lärmschutz-reglement vom 12.11.2010:

**Art 3. NACHTRUHE**
Es ist verboten die Nachtruhe zu stören. Von einigen Ausnahmen abgesehen, so wie höhere Gewalt oder Gemeinnützigkeit, muss die Nachtruhe zwischen 22 Uhr nachts und 7 Uhr morgens strikt respektiert werden. In dieser Zeitspanne dürfen keine häuslichen Arbeiten verrichtet werden.

**Art 7. KNALLFRÖSCHE UND FEUERWERKSKÖRPER**
Die Benutzung von Knallfröschen und Feuerwerkskörpern ist auf dem Gebiet der Stadt Düdelingen, sowie weniger als 100 Meter von den Behausungen entfernt, nicht erlaubt.

**Art 8. GARTEN- UND HEIMWERKERARBEITEN**
**Garten- und Heimwerkerarbeiten sind** im Ortsinnern sowie auf einer Distanz von 100 Metern zum Ortsinnern, **zu folgenden Zeiten verboten**:

- **an Arbeitstagen: vor 8 Uhr morgens und nach 20 Uhr abends,**
- **an Samstagen: vor 8 Uhr morgens, zwischen 12 Uhr und 14 Uhr und nach 18 Uhr**
- **an Sonn-und Feiertagen: vor 10 Uhr morgens und nach 12 Uhr**

Diese Verbote betreffen Rasenmäher, Motorsägen, Laubbläser, und andere geräuschvolle Maschinen.

Darüber hinaus gilt dieses Verbot auch für die Arbeiten die von Privatpersonen zu nichtberuflichen Zwecken ausgeführt werden, auf Privatgrundstücken sowie Privatwohnungen, in Wohnungs-gebäuden oder in Wohnsiedlungen. Die betreffenden Maschinen sind Betonmaschinen, Sägen, Bohrer, Hobel und ähnliche Geräte, ausserdem Maschinen die Lärm verursachen aufgrund ihres Alters, Verschleiss oder schlechten Unterhalts.

**Art 14. TIERE**
Tierhalter oder Tierhüter sind gebeten die nötigen Vorkehrungen zu treffen damit die Tiere die öffentliche Ruhe und die Einwohner nicht durch Bellen oder Heulen stören.

Das Schöffenkollegium
Dan Biancalana, Bürgermeister
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, Schöffen

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 51 61 21-1 /// ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu



#
sunday
ride

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu

/villededudelange @villedudelange

